# INFO BLAT

°07 22

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 28. SEPTEMBER 2022



Actualités Annuaire Contactez-nous Développement urbain DIFFMAG Emplois Events Formulaires Revue de presse FR / EN / DE

Ville de Differdange

Differdange et vous Démarches Services communaux Vie politique

# Conseil communal du 17 mai 2023

**Conseillers présents**

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)
Tom Ulveling (1er échevin, CSV)
Laura Pregno (échevine, déi gréng)
Robert Mangen (échevin, CSV)
Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)
Georges Liesch (déi gréng)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO BLAT 07 22**

**COMPTE-RENDU DU 28 SEPTEMBRE 2022**

4-46

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 03/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 28 SEPTEMBRE 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège échevinal.**
2. **Plan d’aménagement général et projets d’aménagement particuliers :**
   a. Demande de morcèlement de terrains dans la montée du Wangert à Differdange ;
   b. Demande de morcèlement de terrains dans la rue John-F.-Kennedy à Differdange ;
   c. Demande de morcèlement de terrains dans la rue des Fours/route de Belvaux à Oberkorn ;
   d. Demande de morcèlement de terrains dans l’avenue Charlotte à Differdange.
3. **Finances communales :**
   a. Première modification ordinaire de l’exercice 2022 ;
   b. Diverses augmentations/diminutions de crédits extraordinaires.
4. **Déifferdeng, eng Stad hëlleft : projets et actions soutenus en 2022.**
5. **Enseignement fondamental : changements d’affectation au cours de l’année scolaire.**
6. **Office social de Differdange : compte de l’exercice 2020.**
7. **Affaires de personnel : protocole d’accord en vue du renouvèlement de la convention collective de travail des communes du Sud pour la période du 1er janvier 2022 au 31 décembre 2024.**
8. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié d’échange rural suivant la loi modifiée du 25 mai 1964 concernant le remembrement des biens ruraux de deux parcelles aux lieudits rue du Cimetière et Im Doihl à Niederkorn ;
   b. Convention portant sur la cession de la partie ouest du lot de chasse no 566 ;
   c. Convention conclue avec la société Sapore del Sole SA portant sur la mise à disposition d’un terrain situé devant l’immeuble sis à Differdange, 19 rue du Chemin-de-Fer ;
   d. Convention signée avec la société ClimateView visant à accélérer la transition climatique dans le cadre de la mission européenne 100 climate-neutral and smart cities by 2030 ;
   e. Convention conclue avec la société Survcoin SA-SIS portant sur les modalités de collaboration en vue de la réalisation du projet-pilote MobiDiff ;
   f. Troisième convention relative à la Cellule nationale d’information pour la politique urbaine (CIPU) ;
   g. Contrat de bail et avenant pour des ateliers d’artistes à Lasauvage ;
   h. Contrat de bail avec un particulier portant sur l’exploitation d’un jardin.
9. **Autorisation d’ester en justice accordée au collège échevinal pour entamer une procédure en matière d’occupation sans droit ni titre.**
10. **Droit de préemption portant sur une partie de parcelle d’une contenance de 15,38 a située au lieudit rue Belair à Oberkorn.**
11. **Règlements communaux :**
    a. Adaptation des tarifs de médecine scolaire ;
    b. Règlements temporaires de circulation.
12. **Changements au sein des commissions consultatives.**
13. **Questions.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la première séance après les grandes vacances. Elle annonce qu'elle quittera la réunion plus tôt, car c'est la journée des ambassadeurs.*

*Monsieur Muller, monsieur Hobscheit et monsieur Meisch ont annoncé des questions.*

*La rentrée scolaire s'est plutôt bien passée. Elle souligne le succès de la prérentrée, dans le cadre de laquelle les parents ont pu accompagner les enfants à l'intérieur de l'école.*

*Pour des raisons de sécurité, les parents ne peuvent plus entrer dans les établissements sans autorisation. Les rendez-vous permettent de savoir qui se trouve dans le bâtiment. Comme Christiane Brassel-Rausch l'a expliqué précédemment, les parents pouvaient accompagner les enfants à l'école pendant les deux premiers jours et en maison relais pendant les deux premières semaines. Cela a engendré quelques discussions.*

*Plusieurs parents ont emmené leurs enfants en maison relais sans inscription, car la maison relais est devenue gratuite. Or l'agrément ministériel limite le nombre de places disponibles par maison relais. La commune a clairement informé les parents au préalable. Le ROI fixe également une liste des priorités. Mais les incertitudes ont causé quelques conflits.*

*Le cahier électronique annoncé par le ministère n'est pas encore disponible. Cela a aussi occasionné des discussions. Pour le moment, Differdange utilise le cahier normal, dans lequel toutes les infos sont écrites.*

*Madame Marilena Falbo remplace monsieur Bauler au sein de la commission scolaire.*

*Christiane Brassel-Rausch annonce que demain matin à 9 h aura lieu une conférence de presse concernant le plan local de sécurité en présence du ministre et de la direction de la police. Les conseillers communaux recevront le dossier.*

*La bourgmestre suggère aux conseillers communaux d'aller voir le spectacle* Terre ferme *au Lommelshaff.*

*Le prix de l'eau sera adapté à partir du 1er janvier.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären. Ech si frou Iech haut, den 28. September 2022, fir eisen éischte Gemengerot no der grousser Vakanz begréissen ze dierfen. Mir hunn e bëssen éischter ugefaangen, well haut och d'Journée des Ambassadeurs ass. Dat heescht, ech wäert mech herno kuerz aus dem Gemengerot verabschiden, fir d'Ambassadeuren ze empfänken, kommen awer erëm. Dofir géif ech soen, mir rappen direkt u mat eise Kommunikatiounen.

Wann nach Froen unzemelle sinn, da sot mer dat, wannechgelift. Den Här Muller huet eng Fro, den Här Hobscheit, den Här Meisch. Wéi ëmmer huele mer d'Froen um Enn vun der Séance publique. Ech soen Iech villmools Merci.

De Spuerplang hu mer scho kommunizéiert. Ech hoffen, Dir hutt deen alleguer kritt.

Wat d'Rentrée an de Schoulen an an de Maison-relaisen ugeet, dat ass am grousse Ganze gutt verlaf. Wat sech als gutt erausgestallt huet, dat ass déi Prérentrée. Dat heescht, dass d'Eltere mat de Kanner a virun allem mat deene méi klenge Kanner, dierfen an d'Schoul, also ier d'Schoul ufänkt, erakommen.

E klengen Hick gouf et op engem Site, well, Dir wësst jo, mir hunn en neien ROI, dass d'Elteren net méi onugemellt dierfen an d'Schoul goen, aus Sécherheetsgrënn. Dat heescht net, dass en Elterendeel oder e Betreier den Zougang gespaart kritt, et geet elo op Rendez-vous, dass d'Leit wëssen, wien am Gebai ass.

Wéi gesot, am Ufank, déi éischt zwee Deeg dierfe se mat deene Klenge kommen. An an de Maison-relaisen sinn et déi zwou éischt Wochen. An d'Maison-relaisen däerfen d'Elteren eran, fir hëllefen unzedoen an esou. Do waren e puer Diskussiounen op Sitten. Mee am grousse Ganzen ass d'Rentrée gutt verlaf.

Dir wësst, dass d'Maison-relaisen net méi am Covid-Modus schaffen, genau wéi d'Schoulen. Wat natierlech komm ass, wat virauszegesi war, d'Eltere si komm an do ware Leit, déi waren net ageschriwwen – „et wär jo elo schliisslech gratis" an „et hätt een d'Recht drop". An Dir wësst ganz genau, dass mir am ROI Chaisen, Agreementsplazen hunn, mir däerfen net iwwert déi Zuel erausgoen. Natierlech koum et zu Mëssverständnisser, obwuel mir als Gemeng eng ganz detailléiert Kommunikatioun op eise Sitten haten, fir ze informéieren, wéi d'Kanner erausgesicht sinn, déi an der Maison relais ageschriwwe sinn a wien d'Recht huet. Et gëtt den ROI, do ass jo eng Prioritéitelëscht, déi gëtt ugewannt. Dat huet op verschiddene Sitten e bëssen zu Konflikter gefouert.

Dann ass dat E-Bichelchen, wat leider grouss ugekënnegt ginn ass vum Ministère, an awer um Terrain net do ass. Wat och eng gewëssen Onrou erëm um Terrain ausgeléist huet. Wou mer elo mat der Direktioun an der Schoulkommissioun soten, mir halen eis elo un dat ganz normaalt Bichelchen, wat all Kand vun der Gemeng kritt op all Site. Do gëtt de Moment alles ageschriwwen, bis dat anert da wierklech fonctionnel um Terrain ass.

D'Madamm Marilena Falbo ersetzt den Här Bauler – do komme mer méi spéit nach eng Kéier drop zréck – bei de Kommissiounen an der Schoulkommissioun. Dat wier alles zu der Schoulrentrée an der Maison-relais-Rentrée.

De Spuerplang hunn ech Iech gesot.

Ganz wichteg, wollt ech Iech nach soen: Muer um 9 Auer ass eng offiziell Pressekonferenz mam Här Minister, mat der Direktioun vun der Police, mat allen Acteuren, déi un eisem berüümte Plan locale de sécurité, PLS, matgeschafft hunn. Dir kritt natierlech alleguerten den Dossier zoukomme gelooss iwwert de Plan local.

Esch2022: Terre ferme am Lommelshaff, den Här Ulveling wäert et widderhuelen, gitt et kucken. Et ass derwäert. Et ass eng super flott Aarbecht, wat do geleescht ginn ass. Gëschter war Première.

Dann nach d'Waasserpräisser. Mir hunn d'Approbatioun vum Inneministère erëmkritt a géifen deen ab den 1. Januar applizéieren.

Domadder géif ech d'Wuert dann un den Här Ulveling weiderginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Esch 2022: Dëse Mount si mer am Point de mire. Dat Stéck Terre ferme am Lommelshaff ass wierklech kuckenswäert. Ech géif jiddwerengem roden, dat kucken ze goen.

Wichteg ass, all Bierger kritt en Entréesticket offréiert. Dee muss een ufroen an eisem Stadhaus, da kann een eng Manifestatioun kucke goen, wéi eng ee wëll.

Da wëll ech Iech informéieren, et war eng falsch Informatioun an enger Zeitung, déi awer elo erëm riichtgebéit ginn ass. Et ass virgesinn, wärend dem Chrëschtmaart eng Konschtschlittschungsbunn ze installéieren. Dat verbraucht kee Stroum. Do wäerte mer esou ëm déi 20.000 Euro aspueren.

Op d'Invitatioun vun der Gemeng war eng Delegatioun vun dräi Leit op Mira, déi eng zwee, déi aner een Dag dohinner. Mir hunn do d'Méiglechkeet vun engem Jumelage ausgelot. Wëssend, dass mer leider zënter iwwer engem Joer keng Noriichte méi krute vun eiser Partnerschaft mat Chaves. Et sinn e puer Bréiwer geschéckt ginn, wou mer ni eng Äntwert kritt hunn. Leit aus eise Servicer hunn ugeruff, si krute gesot Chaves hätt elo en neie Buergermeeschter an dee géif déi ganz Jumelage-Geschicht ganz anescht gesinn. Bref, mir wëssen am Fong net, wou mer mat Chaves dru sinn. Dofir ware mer emol op Mira kucken, wat déi sech dorënner virstellen.

D'Mathendahl-Schoul wäert färdeggestallt ginn, wat jo mol eng gutt Nouvelle ass.

Mir sinn amgaangen, eng Étude de faisabilité ze maache fir en neie Schoulcampus am ale Spidol zu Déifferdeng. Fir ze kucken, ob een do kann aus deem ale Serviorsgebai vläicht eng Maison relais mat Schoul maachen. En temps utile wäerte mer all déi néideg Dokumenter hei zur Sprooch bréngen.

D'Toiletten zu Lasauvage bei der Kierch si geschwë färdeg gebaut. Do gouf eng Versioun light gemaach vun deem, wat mer hei gestëmmt haten. Soudass mer do e ganze Koup Sue wäerte spueren.

De Parking Servior ass an der Maach. Dee wäert an engem bis annerhallwem Mount färdeg sinn, soudass déi Leit, déi do anzéien, respektiv d'Personal e Parking hunn.

Kuerz no der Vakanz gëtt dat baufällegt aalt Gäertnerhaus an der Rue de l'Hôpital ofgerappt. Esou wär déi Plaz emol ofgeséchert.

Dat war alles vu menge Kommunikatiounen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ulveling. Den Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'Seniorefest, also d'Chrëschtfeier, wäert Enn dëses Joers, bedéngt duerch déi nach onsécher Gesondheetssituatioun, net duerchgefouert ginn. Si gëtt op d'nächst Joer verluecht, am Fréijoer, wann d'Wiederbedéngunge besser sinn.

Par contre gesäit de Service Senior eng Chrëschtfeier vir fir eeler Leit, déi iwwert d'Feierdeeg eleng sinn. Dat wäerte schätzungsweis esou ëm déi 50 bis 60 Leit sinn, wou mer do eppes organiséieren, kuerz virun de Feierdeeg.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Mangen. Dir kënnt elo vläicht soen, ech wier onhéiflech, ech hat virdru vergiess, Iech ze invitéiere fir de PLS. Fir déi Leit, déi interesséiert sinn un der Pressekonferenz, kënnt Der deelhuelen. Dat ass um 9 Auer muer de Moien am Ale Stadhaus.

Natierlech sidd Der och invitéiert, no eisem Conseil de Moien, mat op

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que ce mois est le mois de Differdange à Esch2022. Il conseille à son tour de ne pas manquer Terre ferme. Chaque citoyen a droit à un ticket gratuit qu'il peut demander à l'Aalt Stadhaus.*
*Contrairement à ce qui a été reporté dans un journal, une piste de patinage sera bien installée au marché de Noël. Mais elle sera artificielle et ne consommera pas d'énergie. La commune économisera 20 000 €.*
*Une délégation de Mira est venue à Differdange pour discuter d'un jumelage. Depuis deux ans, Differdange n'a plus reçu de nouvelles de Chaves, qui n'a pas répondu aux dernières lettres. Apparemment, le nouveau bourgmestre voit les choses différemment concernant les jumelages. C'est pourquoi Differdange a contacté Mira.*
*Le chantier de l'école du Mathendahl touche à sa fin.*
*Le collège échevinal étudie la possibilité d'aménager un campus scolaire dans l'ancien hôpital de Differdange.*
*Les toilettes de Lasauvage sont installées. Elles ont couté moins cher que prévu.*
*Le parking de Servior sera fini dans un mois et demi.*
*Après les vacances, l'ancienne maison du jardinier sera démolie.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique que la fête de Noël pour les séniors n'aura pas lieu à cause de la situation sanitaire. Une fête aura lieu au printemps. En revanche, une fête de Noël est prévue pour les séniors seuls. Il devrait y en avoir cinquante ou soixante.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *vient de remarquer qu'elle a oublié d'inviter le conseil communal à la conférence de presse portant sur le plan local de sécurité. Elle aura lieu demain matin à 9 h à l'Aalt Stadhaus.*

*Le conseil communal est également le bienvenu à la Journée des ambassadeurs aujourd'hui. À 12 h 20, le conseil communal et le collège échevinal sont invités à boire un verre au Lommelshaff. Christiane Brassel-Rausch s'excuse d'avoir oublié de donner ces informations tout à l'heure.*
*Christiane Brassel-Rausch passe au PAG et aux PAP. Elle propose de soumettre les points a, b et d au vote ensemble. Le point c sera traité à part.*
*Elle cède la parole à monsieur De Sousa.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *présentera les quatre points ensemble.*
*Le morcèlement du Wangert figurait à l'ordre du jour la dernière fois, mais il manquait un document. La maison 44a est un peu plus haute que prévu. Le voisin du 44 se plaint que celui-ci aurait construit le mur sur son terrain. Le cadastre a finalement découvert qu'une partie de la maison se trouve dans le jardin du numéro 46. Cette situation doit être régularisée.*
*Le collège échevinal en profite pour proposer le morcèlement de deux lots au Wangert et au Haut-Wangert. En acquérant ces terrains, la commune pourra peut-être un jour réaliser le projet de rénovation de la rue.*
*Dans la rue J.-F.-Kennedy, une parcelle de cinq ares est divisée en deux. Cela permettra au propriétaire de la maison 7 d'avoir sa propre parcelle de 86 m². Paulo De Sousa demande au conseil communal d'approuver cette demande.*
*Dans l'avenue Charlotte, il y a deux parcelles avec des bâtiments et des garages. Les sept garages recevront un numéro de parcelle pour régulariser une éventuelle future vente. Une servitude de passage est aussi prévue.*
*Paulo De Sousa passe à un morcèlement dans la route de Belvaux et la rue des Fours. La parcelle de 16 a est divisée en 5 parties. Celle en direction de la route de Belvaux sera divisée en trois lots de huit mètres carrés, de neuf mètres carrés et de dix ares. En direction de la rue des Fours, deux parcelles de trois ares*

d'Journée des Ambassadeurs ze goen. Um 12.20 Auer am Lommelshaff. Dee ganze Gemengerot mam Schäfferot ass invitéiert, fir e Patt huelen ze goen. Entschëllegt, dass ech et vergiess hat. Mee Dir sidd häerzlech invitéiert. Dofir fänke mer jo och haut extra esou fréi un.

D'Froen dann: den Här Bertinelli, den Här Muller, den Här Hobscheit an den Här Meisch.

Da géife mer zum éischte Punkt kommen, Plan d'aménagement général an de PAP, Plan d'aménagement particulier. Et geet ëm véier Punkten. A vun deene véier Punkte géif ech virschloen, der dräi zesummen ofzestëmmen. Dat wären de Punkt a, de Punkt b an de Punkt d, dass mer déi zesummen ofstëmmen. An de Punkt c, Demande de morcellement de terrain dans la rue des Fours/route de Belvaux à Oberkorn, dass mer deen extra huelen, wann Der domat averstane sidd.

Ech gesinn, mir hunn d'Averständnis. Da maache mer dat esou. An dofir géif ech dann dem Här De Sousa d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Ech wäert déi véier Demanden awer matenee presentéieren.

Zum Morcellement am Wangert, dee stoung am leschte Gemengerot um Ordre du jour, mee do hat nach en Dokument gefeelt. Hei eng kleng Virgeschicht. De Proprietär vum Haus 44A huet säin Haus e bësse méi héich gebaut wéi virgesinn. A säin Noper, d'Nummer 44, dat gesitt Der gutt op de Pläng, reklaméiert, datt hie seng Mauer op säin Terrain gebaut huet.

Dunn hu se de Kadaster geruff, fir d'Limitten ze kucken. A beim Opmoossen ass festgestallt ginn, datt een Deel am Gaart vun der Nummer 46 gebaut ginn ass. Dat soll regularistéiert ginn.

Mir profitéieren heivun, fir de Virschlag ze maachen, zwou Lousen aus dem Terrain, déi an der Strooss leien, dat heescht um Wangert an um héije Wangert, ze morceléieren, fir esou d'Méiglechkeet ze hunn, déi zwou Lousen ze acqueréieren, wann de Projet vun der Strooss eng Kéier méiglech ass. De Schäfferot freet, dës Demande ze akzeptéieren.

Dann zum Morcellement an der Rue John F. Kennedy. Hei ass eng Passerelle vu ronn fënnef Ar, déi an zwee gedeelt gëtt. Momentan geet déi Parzell vum Haus Nummer 7 bis hannert d'Haus Nummer 9. An elo gëtt esou morceléiert, datt deen hannendrun eng eege Parzellnummer krit. D'Gréisst vun där neier Parzell ass ëm déi 86 Quadratmeter.

Ech hoffen, et gëtt keng Awänn, a géif Iech och bieden, dës Demande ze akzeptéieren.

Vu datt d'Madamm Buergermeeschtesch proposéiert huet, d'Punkten a, b, d zesummen ofzestëmmen, huelen ech elo fir d'éischt den d, ier ech op den c kommen.

An der Avenue Charlotte sinn zwou Parzellen, wou Gebaier a Garagë stinn. Do gëtt morceléiert. Hannenaus si siwe Garagen, déi eng eege Parzellnummer kréien. Dat ass warscheinlech och, fir eng future Vente méi einfach ze reegelen, ze regulariséieren.

Eng Servitude de passage ass och virgesinn. Do hu mir och guer keng Awänn.

Da kommen ech zum Punkt c. Éischtens hu mer d'Morcellement an der Bielesser Strooss a Rue des Fours, eng Parzell vu ronn 16 Ar, déi a fënnef agedeelt gëtt. Richtung Bielesser Strooss sinn dat dräi Parzellen, déi dohinner kommen. Dat heescht zwou klenger vun aacht an néng Meterkaree, déi herno als Trottoir warscheinlech klasséiert ginn, an eng grouss, de Lot 3, wéi op de Pläng ze gesinn, vu ronn 10 Ar.

Richtung Rue des Fours entstinn zwou Parzelle vu bal dräi Ar. Hei kéinten dann och zwee Familljenhaiser entstoen, d'Breet ass méi wéi siwe Meter, wéi et an eisem PAP virgesinn ass.

Am Dossier gesitt Der e groussen Echange vu Courrieren, déi säit der Demande stattfonnt hunn. E Promoteur hat eng Demande agereecht. No Diskussioune mat eisem Jurist hu mir de Proprietär kontaktéiert. Hien huet eis

perséinlech geschriwwen a säin Affekot och, datt de Promoteur eigentlech kee Recht huet, do iwwerhaapt ze agéieren. Dat ass den haitege Standpunkt.

Also mir hunn déi Demande erakritt. Wéi d'Madamm Buergermeeschtesch gesot huet, dës Demande ass e bëssen delikat. De Schäfferot proposéiert dem Gemengerot, dës Demande net ze akzeptéieren, well d'Demande kënnt eeben net vum Proprietär, mee vun engem Promoteur, deen angeeblech Droit de signature huet. Awer do hu mir guer keng Dokumenter an dowéinst proposéiere mir, déi Demande ze refuséieren.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Mir hätten eng Fro zu deem leschte Punkt, dem Punkt c. Ech mengen, déi Prozedur, dat musse mer esou akzeptéieren. Dir hutt Iech jo juristesch och informéiert. Wat mer awer wollte wëssen: Et si jo elo dräi Parzelle ginn, an da froe mer, oder wësst Dir do eppes méi, dass dat Haus, dat ass jo wierklech e grousst Haus, Eefamilljenhaus, schonn e Bungalow, dass dat Haus kéint stoe bleiwen, sou telle quelle? Ass dat esou virgesinn op deem Terrain vun 10 Ar? Oder ass do eppes anescht virgesinn? Ass do guer näischt bekannt op der Gemeng?

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Dee Promoteur huet eis schonn e puer Saachen erageschéckt. An deem Plang kënnt d'Haus ewech. Awer dat war dee Promoteur, deen, laut dem Proprietär, net méi d'Recht huet oder guer kee Recht huet. Wéi dat ass, dat ass nach net gekläert. Mee deen hat do eppes aneschters virgesinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Moien. Et ass schonn erstaunlech, datt ee kann e Morcellement ufroe vun engem Terrain, wou ee guer net Proprietär ass. En plus ass nach eng Geriichtsprozedur en cours. Dofir ralliéiere mir eis Ärer Propos, fir de Punkt c net matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Den éischte Vott ass elo vun de Punkten a, b, an d. Duerno en zweete Vott iwwert den c.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le morcèlement de terrains dans la montée du Wangert à Differdange.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcèlement de terrains dans la rue John-F.-Kennedy à Differdange.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcèlement de terrains dans l'avenue Charlotte à Differdange.*

Villmools merci. Elo den zweete Vott iwwert de Punkt 2c, Morcellement Rue des Fours/Route de Belvaux. Do proposéiere mer, dat Morcellement net matzedroen.

*seront créées pour y accueillir deux maisons unifamiliales.*
*Cette demande, introduite par un promoteur, a engendré un échange de courriers. En effet, d'après le propriétaire et son avocat, le promoteur n'a pas le droit d'intervenir sur ce terrain. C'est pourquoi le collège échevinal propose de ne pas tenir compte de la demande. La commune ne dispose d'aucun document prouvant que le promoteur jouit d'un droit de signature.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *accepte la procédure proposée par le collège échevinal, qui a demandé l'avis d'un juriste.*
*En ce qui concerne la grande maison — on pourrait parler d'un bungalow —, peut-elle vraiment être laissée telle quelle su un terrain de dix ares ?*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *répond que le promoteur entend démolir la maison. Mais d'après le propriétaire, le promoteur ne dispose d'aucun droit. La question n'est pas encore réglée.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *s'étonne que l'on puisse demander le morcèlement d'un terrain dont on n'est pas propriétaire. L'affaire étant portée devant les tribunaux, le DP se rallie à la position du collège échevinal.*
*(Votes)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux finances communales — et plus précisément à la modification de l'exercice ordinaire 2022 et l'adaptation des crédits extraordinaires. Les conseillers communaux disposent du tableau avec les chiffres.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a plusieurs questions et va commencer par l'exercice ordinaire.*
*À quoi est dû le dépassement de 78 000 € pour le Blues Express ?*
*Le projet artistique de Josy Stoffel est réussi, mais il n'a jamais été présenté au conseil communal. Pourquoi ?*
*L'allocation de vie chère augmente de 200 000 €. Compte tenu de la situation actuelle, il est évident qu'il faut soutenir les gens. Il est pertinent de hausser ce montant.*
*Le budget du carburant augmente de 100 000 €, ce qui est compréhensible.*
*Ces augmentations devraient être compensées par des revenus additionnels de 310 000 €. C'est ce qui permet d'équilibrer le budget.*
*Erny Muller rappelle que les socialistes n'ont pas approuvé le budget. Comme il reste des questions, ils s'abstiendront lors du vote des adaptations.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que le Blues Express a couté quelque 130 000 € de plus que prévu. L'explosion des frais n'est pas due aux artistes, mais au matériel qu'il a fallu louer.*
*Pour Tom Ulveling, le moment est venu de voir jusqu'où la commune est disposée à aller. En effet, le Blues Express coute désormais près de 350 000 €.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *revient sur l'allocation de solidarité. Pour le moment, l'office social a reçu 960 demandes. Robert Mangen estime que d'autres demandes arriveront avant la fin de l'année.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité de ne pas approuver la demande de morcèlement de terrains dans la rue des Fours/route de Belvaux à Oberkorn.*

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 3, Finances communales. Do géif ech och virschloen, zwee Votten ze huelen. Eng Kéier iwwert d'Modification ordinaire vum Exercice 2022, an en zweete Vott iwwert d'Augmentation oder d'Diminution vun de Crédit-extraordinairen.

Et ass eng Prozedur „alle Jahre wieder. " Dir hutt den Tablo kritt. Mir bleiwen am Plus mat de Chifferen, de Budget en cours leit an deem Sënn net drënner, well mer u sech Dépenses en moins hunn. An da géif ech, wa Froe sinn …

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir hätten e puer Froen. Ech géif mam Ordinären ufänken, haaptsächlech de Montant vun 78.000 Euro vum Blues Express: Firwat deen Depassement? Wat huet dee bewierkt?

An dann den Urban-Art-Projet Logo Josy Stoffel hei vis-à-vis. Wat gutt gelongen ass, muss ech soen. Mee ech ka mech weeder erënneren, dass mer de Projet hei am Gemengerot gesinn hunn, nach de Posten hei gestëmmt hunn. Dofir wollt ech emol froen, wéi sech dat verhält.

Wat déi aner zwee Montanten ubelaangt, vun 200.000 Euro fir d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère – ech mengen, mir wëssen alleguer, wat momentan lass ass an et gëtt bestëmmt eng ganz Partie Leit, déi elo ënner d'Äerm gegraff musse kréien. Duerfir kënne mer och gutt verstoen, dass mer elo dee Chiffer nach e bëssen héije fir de Moment, dass de Betrag herno duergeet.

Och beim Carburant, dat ass dee selwechte Grond: Eis Müllween an esou weider mussen erausfueren. Och do ass dat verständlech, dass déi 100.000 Euro kommen.

Op där enger Säit gëtt e bëssen agespuert, awer mir maachen den Equiliber mat deenen 310.000 Euro ronn, wou mer eis dann erwaarden, dass mer déi un zousätzleche Recettë kréien. Wat Recettë sinn, déi am Fong nach aussti par rapport zum Budget.

Dat war et, wat mer wollte soen. Doriwwer gëtt dat och equilibréiert. Mir wollten awer och soen, vu dass mer jo de Budget net gestëmmt haten, dass mer hei wuel de Sënn agesi vun enger Partie méi Depensen. An et stinn awer och nach eng Partie Froen op, dass mir eis bei dëser Modifikatioun enthalen als LSAP. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll dem Här Muller eng Explikatioun ginn zum Blues Express. Dat huet effektiv dëst Joer bal 130.000 Euro méi kascht. An dat kënnt derduerch, dass déi Firmen – also, et ass net duerch d'Artisten, mee et sinn all déi Saachen, déi mer gelount hu fir d'Akustik an esou weider. Dofir ass dee Montant esou explodéiert dëst Joer. Ech mengen, do muss ee sech eng Kéier iwwerleeën, wéi een dat soll weidermaachen. Wa mer elo scho bei 300.000 Euro oder scho bal bei 350.000 sinn, muss ee kucken, wéi wäit ee gewëllt ass nach ze goen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Zu der Allocation de solidarité, Här Muller, Dir hutt do scho richteg gesinn. Mir hu bis elo Demandë vun 960 Leit. Dat ass deen Niveau, dee mer elo schonn erreecht hunn. An d'Joer ass nach net eriwwer. Et ass unzehuelen, datt nach méi Demanden erakomme wäerten. Mir haten hei 1,4 Millioune

fir d'Allocatioun votéiert. Déi si bal ausbezuelt. Dofir hu mer de Montant agesat. Warscheinlech wäert dat nach net duergoen, soudatt mer nach eng Kéier musse vläicht nostëmmen. Mee do muss ee kucken, wéi dat am Laf vun deenen nächste Méint elo weidergeet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mer déi Chifferen ugekuckt. 10.000 Euro spuere mer, well mer keng Arrivée vum Tour de Luxembourg hunn. Ech mengen, dat ass jo am Fong geholl keen Erspuernis. Eis deet et leed, dass mer als City du sport esou een Event wéi eng Arrivée vum Tour de Luxembourg, wat awer fir eis Populatioun e flott Evenement ass, wat och ëmmer relativ vill Leit ugezunn huet, dass mer keng Arrivée méi hunn.

Wëssend, dass wa mer dat eng Kéier net méi am Programm hunn, dass dat erëm e puer Joer dauert, ier mer esou eng Arrivée kréien. Et ass schued, dass mer déi net méi derbäi hunn. Ech weess zwar net firwat, mee hu mer warscheinlech net gemaach, fir 10.000 Euro ze spueren.

Déi aner Saach, ginn ech dem Här Ulveling ganz Recht, wann de Blues Express esou vill méi deier gëtt, zemools wéi mer dëst Joer gesinn et och nach manner Leit unzitt, ass et wierklech derwäert, fir sech doriwwer Gedanken ze maachen, wéi een do d'Zukunft gesäit. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Den Här Ulveling freet d'Wuert nach eng Kéier.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech hu vergiess, dem Här Muller ze äntweren. Dir hutt gesot, Dir hätt - näischt vum Urban-Art-Projet gewosst. Natierlech ware Kreditter virgesinn am Kader vum Urban-Art-Projet. An dat ass ee Kredit, deen op de Josy Stoffel ofbezuelt ginn ass. D'Kulturkommissioun hëlt sech deene Projeten un a schléit och vir, wou ee wat soll maachen. Dat kënnt net ëmmer extra an de Gemengerot.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Et wonnert mech e bëssen, well normalerweis gi fir d'éischt Devise gestëmmt an da ginn d'Projeten ausgefouert. Sou mengen ech emol, dass een et sollt handhaben. Mee bon, Dir hutt Är Erklärung elo ginn. Dass mer awer näischt woussten dovun, dat stëmmt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Pour répondre à monsieur Altmeisch concernant le Tour de Luxembourg. Le Tour de Luxembourg est prévu. Nous avons des pourparlers pour faire l'arrivée à Differdange, mais ils ont choisi Schifflange cette année. L'année prochaine, il est prévu de revenir à Differdange.

Ce sont les organisations de toutes les villes qui ont voulu faire l'arrivée, qui ont choisi Schifflange cette année. Mais l'année prochaine, des réunions sont déjà prévues pour le faire à Differdange. Pour 2023.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

*Or le budget de 1,4 million d'euros est presque épuisé. C'est pourquoi il a fallu l'augmenter et il est probable que ce ne sera pas la dernière fois.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que la commune économisera 10 000 €, car le Tour de Luxembourg ne prévoit pas d'arrivée à Differdange. Il regrette qu'une ville du sport comme Differdange ne puisse pas proposer un évènement chouette comme celui-ci à sa population. En plus, une fois l'évènement retiré du programme, il ne sera pas évident de l'y réintégrer.*
*En plus, Guy Altmeisch suppose que l'évènement n'a pas été annulé pour épargner 10 000 €.*
*En ce qui concerne le Blues Express, il donne raison à monsieur Ulveling. Le festival attire moins de monde tout en devenant plus cher. Il faut réfléchir à son futur.*

**TOM ULVELING (CSV)** *s'étonne que monsieur Muller n'ait pas été au courant du projet d'urban art, car des fonds avaient été prévus. C'est comme cela que Josy Stoffel a été payé. La commission culturelle choisit les projets.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *croyait qu'il fallait approuver les devis avant de réaliser les projets. Monsieur Ulveling vient de fournir des explications, mais les socialistes n'étaient pas au courant du projet.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *revient sur la question du Tour de Luxembourg. Cette année, l'arrivée aura lieu à Schifflange, mais Differdange sera de nouveau en lice l'année prochaine. Des réunions sont déjà prévues pour 2023.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *se dit rassuré, car les organisateurs du Tour du Luxembourg lui ont expliqué que Differdange n'était plus intéressée par une telle arrivée.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *estime que les gens devraient discuter des problèmes entre eux au lieu d'en parler à d'autres. En tout cas, Christiane Brassel-Rausch et monsieur Aguiar sont disposés à discuter des problèmes.*
*Christiane Brassel-Rausch demande aux conseillers communaux d'allumer leurs micros quand ils parlent pour qu'on les entende.*
*Elle passe au vote.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch (déi gréng) passe aux modifications budgétaires. Les recettes augmentent de 565 491,85 € et les dépenses de 547 900 €. Cela représente un excédent de 17 591,85 €.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *constate que madame Brassel-Rausch a présenté le tableau global.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à l'extraordinaire avec une étude de 50 000 € pour transformer l'ancien couvent en école.*
*Quatre-vingt-cinq-mille euros sont destinés au réaménagement de la rue Belair.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que le promoteur n'a pas introduit de garantie bancaire comme il aurait dû le faire. C'est pourquoi il a accordé une remise de 10 % sur chaque facture. Désormais, il demande que ces remises soient remboursées. Le collège échevinal n'avait pas prévu cette somme, car il supposait que le promoteur disposerait d'une garantie bancaire.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *pensait que les frais concernant l'ancien couvent étaient un simple transfert de fonds. Il n'a rien lu concernant une école. Il se demande par conséquent si le collège échevinal cherche un autre site pour construire une école.*
*(Interruption)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat mécht mech awer frou, dass ech dat do héieren. Well vu Leit vun der Organisatioun sinn ech gewuer ginn, dass einfach keen Interessi méi géif bestoen, fir esou eng Arrivée ze akzeptéieren oder si wieren och deementspriechend hei empfaange ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Meng Philosophie ass nach ëmmer, wa Leit Problemer mateneen hunn, solle se fir d'éischt matenee schwätzen, anstatt dat iwwer zwee an dräi a véier Leit fueren ze loossen. Dann hätte mer vill, vill Problemer manner, ënner anerem och an der Politik! Ech halen u menger Philosophie fest. A wa Problemer sinn, kënnen déi Leit sech bei mir oder beim Här Aguiar mellen. Ginn ech als konstruktiv Remark mat op de Wee.

Da géife mer elo zum Vott kommen iwwert den Ordinären. Entschëllegt, däerf ech Iech bieden, wann Der ofstëmmt, Äre Mikro unzemaachen. Et ass just eng Remark, déi ech gemaach kritt hunn, well déi Leit, déi nolauschteren, déi héieren et net, hunn ech gesot kritt. Ech géif Iech Merci soen am Viraus.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 4 abstentions d'approuver la première modification ordinaire de l'exercice 2022.*

Da si mer bei der Modification budgétaire. An de Recetten hu mer e Plus vu 565.491,85 Euro. Depensen hu mer 547.900 Euro méi. Dat ass dat, wat ech virdru gesot hat, e Plus vu 17.591,85 Euro. Dat ass de Gesamttablo. Elo maache mer just den Extraordinären.

Do hutt Der Ancien couvent, dat ass eng Etüd fir ze kucken, ob mer do kënnen eng Schoul maachen. 50.000 Euro Nouveau campus scolaire Déifferdeng. Réaménagement rue Belair/rue Pasteur fir 85.000 Euro, deen da bei den Depensë fir d'Woiwerwisen erëm ausginn ass.

Jo, Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt soen zum leschte Punkt. Normalerweis muss de Promoteur eng Garantie bancaire ginn. An hei huet de Promoteur keng Garantie bancaire gi gehat. Hien huet allkéiers 10 % Remise gemaach als Garantie bancaire. Bei all Rechnung huet en déi ofgerechent. Déi Suen, déi en als Remise gemaach huet, hätt en elo gär erëm, dofir sinn déi 85.000 Euro elo geschëllt. Vu dass mer dervun ausgaange sinn, dass en eng Garantie bancaire géif ginn, hate mer dat net virgesinn an eisem Budget.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter – ech hat virdru vergiess, ech begréissen Iech dann och alleguer, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot –, ech hätt eng ganz kleng Fro. Ech hat geduecht, dat wär en Transfert: Ancien couvent/hôpital de Differdange, Frais d'études nouvelle affectation. Do steet näischt vun enger Schoul.

An elo soe mer dann Nouveau campus scolaire Differdange. Mee mir mengen awer dee selwechte Site? Oder hu mer en aneren? Oder gëtt allgemeng gesicht, wou mer d'Schoul bauen a mir soen net méi speziell, dat wär um Campus ancien hôpital/couvent? Firwat ass deen Ënnerscheed?

(Ënnerbriechung)

Ech hunn dat gesinn. Okay. Dat heescht, mer kéinte soen, déi Sue ginn elo nach net agesat, awer déi kommen da spéider. Well do och en Developpement nach kënnt, bleift deen doten Artikel bestoen, a mir huelen en neien. Dee bezitt sech elo nëmme just op d'Schoul. Okay. Dann ass et esou, wéi ech geduecht hunn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech géif mengen, dass mer éischter drop miséieren, fir am aktuelle Servior-Gebai ze kucken, do déi Schoul ze bauen, déi mer vläicht virdrun als Extensioun zu Déifferdeng gehat hätten.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Meng Fro war am Fong geholl e bësse politesch, fir ze kucken: Wou developpéiere mer elo? Ech mengen, dat war jo dat …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Hat ech jo uganks gesot, dass mer eng Étude de faisabilité amgaange sinn ze maachen um Servior-Gebai, fir dat ze transforméieren an eng Maison relais. Deel Museksschoul ass de Moment virgesinn an dann natierlech e ganz neit Schoulgebai mat enger Turnhal. Et gëtt gekuckt, ob een dat op deem Terrain kritt, ouni datt een en ze vill upeekt. Also all déi Beem an dee Park, dat soll bestoe bleiwen. Mer sinn amgaangen ze kucken, ob dat méiglech ass a wat et kascht. A wa mer dat hunn, da komme mer natierlech heihinner zréck.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Okay. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir kommen zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 4 abstentions d'approuver diverses augmentations ou diminutions de crédits extraordinaires.*

Da komme mer zum véierte Punkt: Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Do geet et ëm Suen, déi Déifferdeng verschiddenen Organisatiounen an engem Kommitee zougesprach huet. Ech géif dem Här Mangen dofir d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Fir dëse Posten hate mir d'lescht Joer beim Festleeë vum Gemengebudget 347.000 Euro virgesinn. Opgrond vun där schwiereger internationaler Finanzlag schloe mir vir, een Deel vun dësem Budget un divers Associatiounen auszebezuelen. Dat sinn am Moment 135.000 Euro. Déi reschtlech Zomm vun 211.000 ginn Enn dëses Joers verdeelt.

Scho wéi déi dräi Jore virdrun, ass et e klenge Grupp aus dem Gemengerot, deen déi Selektioun gemaach huet. Ech soen den Häre Pierre Hobscheit, Eric Weirich an dem Jerry Hartung Merci fir hir Ënnerstëtzung. E besonnesche Merci geet un d'Madamm Romaine Regenwetter vum Gemengesekretariat, déi d' Demanden ëmmer erëm asammelt an d' Kontakter mat deenen Associatioune fleegt.

Ech maachen erëm een Appell: Wann nach Leit hei am Gemengerot sinn, déi sech wëllen dru bedeelegen, et ass ëmmer eng flott Grupp, wou Diskussioune sinn. An et ass ëmmer op. Mellt Iech bei mir oder bei der Madamm Regenwetter, fir d'Datume matgedeelt ze kréien, wéini mir ons treffen.

Wéi gewinnt, ginn och dës Kéier déi gréisser Projeten an onsem Magasinn virgestallt.

Mir bleiwe weiderhin onse Prinzippien trei an ënnerstëtzen haaptsächlech laang an nohalteg Projeten: Educatioun vu Kanner a Jugendlecher, beruffflech Ausbildung vu Fraen a vun hire klengen Entreprisen.

Ech ginn dräi Beispiller: Frères des Hommes kréien dëst Joer 40.000 Euro fir en Agro-Ekologie-Projet am Senegal. De Frëndeskrees Kamerun kritt 5.000 Euro fir Iessen an Educatioun fir Kanner. Padem kréien 33.000 Euro fir Geméisgäert a Bolivien mat Beem planzen an Opfänkbasenge fir Reewaasser.

Et géif mech freeën, wann Der dëse Projet ënnerstëtze géift. Ech soen Iech Merci.

*Erny Muller suppose donc que cet argent ne sera pas touché en ce moment, mais qu'il servira au futur développement du site. C'est ce qu'il avait compris.*

**TOM ULVELING (CSV)** *miserait plutôt sur le bâtiment actuel de Servior pour aménager une école.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se demande où la commune entend poursuivre son développement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que le collège échevinal prévoit une étude de faisabilité dans l'ancien bâtiment de Servior. Une partie pourrait être destinée à l'école de musique et l'autre à un établissement scolaire avec une salle de sport.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à* Déifferdeng, eng Stad hëlleft.

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que cet article budgétaire comprend 347 000 €. À cause de la situation financière internationale difficile, il propose de verser 135 000 € à diverses associations. Les 211 000 € qui restent seront versés à la fin de l'année.*
*Monsieur Hobscheit, monsieur Weirich et monsieur Hartung ont choisi les associations. Robert Mangen les remercie ainsi que madame Romaine Regenwetter, qui est en contact avec les associations.*
*Il profite de l'occasion pour demander à d'autres conseillers communaux de se joindre au groupe de travail. Ils peuvent s'inscrire auprès de madame Regenwetter.*
*Les projets seront présentés dans le magazine communal.*
*Il s'agira comme d'habitude de projets durables autour de l'éducation des enfants et des jeunes, et de la formation des femmes. À titre d'exemple, Frères des hommes touchera 40 000 € pour un projet agroécologique au Sénégal, Frëndeskrees Kamerun 5000 € pour l'alimentation et l'éducation d'enfants et Padem 33 000 € pour un projet de potager en Bolivie.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *annonce que les écologistes approuveront la liste telle quelle.*
*Elle soutient le fait que les fonds soient distribués en avance.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *s'associe aux mots de monsieur Mangen. L'ambiance au sein du groupe de travail est chouette.*
*Par ailleurs, Differdange lancerait le mauvais signal en supprimant son aide humanitaire en une période aussi difficile.*
*Pierre Hobscheit répète que l'ambiance est bonne et le travail est constructif. Il remercie à son tour Romaine Regenwetter pour sa vue d'ensemble.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que* Déifferdeng, eng Stad hëlleft *sert à soutenir des actions et des projets humanitaires. Le comité a décidé de verser 135 000 € rapidement et a donc déjà sélectionné les associations. Mais comme la plupart des demandes sont introduites à la fin de l'année, le reste du budget, 210 000 €, sera alloué avant le mois d'avril 2023.*
*Christiane Saeul remercie à son tour madame Romaine Regenwetter.*
*Le DP approuvera l'adaptation.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *confirme à son tour que les échanges entre la majorité et l'opposition ont été constructifs et intéressants. Toutes les demandes ont été prises en considération. Jerry Hartung remercie madame Regenwetter pour les dossiers qu'elle a préparés.*
*Il estime que tous les projets sélectionnés sont importants et qu'ils méritent le soutien communal.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Moien alleguer, den Dr. Mangen huet dat elo gutt virgestallt. Mir als Gréng stëmme selbstverständlech déi Lëscht, wéi se virgesinn ass, wéi de Kommitee se ausgeschafft huet.

Ech fannen d'Distributioun gutt, dass een am Viraus schonn en Deel ausbezilt. Mir stëmmen de Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll mech dem Här Mangen senge Wierder uschléissen. Et ass ëmmer eng ganz flott Ambiance an deem Aarbechtsgrupp, wou mer eng wichteg Aarbecht maachen, well ech géif et kee gutt Zeeche fannen, wa mer an dëse komplizéierten Zäiten iergendeppes géife gréisser zréckfueren. Ech fannen et gutt, dass mer dee Wee bäibehalen, dee mer ageschloen hunn, dass mer dee Wee och weiderhi ginn.

Wéi gesot, d'Ambiance ass ganz gutt an deem Grupp. Mir schaffen do wierklech konstruktiv zesummen. Ech wëll mech och dem Här Mangen sengem Merci un d'Romaine Regenwetter uschléissen, wat eis ëmmer e ganz flotten Iwwerbléck liwwert, dass mer genau wëssen, wiem mer eppes kënne ginn a wiem net. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéin. Villmools merci, Här Hobscheit. Madamm Saeul. Duerno den Här Hartung.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen, Kolleegen, Déifferdeng, eng Stad hëlleft ass eng Source, déi Projeten an Aktioune duerch Donen a Subsiden ënnerstëtzt.

Wéi vum zoustännege Schäffen, dem Här Mangen, expliziéiert, de Kommitee decidéiert, dass mer de Budget vun 2022 zu engem Deel schonn Enn dëses Joers ausbezuelen, dat heescht am leschten Drëttel. Dat wär plus-minus eng Zomm vun 135.000 Euro. An huet dofir och schonn eng éischt Selektioun gemaach, ënner deenen Demanden, déi mer schonn erakruten am Laf vum Joer.

Vu dass déi meescht Demanden ëmmer eréischt um Enn vum Joer erakommen, versuerge mer de Rescht vum Budget, plus-minus 210.000 Euro, fir dee virun der Clôture vum Exercice auszebezuelen, dat wär Abrëll 2023.

Ech géif och gär all deene Leit Merci soen, déi do matgeschafft hunn, haaptsächlech der Madamm Romaine Regenwetter. D'Demokratesch Partei stëmmt dës Ëmännerung mat. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschtesch. Léif alleguer, et ass elo scho vun e puer Säite gesot ginn, ech kann et just confirméieren, datt wierklech e flotte konstruktiven a virun allem interessanten Austausch war vu Vertrieder vun der Majoritéit an der Oppositioun. Wou mir all d'Demanden, déi un d'Gemeng geschéckt goufen, duerchgeholl an diskutéiert hunn. E spezielle Merci un d'Madamm Regenwetter, déi dat wierklech ëmmer ganz flott preparéiert, datt een déi Projeten all gutt gesäit.

Et muss ee soen, déi Projeten, déi mer do ëmmer erakréien, si wierklech all gutt a wichteg, och all ënnerstëtzenswäert. Et ass flott, sech zesummen all

dësen Demanden unzehuelen, fir am Rame vum virgesinne Budget eng sënnvoll Verdeelungsprozedur ze erstellen, déi dem Gemengerot haut virläit.

Wéi déi lescht Joren entsprécht d'Haaptrichtlinn, nieft natierlech dem sozialen Aspekt, deem vun der Nohaltegkeet. D'Déifferdenger CSV stëmmt dës Lëscht esou mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Mir géifen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les projets et actions soutenus en 2022 par Déifferdeng, eng Stad hëlleft.*

Merci. Da komme mer zum Punkt 5, d'Grondschoul. Do geet et ëm Changementer vun Affektatiounen. Op Instruktioun vum Ministère musse mer an Zukunft all Changement d'affectation direkt an de Schäfferot ginn an déi sollen am nächstméiglleche Gemengerot approuvéiert ginn.

U sech huet jo all Enseignant säi Posten duerch d'Schoulorganisatioun definéiert kritt. A wann duerno Changementer virgeholl ginn, well en Titulaire vun enger Klass längerfristeg feelt, aus wéi engem Grond och ëmmer, an da vun engem Surnuméraire ersat gëtt, wann deen an d'Klass kënnt, da muss dat och vum Gemengerot accordéiert ginn.

Dat heescht elo fir eis an der Praxis, au fur et à mesure wäerte mir elo hei am Gemengerot am Laf vun de Joren, wa sech d'Situatiounen an de Schoulen änneren, esou Ännerungen hei am Gemengerot ofstëmme mussen.

Wat elo déi Lëscht ugeet, déi mer virleien hunn, d'Madamm Ribeiro war an der vum Gemengerot gestëmmter Schoulorganisatioun Titulaire. A si wäert elo als Surnuméraire schaffen an den Här Kocks iwwerhëlt hir Tâche a si seng. Do ass e Wiessel.

Dat nämmlecht gëllt fir d'Madamm Jung, wou d'Madamm Masutti hir Tâche iwwerhëlt. Béid Madamme ginn an de Congé parental. Dat ass, fir d'Klass optimal ze encadréieren, dass déi Leit, déi sech bis dato als Surnuméraire an der Klass ëm d'Kanner gekëmmert hunn, déi dann och iwwerhuelen amplaz vun de Remplaçanten.

De Ministère wëll jo, dass mir déi Changementer zäitno duerch de Gemengerot huelen an net méi wéi virdrun all zesummen um Schluss vum Joer. Well u sech waren déi Leit jo op aner Plaze vum Gemengerot gestëmmt ginn a wann eppes schif géif goen, da wäre si net en règle.

Dat ass dat, wat ech Iech zu deene Changementer hei ka soen. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Als alen Enseignant wollt emol nofroen, wat d'Basis ass fir déi Informatiounen. Nodeem se jo vun der Schouldirektioun gemaach si ginn an och vum Léierpersonal exekutéiert ginn, firwat mir als Gemengerot eis mussen drëm këmmeren, fir déi Leit dann ze bestätegen? Musse mir elo higoen, vläicht bei d'Eltere froen, ob dee seng Tâche gutt mécht an da stëmme mer eventuell hei dergéint oder ob en op eng aner Plaz besser komm wier? Hu mir vläicht en Afloss dorop als Gemengeféierung? Ech mengen net.

Dat heescht, et ass eng Regularisatioun, déi fir mech absolutt kee Sënn mécht. Ech mengen, mer sollten eis vläicht als Gemengerot derfir asetzen, dass keng esou Nonsens-Saachen an de Gemengerot kommen. Mir si lassgekoppelt vun der Verantwortung vun der Schoul, ausser vun de Raimlechkeeten. Wéi ass et mat der EIDE, mussen déi dat och eraginn? Nee, déi si Staat. Da soll de Ministère higoen an d'Gemengeschoulen och total verstaatlechen, hinnen déi selwecht Konditioune gi wéi den International Schools an da si mer dat lass. Mir si jo net Demandeur, fir dat éiweg an den Hänn ze halen, mengen ech.

Ech soen Iech Merci. An ech hoffen, dass mer mat de Gemengeréit aus dem Süden eng Kéier eng Resolutioun of-

*Il aime particulièrement analyser les dossiers pour ensuite décider comment répartir le budget. Bien entendu, le critère principal est celui de la durabilité.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux changements d'affectation dans l'école fondamentale. Sur instruction du ministère, les changements d'affectation doivent être traités directement par le collège échevinal et approuvés le plus vite possible par le conseil communal.*
*L'organisation scolaire fixe le poste de chaque enseignant. Si pour une raison ou une autre, le titulaire d'une classe vient à manquer à long terme et qu'il doit être remplacé par un surnuméraire, le changement doit être approuvé par le conseil communal.*
*Au cours des prochaines années, le conseil communal sera donc amené à voter souvent à ce sujet.*
*Concrètement, madame Ribeiro était titulaire et devient surnuméraire. Monsieur Kox reprend sa tâche. Madame Jung est remplacée, quant à elle, par madame Masutti. Madame Ribeiro et madame Jung partent en congé parental. Que les surnuméraires, qui connaissent déjà les enfants, les remplacent, constitue la solution idéale.*
*Le fait que ces changements doivent désormais être approuvés immédiatement et non plus à la fin de l'année permet de régulariser la situation des enseignants rapidement.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *ne comprend pas sur quelle base le conseil communal doit confirmer ces changements. Ceux-ci ont de toute façon déjà été exécutés au moment du vote. La commune n'a aucune influence ni sur la qualité des cours proposés par les enseignants ni sur l'endroit de leur titularisation. Le conseil communal ne peut donc rien régulariser.*
*Le collège échevinal ferait bien de s'engager pour que l'on arrête de soumettre des bêtises au vote du conseil communal. La seule compétence de la commune est de mettre des locaux à disposition. Le ministère ferait bien d'étatiser les écoles et de les gérer comme les écoles in-*

*ternationales. La commune ne demande pas à les gérer.*
*Frenz Schwachtgen espère que les conseils communaux du sud du pays présentent une résolution au ministère.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *voit les choses de la même façon que monsieur Schwachtgen. Pourquoi le conseil communal doit-il approuver des démarches administratives sur lesquelles il n'a rien à dire ?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *trouve aussi que le collège échevinal devrait s'adresser au Syvicol. Après tout, Differdange n'est pas la seule commune concernée par ces histoires. On présente au conseil communal des choses qui n'ont aucun sens alors qu'il est tout le temps question de simplification administrative.*
*La comparaison de monsieur Schwachtgen avec l'EIDE est pertinente. Il existe des écoles gérées et financées différemment. Il serait temps de dire au ministère qu'il faut uniformiser l'enseignement.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que depuis la loi de 2009, le personnel enseignant dépend à 100 % du ministère. Le vote d'aujourd'hui n'a aucun sens.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *se rallie aux remarques de monsieur Schwachtgen. Il ne participera pas au vote.*
*(Vote)*
*Ali Ruckert rappelle que la bourgmestre a demandé aux conseillers communaux d'allumer leurs micros par respect pour les citoyens.*

maachen, déi vum Ministère vläicht gehéiert gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Ech ginn dem Här Schwachtgen zu 100 % Recht, dass ee sech effektiv iwwerleeë sollt, op dee Wee ze goen. Well dat si sou administrativ Saachen ouni Sënn, déi kee Mënsch dobausse versteet, firwat mir eppes mussen duerchwénken, wou mer souwisou net vill Afloss drop hunn. Ech kann dem Här Schwachtge seng Remarke voll a ganz ënnerstëtzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ralliéiere mech, dass de Schäfferot vläicht iwwert de Syvicol, gemeinsam mat deenen anere Gemengen, déi an deem selwechte Problem elo si wéi mir, dat betrëfft jo net nëmmen Déifferdeng, dass ee sou Geschichte wéi dat heiten – mir schwätzen ëmmer vu Simplification administrative, an da kommen esou Saachen, déi absolutt guer kee Sënn erginn –, dass ee mol eng Kéier Neel mat Käpp mécht.

An och déi, wéi den Här Schwachtgen gesot huet, déi Paralelitéit, déi mer elo hunn tëscht enger EIDE, wat et och net nëmmen zu Déifferdeng gëtt, mee och anerer, déi och eng Grondschoul hunn, déi awer aner Regimmer féieren, déi anescht finanzéiert gëtt, déi aneschters funktionéiere wéi eng Gemengeschoul. Dat mécht iergendwa kee Sënn méi. An dat muss een awer iergendwann eng Kéier an engem Ministère agesinn, dass een do vläicht awer erëm eng Uniformitéit erabréngt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Ech gi menge Virriedner komplett Recht. Zënter 2009, mam neie Schoulgesetz, ass d'Personal zu 100 % vum Ministère. An dat heite mécht effektiv kee Sënn. Ech stëmme menge Virriedner komplett zou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt mech deene Bemierkungen, déi den Här Schwachtgen gemaach huet, voll ralliéieren. Aus deem Grond wäert ech och net um Vott participéieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Da géif ech soen, mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de ratifier les changements d'affectation au cours de l'année scolaire.*

Villmools merci. Den Här Ruckert huet d'Wuert gefrot.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir hutt elo grad gesot de Mikro soll ugemaach ginn, och aus Respekt virum Bierger, dass dee matkritt, wéi ofgestëmmt gëtt. Ma ech géif virschloen, dass an Zukunft dat, wat mer ëmmer verdeelen iwwert den Inhalt vum Gemengerot, do steet ëmmer nëmmen

dran, esou vill hunn derfir an esou vill hunn dergéint gestëmmt. Do kréien d'Leit och net mat, wien da fir eppes gestëmmt huet a wie géint eppes gestëmmt huet. Dofir wär et vill méi logesch, wa mer bei der Ofstëmmung géife schreiwen, déi an déi hunn derfir gestëmmt, an déi an déi hunn dergéint gestëmmt. Dann hätten d'Leit e kloert Bild. Esou wësse se net richteg, wat wierklech erfollegt ass a wie sech wéi verhalen huet am Gemengerot.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Mir huelen dat mat.

Ech sinn elo liicht aus dem Konzept, well all Mënsch averstanen ass. Mir kucken, wéi mer et ëmsetzen dann am nächste Gemengerot.

Da komme mer zum Punkt 6, dem Office social. Do geet et ëm den Exercice 2020. An ech géif d'Wuert dofir un den Här Mangen ginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dat ass eng noutwendeg Ofstëmmung, déi mer all Joer musse maachen, wou all déi endgëlteg Konte Poste fir Poste vum Office social kontrolléiert ginn. Dës Kéier ass et d'Joer 2020.

An den Ënnerlagen hunn ech gesinn, do gi Leit vun der Gestioun namentlech opgefouert. Ech géif d'Leit aus dem Gemengerot bieden, déi Nimm fir sech ze behalen, datt déi net an d'Ëffentlechkeet kommen. Et ass e Mëssel do passéiert. Et sollt een an Zukunft vermeiden, datt esou Saache weidergeleet ginn.

Als eenzeg Remark vum Interieur ass dat spéit Areeche vun dem Bilan bemängelt ginn. Dëst war awer bedéngt doduerch, datt den Office social d' Donnéeën ze spéit vum ONIS erakrut. Dat ass leider eng Geschicht vum Arroseur arrosé, den ONIS ass eng staatlech Institutioun, déi d'Informatioun ze spéit eragereecht huet, an et ass dee selwechte Staat, deen dem Office social bemängelt, datt hien d'Konten ze spéit eragereecht krut.

Wichteg bei dësem Dekont, d'Ofrechnunge si komplett an der Rei. Ech soen dem Personal vum Office social vun hei aus e grousse Merci fir hir Aarbecht am Déngscht vun deene bedierftege Leit an onser Gemeng. Punkt fir Punkt, all Positioun vum Budget ass opgezielt, all d'Rechnunge vun de Leit, déi an der Gestion contrôlée sinn. Nieft dësem administrativen zwar néidegen Opwand leeschte si bemierkenswäert mënschlech Hëllef.

Ech ginn elo net op dee ganzen Dekont an, deen d'Finanzkommissioun kontrolléiert huet, de Budget vum Office social stellen ech jo all Joer am Detail vir.

Et géif mech freeën, wann Dir dësen Dekont stëmme géift als Unerkennung fir d'Aarbecht vum Office social mat sengem Conseil d'administration. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Mat engem Office social ass et e bësse wéi mat den ONGen, wat mer virdru geschwat hate mat Déifferdeng: eng Stad hëlleft. Am léifsten hätt een, et géif en net ginn, dass mer kee bräichten. Mee wéinst der aktueller Situatioun si mer frou, dass mer e gutt opgestallten Office social hunn, dass si de Leit esou onkompliziéiert hëllefen, déi wierklech ëmmer méi struewelen, fir d'Enner beieneenzekréien.

Ech wëll mech de Wierder vum Här Mangen uschléissen an der ganzer Ekipp e grousse Merci soen, déi sech wierklech all Dag asetzen, fir de Leit, deenen et net esou gutt geet, aus hirem Misär ze hëllefen.

Eng Klengegkeet ass mer opgefall. Am Budget si Sue virgesi fir Marketing, also fir Campagnen ze maachen, och fir Konferenzen a Seminären, souwuel bei eisem Office social wéi beim ARIS, déi 2020 net benotzt goufen. Et war en aussergewéinlecht Joer, et war COVID.

*Dans la même optique, il serait important d'indiquer dans le rapport analytique de la séance qui a voté quoi. Cela permettrait aux gens de se faire une idée plus précise des positions de chacun.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que cette proposition sera prise en considération.*
*Elle passe au point 6, l'office social.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique que ce vote a lieu tous les ans. Il s'agit d'approuver le décompte définitif de l'office social — cette fois-ci pour 2020.*
*Les documents nomment certains clients de l'office social. Robert Mangen demande aux conseillers communaux de se montrer discrets. Normalement, ces noms n'auraient pas dû être imprimés.*
*Le ministère de l'Intérieur regrette que le bilan ait été envoyé tard. Mais l'office social n'a reçu les données que tardivement de la part de l'ONIS. L'ONIS étant une institution étatique, on pourrait parler d'arroseur arrosé.*
*Les décomptes sont en règle. Robert Mangen remercie le personnel de l'office social. Toutes les positions du budget sont répertoriées avec les factures. Le personnel réalise un travail administratif et humain conséquent.*
*La commission des finances a contrôlé le budget. Robert Mangen ne va pas revenir sur les détails. Il demande au conseil communal d'approuver ce dossier.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *compare l'office social aux ONG, dont il a été question tout à l'heure. Tout le monde préfèrerait ne pas en avoir besoin. Mais dans la réalité, il est important d'aider les gens dans le besoin d'une manière simple et efficace.*
*Eric Weirich remercie à son tour toute l'équipe de l'office social pour son engagement quotidien en faveur des démunis.*
*Il a remarqué que le budget contient des fonds inutilisés pour des campagnes de marketing, des conférences, des séminaires… 2020 a été une année particulière avec la COVID-19. Mais les campagnes de sensibilisation sont importantes*

*pour informer les gens de l'existence de ces aides. Certains peuvent avoir honte de se rendre au « bureau des pauvres ».*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie à son tour tous ceux qui travaillent à l'office social. Il s'agit d'une mission difficile, mais extrêmement importante.*
*Les comptes démontrent que beaucoup de gens ont besoin d'aide. Certains n'ont pas assez à manger. Payer les médecins ou les médicaments n'est pas facile non plus pour tout le monde.*
*Le poste pour les loyers est faible. Jerry Hartung suppose que les gens payent le loyer en premier et qu'il ne reste plus de quoi joindre les deux bouts à la fin du mois.*
*L'aide pour l'électricité, le mazout et le gaz est relativement faible, mais elle augmentera probablement les prochaines années.*
*La seule remarque négative du ministère de l'Intérieur concerne la remise tardive du dossier. Mais monsieur Salvi, le président de l'office social, a pris position. Même si le délai du 30 juin n'a pas pu être respecté, l'office social a travaillé rapidement compte tenu du fait que les données de l'ONIS sont arrivées tard. Les autres offices sociaux reçoivent les décomptes de l'État tout aussi tardivement et de ce fait, les délais ne peuvent pas être respectés. C'est au ministère de l'Intérieur de trouver une solution.*
*En tout cas, l'office social est géré comme il faut.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *constate que derrière les chiffres se cache énormément de travail. Il remercie le personnel de l'office social.*

Mee et ass awer wichteg, dat héiert een ëmmer erëm, et war an der Lescht och reegelméisseg an der Press, dass Sensibiliséierungscampagnë gemaach ginn, fir d'Leit drop hinzeweisen, wat et fir Héllefe gëtt. Ech mengen, wa mer Zomme virgesinn, dann ass et wichteg, dass déi komplett benotzt ginn.

Et war COVID, ech huelen un, dass 2021 weider Campagnë gemaach gouf-fen. Mee ech mengen, et ass wichteg, dass d'Leit dobausse wëssen, wat et u Bäihëllefe gëtt. An och fir hinnen d'Angscht ze huelen, fir op den Office social ze goen. Et besteet jo d'Angscht, dass gesot gëtt, d'Leit ginn op den Aarmebüro, wat natierlech net de Fall ass. Dowéinst ass et wichteg, dass déi Suen agesat ginn.

Merci der Ekipp. Dat heiten droen ech natierlech mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Den Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, léif alleguer, virop wëlle mir als CSV alle Bedeelegten aus dem Office social Merci soe fir hir Aarbecht, déi definitiv keng einfach ass an awer immens wichteg, vu mënschlecher Hëllef.

An de Konte gesäit een, datt vill Leit betraff sinn, datt vill Leit finanziell Hëllef brauchen, leider. Erschreckend vill Ënnerstëtzung gouf gebraucht fir Nahrungsmëttel, well d'Leit net genuch ze iessen hunn, fir Rechnunge beim Dokter, virun allem duerno fir d'Medikamenter an der Apdikt, do ass en héije Montant néideg gewiescht.

De Poste fir d'Loyeren ass relativ kleng. Eng Erklärung kéint vläicht sinn, datt d'Leit dëst fir d'éischt bezuelen, an dass et um Enn vum Mount fir aner Saachen, Iessen a medezinesch Versuergung, eeben duerch déi héich Loyeren net méi duergeet.

D'Ënnerstëtzung fir d'Elektresch, Mazout oder Gas ass och nach zimmlech niddreg, ass jo och de Bilan vun 2020. Dëse Poste wäert warscheinlech awer an den nächste Joren e gudde Krack eropgoen.

Wat d'Gestioun selwer vun de Konten ugeet, huet den Här Mangen gesot, datt als eenzege Makel dat ze spéit Erareechen opgezielt gouf. Effektiv soll dat net virkommen.

Ech si frou, datt den Här Salvi, de President vun eisem Office social, schonn heizou Stellung bezunn huet. Aus dëser geet kloer ervir, datt si vum ONIS d'Ofrechnung den 1. Oktober erakruten. Wann ee bedenkt, datt si dem Interieur den 8. Oktober schonn alles eraginn hunn, da goung dat jo zimmlech féx. An erkläert och, datt den Delai vum 30. Juni net anzehale war.

Anscheinend kréien d'Office-sociallen, also net nëmmen Déifferdeng, d'Ofrechnungen ëmmer zimmlech spéit vum Staat. Deemno ass dee vum Staat gesaten Delai u sech selwer net anzehalen. Do wär et vläicht net vu Muttwëll, wann den Interieur sech emol mat alle Concernéierten, also och dem ONIS, géif zesummesetzen, fir eng Léisung ze fannen.

Op jiddwer Fall ass alles vun eisem Office social gutt gefouert. Mir stëmmen den Dekont esou mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, och wann d'Unhuele vun de Konten en éischter administrativen Akt ass, sou verstoppt sech hanner deenen Zuele ganz vill Aarbecht, déi geleescht gëtt. Dofir wëll ech deem ganze Personal vum Office social e grousse Merci soen.

Et ass net just Aarbecht, déi sech derhanner verstoppt, mee och vill, vill Misär, vill Leed vun de Leit, déi leider, wéi hei schonn ugeklongen ass, op den Office social ugewise sinn. Besser wier et, mir bräichten en net, mee et ass awer gutt, dass mer en hunn. Well grad an

dësen Zäiten ass et néideg, dass een d'Leit ënnerstëtzt, dass ee fir d'Leit do ass, an dass ee kuckt, wéi een de Leit am beschten hëllefe kann. Dat gëtt hei op eng gutt an effikass Aart a Weis gemaach. Duerfir droe mir déi Konten natierlech mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei wëll ech matdeelen, dass ech déi Konte vun 2020 stëmme wäert. Ech wëll awer och drop hiweisen, dass wa mer an den nächste Joren iwwert déi Konte vun 2021 an 2022 diskutéiere wäerten, da wäerte mer feststellen, dass déi Suen, déi mer ausgi fir den Office social, dass déi nach dramatesch an d'Luucht goe wäerten.

Well d'Situatioun ass jo déi, dass den Aarmut net ofhëlt, mee dass en zouhëlt hei am Land. Och hei an eiser Gemeng. An dat ass am Fong dat Tragescht an där Affär do: D'Aarmut, déi gëtt verwalt, mee et ginn net déi politesch an net déi sozial a wirtschaftlech Initiative geholl, fir se ze besäitegen. An dat feelt. Awer wou d'Kommunistesch Partei sech dofir asetzt, dass dat eng Kéier geschéie kann.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Als Demokratesch Partei soe mer eise Virriedner Merci fir déi gutt Punkten, déi mer kritt hunn am Office social. An nächster Zäit wäerte mer vill, vill méi Aarbecht hunn. Wat mech awer ganz positiv dëser Deeg gestëmmt huet, war déi Saach mam Elektreschen, Gas an esou, wou d'Leit fir de Moment ofgespaart kréien, well se keng Moyenen hunn, fir se ze bezuelen – elo schonn –, do kënnen awer trotz allem déi Leit, déi beim Office social gemellt sinn a scho Client sinn oder sech dee Moment mellen, op den Office social kommen an d'Demande maachen, fir dass den Office social déi Zomme bezilt fir Elektresch oder Gas. An se esou erëm op normalem Fouss kënne liewen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Mir kommen zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le compte de l'exercice 2020 de l'office social de Differdange.*

Villmools merci. Mir si beim Punkt 7. Do geet et ëm de Südgemengen-Kollektivvertrag. Et léiert ee vill am Liewen – Dir laacht, Här Bertinelli – an et ass alles ëmmer eng Kéier déi éischte Kéier. Mee et ass scho mäin zweeten, gellt.

Ech mengen, en ass gutt verhandelt ginn, loosse mer soen, vu Gewerkschaftssäit. Et ass gesot ginn an engem Gespréich, et wär e Fundament fir déi nächst Joren, wou drop gebaut ka ginn. Wat ech dann esou unhuelen. Awer virun allem, dat soen ech als Buergermeeschtesch: Et wäert d'Gemengen natierlech och e puer Su kaschten. Dorop wäerte mer spéitstens bei de Budgetsdiskussiounen nach zréckkommen. Mee et ass gutt, esou wéi et ass.

Et ass en décken Dossier. Dir kënnt e liesen, fir déi, déi drun interesséiert sinn. D'Prime-uniquë ginn 1 % bezuelt fir d'Joren 2022, 2023, 2024. Et gëtt en neie System vu Permanencen, vun Dispensen ugewannt. An dann eng Augmentation progressive och vun der Permanence-Primm.

Beim POT geet de Preavis vu fënnef op dräi Deeg erof, wann eng Modifikatioun vum Plan d'organisation de travail kënnt, wann do eng Ännerung kënnt – et ass esou kompliziéiert, wann

*Le budget de l'office social exprime aussi la misère et la souffrance des gens dépendant de l'aide financière. Certes, il vaudrait mieux ne pas avoir besoin de l'office social, mais en ces temps difficiles, sa mission est essentielle. Les socialistes approuveront les comptes.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *annonce qu'il approuvera les comptes de 2020. Cependant, il est évident que le montant de l'aide va augmenter substantiellement en 2021 et en 2022. Car la pauvreté ne baisse pas au Luxembourg ; elle augmente. Ce qui est tragique, c'est que la pauvreté est uniquement gérée. Personne ne prend les mesures politiques, sociales et économiques pour s'en débarrasser. C'est ce pour quoi les communistes s'engagent.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *remercie les orateurs précédents pour les louanges qu'ils ont adressées à l'office social. Le travail de celui-ci va exploser dans un avenir proche.*
*Christiane Saeul ajoute que déjà aujourd'hui, les gens n'ont plus les moyens de payer l'électricité ou le gaz, qui leur sont alors coupés. La bonne nouvelle, c'est que ces personnes demandent de l'aide à l'office social et parviennent à payer leurs factures.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 7, le contrat collectif des communes du sud. Monsieur Bertinelli sourit, mais il s'agit du deuxième contrat négocié par la bourgmestre et elle a l'impression que les négociations se sont bien passées.*
*On a dit que « les fondations pour les prochaines années sont posées ». En tant que bourgmestre, Christiane Brassel-Rausch ajoute que cela va couter cher à la commune. Il en sera sans doute question lors des débats budgétaires.*
*Les primes uniques de 1 % seront versées pour 2022, 2023 et 2024. Un nouveau système de permanences sera mis en place. Le préavis passe de cinq à trois jours. Une nouvelle grille de salaire a été établie. La promotion horizontale devient possible.*

*La carrière A2 est supprimée. Les agents de nettoyage sont donc assimilés A3 — agents polyvalents. Tous les détails figurent dans le dossier sur le Diffcloud.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique que le contrat est conclu entre un patron et un travailleur. Le LSAP lutte depuis des années pour que les femmes de ménage soient assimilées à des agents polyvalents. Car il ne sert à rien de parler d'égalité des chances entre les hommes et les femmes, si les communes n'appliquent pas ces principes. Il fallait que les femmes aient le même salaire que les hommes. Les socialistes l'exigent depuis longtemps. C'est la partie du contrat qui importe le plus à Fred Bertinelli. Il tenait à en souligner l'importance pour les femmes.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *précise qu'il y a aussi des hommes dans ce cas. Le contrat collectif vaut du 1er janvier 2022 au 31 décembre 2024.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *n'est pas un spécialiste des contrats collectifs. Mais il a discuté avec monsieur Claude Winandy, qui a mené les négociations, et celui-ci s'est dit extrêmement satisfait. Tout se serait passé de manière formidable. Les sites internet des syndicats parlent de progrès social. Pour Frenz Schwachtgen, cela démontre que les délégations des 19 communes du sud ont fait du bon travail. Differdange faisait partie des grandes communes comme Pétange, Sanem, Käerjeng, Esch, Dudelange et Schifflange.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *précise que Schifflange ne faisait pas partie de cette délégation.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *n'hésite pas à parler de succès pour les communes du sud. L'accord de décembre 2021 est nettement amélioré. La bourgmestre a parlé de la grille salariale, des carrières, des promotions, des primes de permanence…*

een net do dran ass. Also de POT, wann deen ofgebrach gëtt, dann ass do eng Reduktioun vu fënnef op dräi Deeg fir Leit, déi Tuteur sinn, Salariéen accompagnéieren, oder och Leit, déi net autonom kënne schaffen. Dann ass eng nei Grille de salaire opgestallt ginn an et ass eng Promotion horizontale méiglech.

Wat ganz wichteg ass, dass d'Karriär A2 ofgeschaaft ginn ass. Dat heescht, déi Dammen an Hären, déi botzen, si gläichgestallt mam Agent polyvalent, déi kommen an d'A3. Wat wierklech gutt ass an der Zäit och entsprécht. D'V-Karriäre ginn ersat duerch „bis"- respektiv „ter"-Karriären. An et gëtt verschidden Textmodifikatiounen.

Déi Leit, déi sech do net gutt auskennen, Dir fannt dee ganzen Dossier op der Diffcloud. Ech bieden Iech, e matzestëmmen. Merci.

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, et ass e Vertrag, deen zwëschen dem Patron an den Aarbechter am Gemengesecteur gemaach gëtt. Wéi all Joer geet et emol eng Kéier an d'Luucht an erof.

Dat hei ass eppes, wou mir als LSAP scho jorelaang dohanner sinn, déi Gläichstellung, d'A2 vun eisen Dammen, déi bei ons schaffen. Dat ass - wierklech e Quantesprong. Et nëtzt - näischt, wann een iwwerall an de Gemenge Gläichstellung vu Fra a Mann seet an et mécht een et net. Hei hu mer laang dru geschafft, fir se wierklech gläichzestelle par rapport zum Mann op der Aarbecht. Dass se dee selwechte Loun fir déi selwecht Aarbecht kréien, dat ass e Quantesprong fir eis Gemeng. Dat ass eppes, wou d'LSAP laang, laang hannendru gewurschtelt huet, fir dat hinzekréien. Dat ass fir mech an deem heite Vertrag wat wierklech erausschléit. An dat sollt een och soen, datt dat fir eis Damme wichteg ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Oder eis Hären. Mee ech ginn Iech ganz Recht, Här Bertinelli. Ech hat vergiess ze soen, de Kollektivvertrag gëllt vum 1. Januar 2022 bis den 31. Dezember 2024.

Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech hu mech e bësse mat där Saach befaasst, oder e bësse vill. Ech sinn och elo kee Spezialist an deene Saachen, et ass mer awer opgefall, dass vu Gewerkschaftssäit, hir Haaptleit, wou jo och de President vun eiser Delegatioun den Haaptmeneur war an de Verhandlungen, den Här Winandy Claude – ech hu mat deem geschwat, an hie sot: „Et ass alles formidabel gelaf, mir sinn zefridde wéi nach ni."

An dat kënnt och eraus. Leit, déi dat kënnen oder wëlle liesen, kënnen op Gewerkschaftssäite goe vun hire Publikatiounen. Do geet rieds vu Progrès social au lieu de démonter le monde social.

Dat ass fir mech als Politiker, wou mer jo och eng Beleegschaft vun esou vill Honnerte vu Leit hei hunn, en Zeechen, dass eis Verhandlungsdelegatioune vun der politescher Säit am ganze Süden … Ech mengen, et sinn 19 Gemengen, déi hei betraff sinn. Eis Verhandlungsdelegatioun war jo mat de grousse Gemenge wéi Péiteng, Suessem, Käerjeng, Esch, Diddeleng a Schëffleng dran. Souwäit ech weess, ech hu mech vläicht bei iergendengem geiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Alles richteg, just Schëffleng war net derbäi.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Okay, gutt. Soudass mer am ganze Süden an de grousse Gemenge wierklech Succès ze verzeechnen hunn. Wann een da méi an d'Detailer geet, d'Madamm Buergermeeschtesch huet dat elo schonn e bësse skizzéiert, gesäit een,

dass nom Accord vun Dezember 2021, wou ganz vill Verbesserungen – et geet rieds vun eelef, déi sinn all hei opgeléscht –, scho vill Ameliorationen dra waren.

Laut Gewerkschafte si fir 2022 retroaktiv weider Verbesserunge komm, d'Grille salaire hat Der genannt, d'Karriären, d'Promotiounen, d'Primes de permanences an esou virun. Awer virun allem, wat den Highlight ass, do ginn ech dem Här Bertinelli Recht, wat natierlech och op der politescher Linn läit vun déi gréng, fir d'Gläichstellung, oder loosse mer et esou nennen, Égalité salariale tëscht Mann a Fra oder zwësche Fra a Mann.

Dat ass e Meilesteen, wat déi lescht 20 Joer verschleeft ginn ass, wat awer elo endlech dann an dëse Verhandlunge gereegelt gëtt. Endlech gëtt dat sougenannt Botzpersonal, wat ëmmer e bësse pejorativ automatesch connotéiert gëtt, an de Status vun engem Aarbechter gestallt, grad wéi déi aner och. Dat ass e Punkt, deen ervirzesträichen ass.

Et gëtt nach e ganze Koup Punkten, déi och all opgelëscht sinn an den Dokumenter, och vum Gemengerot, déi derwäert si gekuckt ze ginn. Wann ee sech am Detail wëllt dermat befaassen, ech wëll dat elo net maachen, dat sinn am Fong systeemesch Verbesserungen: Wéi ginn d'Permanencë besser organiséiert an d'Dispensen, de Congé social, d'Pensiounen? Wéi gëtt den Effectif vun den Aide-artisanë gereegelt an esou weider an esou fort? Wéi gesot, ech sinn driwwer geflunn, ech brauch awer och heiansdo nach Erklärungsbedarf an deene Saachen.

Wat och ganz wichteg ass, a wat och zukunftsweisend ass, dass dee Kollektivvertrag elo op dräi Joer leeft anstatt wéi virdrun. Domat komme mer entre parenthèses hanner déi berüümte Kommunalwalen an Nationalwalen, soudass dat keen Theema däerft sinn, dee politesch aus Opportunismus vun deem engen oder vun deem anere ka mëssbraucht ginn. Dat fannen ech perséinlech eng ganz flott Saach. Mee awer och d'Sécherheet, dass mer zwee Joer an engem gudden Aarbechtsklima kënne schaffen.

D'Gewerkschaftssäit schwätzt, ech zitéieren déi nach eng Kéier, dass am Fong zënter eelef Joer, wou dee Prozess do ugefaangen huet, si als Gewerkschaften elo op e Progrès social durable higesteiert sinn, dee wier elo erreecht mat dësem Schrack. Dat ass e weidere Punkt, wou ech ka soen: super!

Eppes, wat ech och immens gutt fannen, dat ass d'Ambiance tëschent de Syndikater an de Patronatsvertrieder, ënner anerem eis Buergermeeschtesch, déi meilleure war, also besser konnt se net sinn, hunn ech mer erkläre gelooss. Felicitatiounen all deenen, déi do um Dësch souzen.

Mir si frou als Gréng doriwwer, dass mer en tipptoppen Accord kritt hunn. Et bleift natierlech de Wonsch an och d'Gewëssheet, mengen ech, dass en topp Kollektivvertrag zefridden Aarbechter mécht, déi zum Wuel vun der Bevëlkerung weiderhin eng gutt Aarbecht maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madamm Buergermeeschter huet zitéiert, dee Kollektivvertrag wär e Fundament fir déi nächst Joren, wou ee kann drop opbauen. Ech géif ergänzen, dat heescht jo och, dass et nach eng Rei Fuerderunge gëtt, déi net erfëllt goufen, a wou an den nächste Jore muss driwwer geschwat ginn.

Jo, et sinn eng Rei Verbesserunge komm, déi sinn awer net vum Himmel gefall.

Fir déi hunn d'Gewerkschafte gestridden an net nëmme wärend engem Joer, mee wärend zéng Joer. Ech wëll nëmmen drun erënneren, dass de Kollektivvertrag vun Dezember 2021 jorelaang geschleeft huet, well eng ganz Rei Gemenge sozialen Ofbau maache wollten. Wat schlussendlech verhënnert ginn ass.

*Monsieur Bertinelli a raison de dire que l'égalité salariale entre les hommes et les femmes constitue le point fort de ce contrat. Il aura fallu vingt ans pour y arriver. Mais désormais, le personnel de nettoyage obtient un nouveau statut. Cela mérite d'être souligné.*

*D'autres points méritent d'être mentionnés même si Frenz Schwachtgen ne veut pas entrer dans les détails. Il cite l'organisation des permanences, les dispenses, le congé social, les retraites, les aides-artisans… Il n'a fait que survoler le document et aurait lui-même besoin de plus d'explications.*

*Parmi les nouveautés importantes figure le fait que le contrat collectif porte sur trois ans. Il en sera donc de nouveau question après les élections communales et nationales. Ce sujet ne pourra donc pas être exploité par les opportunistes politiques. En plus, le climat de travail sera bon pour deux ans.*

*Les syndicats estiment avoir entamé un processus il y a 11 ans et ont enfin réussi à mettre en place un progrès social durable.*

*Frenz Schwachtgen tient aussi à souligner la bonne ambiance entre les syndicats et les représentants des patrons. On a rapporté au conseiller communal que la bourgmestre avait été parfaite.*

*Les écologistes sont satisfaits de cet excellent accord. Des salariés contents réalisent du bon travail en faveur de la population.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *estime que si le contrat pose les fondations pour les prochaines années, cela signifie qu'il reste du pain sur la planche.*

*Certes, il y a eu des améliorations, mais elles ne sont pas tombées du ciel. Les syndicats ont dû se battre pendant dix ans. Il a fallu des années pour boucler le contrat collectif de décembre 2021. Certaines communes voulaient démanteler les acquis sociaux. Et si ce contrat collectif a été conclu rapidement, c'est parce que les hommes politiques ne voulaient pas en faire un sujet électoral.*

*En plus, c'est bien beau de se vanter pour l'abolition de la carrière A2 et du fait que les femmes de ménage deviennent des agents polyvalents.*

*Mais la revendication date de dix ans et les communes ont toujours refusé de céder sur ce point. À une autre époque, on avait résolu le problème en augmentant légèrement les femmes de ménage et en réduisant le salaire des balayeurs de rues.*
*Ali Ruckert espère qu'à l'avenir, les autres revendications légitimes des syndicats seront entendues.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *se réjouit comme les orateurs précédents que les négociations aient été conclues assez rapidement. Aussi bien les patrons que les syndicats pourront profiter de cet accord réussi.*
*Il est vrai qu'il aura fallu attendre longtemps. Eric Weirich espère que ces attentes de plus de dix ans ne se reproduiront plus. Le contrat collectif précédent a été approuvé par le conseil communal alors qu'il était déjà parvenu à échéance. Que cette fois-ci l'accord soit approuvé en septembre constitue un progrès considérable. Il est important que les institutions publiques donnent l'exemple à travers un bon contrat collectif.*
*Eric Weirich rappelle que la moitié du salariat luxembourgeois ne bénéficie pas d'un contrat collectif. Des secteurs comme celui de l'Horesca ou du nettoyage sont précaires et les salariés luttent depuis longtemps pour disposer d'une base. La commune montre le bon exemple. Déi Lénk est satisfaite.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *salue à son tour les adaptations, notamment en ce qui concerne les carrières. Il se réjouit particulièrement du fait que cette fois-ci il s'agisse d'un contrat de longue durée.*
*Le DP l'approuvera.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *n'avait pas l'intention de prendre la parole pour ne pas politiser le sujet.*

A wann elo dëse Kollektivvertrag esou séier ënnerschriwwe ginn ass, da war dat warscheinlech och am Hannerkapp vun enger Rei vu Politiker, dass dat keen Theema soll sinn am Gemengewalkampf. Well hei gëtt elo iwwert de grénge Kléi gelueft, dass déi A2 ofgeschaaft gëtt, an dass d'Botzfraen Agents polyvalent ginn, dass se also gläichgestallt ginn. Mee déi Fuerderung ass zéng Joer al, an déi d'Gemengen ëmmer verweigert hunn ze erfëllen. Dat heescht, dat huet zéng Joer gedauert.

Iwwregens déi Fuerderung ass et och scho virdru ginn. Mee do ware Gemengepappen a Gemengemammen esou clever, wéi dat vun de Gewerkschafte gefuerdert ginn ass, do hu se d'Léin vun de Stroossekierer erofgesat an déi vun de Botzfrae ganz liicht erop, esoudass se gläichgestallt waren.

Dat ass eng Aart a Weis, déi net geet a wou d'Gewerkschafte sech dergéint gewiert hunn. An ech hoffen, och wann dat elo zu engem gudden Enn komm ass, schlussendlech, dass dann och déi weider Fuerderungen, déi d'Gewerkschaften nach hunn an déi legitim sinn, dass déi och an Zukunft wäerten dann erfëllt ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wëll mech de Virriedner uschléissen an déi Freed och deelen, och vun Iech, Madamm Buergermeeschtesch, déi hei awer matschwéngt, dass dat endlech konnt zäitno ofgeschloss ginn. Dass mer e gudden Accord fonnt hunn, wou souwuel d'Patronatssäit, an zemools och d'Gewerkschaftssäit wéi d'Leit, déi heivunner profitéiere wäerten, zefriddestellt.

Et huet laang gedauert. Dat sollt net méi geschéien, dass Fuerderungen iwwer zéng Joer am Raum stinn, ier se ëmgesat ginn. Ech ka mech och erënneren, dass mer de Virgänger heivu gestëmmt hunn, hei ugeholl hunn am Gemengerot an e war schonn ofgelaf.

Dowéinst elo am September, fir retroaktiv op Januar, dat ass awer schonn e grousse Fortschrëtt. Ganz richteg, wéi Dir gesot hutt, et ass wichteg, dass een als ëffentlech Institutioun, ëffentlechen Acteur mam gudde Beispill virgeet an e gudde Kollektivvertrag fir seng Leit aushandelt. Ech mengen, mir mussen do mam gudde Beispill virgoen.

Wëssend, dass iwwer d'Hallschent vum Salariat am Land net d'Chance huet, vun engem Kollektivvertrag ze profitéieren. Zemools, ech soen elo, prekariséiert Secteure wéi Horesca, wéi de Botzsecteur an esou weider an esou fort. Wou schonn éiweg gekämpft gëtt, fir iwwerhaapt emol eng Basis vu Kollektivvertrag ze hunn, ouni dass et do e Fortschrëtt gëtt.

Mir ginn elo mat engem ganz gudde Beispill vir. Ech begréissen dat fir déi Lénk. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dat meescht ass gesot ginn. Mir begréissen déi verschidde legitim Upassungen, haaptsächlech wat d'Karriären ugeet, datt dat elo endlech vum Dësch ass. Deen zweeten Haaptpunkt, dat ass schonn ugeklongen, datt mer elo endlech e längerfristege Kontrakt oder Accord um Dësch leien hunn.

Mir si frou, dat do matdroen ze kënnen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Am Prinzip wollte mer näischt zu dësem Punkt soen, well et ka politesch

ausgeluecht ginn, mee vu datt jiddwereen eppes gesot huet, wëlle mir och ganz kloer ënnersträichen, datt mir deen neie Kollektivvertrag ënnerstëtzen. Mat dem grousse Plus vun der Égalité salariale am Sënn vun der Gläichberechtegung.

Ech wëll awer soen: Do wou ech schaffen, do sinn och Männer an der Botzekipp. Et soll ee jo och kucken, datt een ëmmer eng Mixitéit an de Servicer huet. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Ech wëll drop opmierksam maachen, nieft dem finanziellen Impakt, als Gemeng, schwätzen elo als Buergermeeschtesch, wäert et awer och en Impakt hunn op den Oflaf vun de Schaffzäiten. Dat heescht, an eisem CID ass eng Reorganisatioun an eng deelweis Neiopstellung néideg, wou mer amgaange sinn, drun ze schaffen. Just, fir Iech ze soen, dass all déi gutt Saachen awer och Repercussiounen an der Realitéit hunn an am dagdeegleche Wierken a Schaffe vun de Leit. Ech wollt Iech dat just derbäisoen, ier mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le protocole d'accord en vue du renouvèlement de la convention de travail des communes du Sud pour la période du 1er janvier 2022 au 31 décembre 2024.*

Villmools merci. Mir si beim Punkt 8, Actes et conventions. Do geet et ëm e Remembrement vu Biens ruraux vun zwou Parzellen op de Lieu-diten „Rue du Cimetière" an „lm Doihl" zu Nidderkuer.

Et ass eng ganz schéi Geschicht, wéi d'Liewen se heiansdo esou spillt. Ech hat mech gefrot, firwat déi zwou Parzellen do. Dir gesitt, et sinn zwou laang Schläissen, eng queesch an eng längs gefächert. An ech wollt Iech déi Geschicht erzielen. Et geet ëm en Échange sans soulte. Et ass esou gaangen: Mir si geruff ginn, well e Bam net méi ganz koscher war. Ier eis Aarbechter dohi sinn, ass an de Kadaster gekuckt ginn. An do ass gesi ginn, dass mer iwwer Joren op privatem Terrain geschafft hunn. An d'Leit, déi geduecht hunn, et wär hiren Terrain, déi aner Schläiss, déi hunn op eisem Terrain geschafft.

Ech hunn d'Geschicht esou flott fonnt, dass ech Iech se hei erziele wollt. D'Situatioun ass elo regularis éiert. D'Gemeng weess, wou hiren Terrain ass, an d'Leit wëssen, wou hiren Terrain ass. Ech fannen, sou Saache gehéieren och an e Gemengerot, well et eng flott Geschicht ass.

Ech bieden Iech, dat matzedroen. Et ass just eng Regularisatioun vun enger Situatioun, déi duerch e Bam opkomm ass. Well soss geet jo kee Mënsch no Terrainsschläisse kucken.

Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié d'échange rural suivant la loi modifiée du 25 mai 1964 concernant le remembrement des biens ruraux de deux parcelles aux lieudits rue du Cimetière et Im Doihl à Niederkorn.*

Merci. Mir si beim Punkt 8b, do geet et ëm eng Konventioun vun enger Juegd. An heifir géif ech d'Wuert dem Här Paulo De Sousa iwwerloossen.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Virop: Ech si kee Juegdexpert. Ech ginn awer e puer Prezisiounen zu dësem Punkt iwwert d'Juegdlous 566. Heibannen hu mer e puer Experten an der Juegd.

Dësen Territoire ass bal 400 Hektar grouss, opgedeelt an een Deel, deen d'Kolleege vu Suessem betreien an een Deel, wou mir eis drëms këmmeren. An ëm deen Deel vun Territoire geet et elo hei.

D'Gemengegrenz mécht d'Oftrennung tëschent dem Suessemer an dem Déifferdenger Deel vun dësem Juegdlous. Proprietär vum Terrain si virun allem

*Mais puisque tous les autres partis l'ont fait, il signale que le CSV soutient le nouveau contrat collectif et l'égalité salariale.*
*Il tient cependant à préciser que là où il travaille, il y a aussi des hommes de ménage. La mixité au sein des services est importante.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le contrat n'aura pas seulement un impact sur les finances communales, mais aussi sur les horaires de travail. Le CID devra se réorganiser. Bref, malgré les points positifs, le contrat aura des répercussions réelles sur le travail quotidien des équipes.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 8, le remembrement de biens ruraux dans la rue du Cimetière et Am Doihl à Niederkorn.*
*Concrètement, il s'agit d'un échange sans soulte concernant deux parcelles. Christiane Brassel-Rausch tient à raconter toute l'histoire.*
*La commune a été contactée parce qu'un arbre était en mauvais état. C'est là que l'on a constaté que depuis des années, la commune travaillait sur un terrain ne lui appartenant pas tandis que le terrain qui lui appartient était géré par des particuliers. La situation a été régularisée. Tout le monde sait désormais quel terrain lui appartient. C'est une histoire chouette.*
*La bourgmestre demande au conseil communal d'approuver l'acte.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à une convention sur la chasse.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *n'est pas un expert de chasse, mais il explique que ce point porte sur le lot 566. Ce territoire fait 400 ha. Une partie est gérée par Differdange et une partie par Sanem. Ces deux parties sont séparées par la frontière communale.*
*Les propriétaires du terrain sont ArcelorMittal, le ministère de l'Économie et les deux communes.*
*La commune de Sanem est locataire de la chasse et la Ville de Differdange a signé une convention avec elle.*

*Le lot se trouve dans une zone industrielle avec quelques habitations le long de la route.*
*Il est important de gérer ce lot comme il faut pour éviter que le gibier ne prolifère. Des sangliers ont déjà traversé la collectrice ou des quartiers.*
*Sanem et Differdange ont décidé de s'occuper de ce lot parce que personne d'autre n'était intéressé. Les deux communes ont créé un syndicat avec des représentants des services communaux, dont le garde forestier. Monsieur Ernest Rayeck s'occupera de la partie differdangeoise bénévolement. Les bénéfices de la chasse seront versés à la commune.*
*Monsieur Rayeck devra notamment réaliser des compensations d'orchidées. Il est membre de la commission de l'environnement et a beaucoup d'expérience. Il connait cette zone depuis longtemps et ses conseils sont toujours appréciés.*
*Le partenariat avec la commune de Sanem est exemplaire. Avant la nouvelle loi sur la chasse, le terrain se situait intégralement dans une commune. Ce n'est plus le cas maintenant, mais l'expérience se passe bien — dans l'intérêt de l'environnement et de la future planification de ce terrain.*
*La convention est valable jusqu'en mars 2030.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *précise que la parcelle en question se trouve entre ArcelorMittal, Kronospan, Differdange et Sanem. Elle est divisée du nord au sud.*
*Ensemble avec la commune de Sanem, la Ville de Differdange a décidé de nommer une sorte de ranger pour gérer sa partie. Il sera en charge de la biodiversité et d'autres missions définies dans la convention.*
*Le lot de Differdange a une surface de 397 ha. Les tâches que le conseil communal doit approuvées concernent exclusivement le lot 566 de la commune de Differdange.*

ArcelorMittal, d'Ekonomie an zu engem klengen Deel déi zwou Gemengen.

Ech wëll preziséieren, datt d'Gemeng Suessem den offizielle Juegdpiechter vis-à-vis vun der ANS ass, a mir hu mat der Gemeng Suessem eng Konventioun ofgeschloss, wie sech hei ëm wat këmmert.

Et ass e speziellt Lous, well et sech praktesch ganz an engem Industriegebitt befënnt, wann ee vum bewunnten Deel laanscht d'Strooss ofgesäit. Den Accès zum eigentleche Juegdgebitt ass dofir och net ganz esou einfach.

Et ass wichteg, datt sech anstänneg ëm dat Lous bekëmmert gëtt, soss vermehrt sech d'Wëld onkontrolléiert. Et dierf een net vergiessen, datt d'Gebitt direkt un d'Autobunn ugrenzt. Et si scho Wëllschwäin iwwert d'Collectrice bis an d'Wunnquartiere marschéiert.

Déi zwou Gemengen, Suessem an Déifferdeng, hu proposéiert, sech zesummen ëm dat Lous ze këmmeren, engersäits wéinst der Partikularitéit vum Lous, anerersäits well sech kee richteg fir dat Lous interesséiert huet. Vum Ëmweltministère ass et esou guttgeheescht ginn. Déi zwou Gemengen hunn ee Syndikat zesummegestallt, wou Persounen aus interne Servicer dra sinn, esou och eise Fierschter.

Fir den Déifferdenger Deel hu mir den Här Ernest Rayeck gefrot, ob hie bereet wär, sech op benevoller Basis ëm eisen Deel ze këmmeren. Och den Erléis vum Wëld, wat alt emol muss geschoss ginn, fir d'Populatioun vun de Wëllschwäin ze kontrolléieren, fält an d'Gemengekeesen.

Eng Rei Aufgabe muss hien unhuelen, déi och hei an der Konventioun preziséiert sinn, zum Beispill sinn divers Kompensatiounen op dësem Gebitt ze maachen, Orchideeën ëmplanzen. D'Gebitt ass immens interessant, wat d'Fauna an d'Flora ugeet.

Duerch seng Memberschaft an eiser Ëmweltkommissioun a seng Erfarung am Ëmweltberäich ass hie fir eis déi richteg Persoun, fir dës Aufgab ze meeschteren.

Den Ernest Rayeck kennt dat Gebitt säit Joren, wat e weidere Virdeel ass. Seng Rotschléi wéi seng Rapporte sinn ëmsou vill méi wäertvoll. Do kënnt ee jo och net einfach esou eran.

D'Zesummenaarbecht mat der Gemeng Suessem ass exemplaresch. Et muss ee wëssen, virum neie Juegdgesetz war et integral just an enger Gemeng an net iwwergräifend, wéi dat elo de Fall ass.

Ech denken, datt dës Experienz eenzegaarteg ass hei am Land, an datt déi Kooperatioun wäit iwwer eng Juegd geet, am Interessi vun eiser Ëmwelt an der zukünfteger Planung vun dësem dach grousse Gebitt.

Déi Konventioun geet bis den 31. Mäerz 2030. Dat kënnt dohier, well d'Lousen den 1. Abrëll 2021 versteet ginn an déi sinn dann ëmmer fir néng Joer gutt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, fir d'Explikatiounen, Här De Sousa. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zu dëser Konventioun. Et handelt sech hei ëm eng gréisser Parzell tëscht ArcelorMittal, Kronospan an de Gemengen Déifferdeng a Suessem. Getrennt ass dës Parzell vun Norden op Süden.

Wéi vum zoustännege Schäffen Här De Sousa expliziéiert ass mat der Gemeng Suessem zesummen decidéiert ginn, op en anere Wee ze goen, ewéi eng Stee fir dëst Juegdlous ze maachen. Dofir awer an eiser Gemeng e Juegdhidder, Richtung Ranger ze nominéieren, wou ënner anerem d'Iwwerwaachung vun der Biodiversitéit zu der Rei vun den Aufgabe gehéiert, déi an dëser Konventioun festgehale sinn.

Den Déifferdenger Lot de chasse ass 397 Hektar grouss. Mir stëmmen elo déi verschidden Aufgaben, déi an dëser Konventioun festgehale sinn, natierlech nëmmen exklusiv fir de Lous 566 vun der Gemeng Déifferdeng. Wënschen eis eng gutt Zesummenaarbecht mam Gar-

de de chasse, dem Här Rayeck Ernest. D'Demokratesch Partei stëmmt dës Konventioun. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Als President vun der Ëmweltkommissioun bestätegen ech, wat gesot ginn ass. Den Här Rayeck ass en erfuerene Jeeër respektiv huet gutt Kontakter zu den anere Juegdpartner, déi mer ronderëm d'Gemeng hunn.

Ech wëll nach e puer Prezisioune ginn zu deem Terrain, ëm deen et sech handelt. Et ass keen, dee sech dorëm räisst, fir déi Juegd ze kréien. D'Denominatioun vun engem Garde de chasse ass de richtege Choix. Deen den Terrain am A huet, deen dat Néidegst mécht, dass keng Iwwerpopulatioun, haaptsächlech u Wëllschwäin, do opkënnt. Deen den Inconveniente vun deem Terrain Rechnung dréit an och den néidege Kontakt zu der Gemeng hierstellt.

Ech wëll och kuerz en Historique bäisetzen, well dat mer wichteg schéngt, fir eis Memoire opzefrëschen. Fréier war do e risege Woiwer Bësch, dee vun der Zolwer Strooss, Zolwerknapp bis an den Haneboesch quasi gaangen ass. Dee lues a lues zergrimmelt ginn ass, eeben duerch d'Industrie, duerch d'Hadir, d'ARBED, d'Arcelor an esou weider. Den éischte Schlakentipp war do, dat gesäit een nach haut un deenen Oflagerungen, déi do sinn, dat erkennt een un der Qualitéit vun deene Schlake vun deemools.

Dee Schlakentipp ass gewuess vun Nidderkuerer Säit lues a lues bis bei d'Kalekerbaach, Woiwer an esou virun.bBis am Fong alles zougetippt war mat Schlak, déi jo exploitéiert ginn ass vun enger Firma bis zum haitegen Dag.

Et ass awer leider duerno eng Oflagerungsplaz gi fir alles, wat eis Gesellschaft net gebraucht huet. Dat heescht déi berüümten Decharge Lamesch, déi haaptsächlech Ronnebierg war, wéi de Ronnebierg an Nout war an zougemaach ginn ass, war do eng Oflagerungsstätt, déi haut nach net ganz genee erfuerscht ass an déi eis haut nach Misär mécht.

De Site Primorec war do, déi Wonnermaschinn, déi sollt all siderurgesch Offäll recycléieren a revaloriséieren. De Projet ass näischt ginn, mee déi blo Këscht steet nach ëmmer do. Dat si Relikter aus der Vergaangenheet.

Dat Geféierlechst a Schroost, wat do ass, dat sinn d'Dekontaminatiounsweieren. Wann een d'Kaart kuckt, sou ass dat och do beschriwwen. Wou am Fong d'Uelegschlämm aus dem Stolwierk, haaptsächlech aus de Walzwierker, dorobber gepompelt si ginn, wann d'Dekontaminatiounsweieren ënne verschlammt waren. Do ass nach Assainissement néideg.

Ech hoffen net, dass mir – mir sinn zwar amgaangen – dat de kommende Generatiounen iwwerloossen. Ech mengen, do hu mer aktuell Beméiungen an der Ëmweltkommissioun op der Gemeng, de Service écologique an esou virun, hu mer eng Tripartite Staat, Proprietär, Gemengen, fir déi Saach lues a lues an de Gréff ze kréien. Zesumme mat der Gemeng Suessem och.

Wéi duerch e Wonner, d'Natur ass deelweis bliwwen och als Rand, fir verschidde Saachen ze cachéieren, huelen ech un. Déi huet sech awer och villes zréckgeholl, d'Biovegetatioun op deenen ale Schlakentippen, Fiichtgebidder, Klärweieren, déi haut mat Solaranlag versi sinn an esou virun. Dofir hu mer se jo och am PAG als Zone verte klasséiert.

Dat ganzt Gebitt soll sech net eleng iwwerlooss ginn. Dofir ass grad déi Denominatioun Garde-chasse richteg, fir do eng Persoun hinzesetzen, déi den Terrain kennt, déi deementspriechend mat de Gemengen zesummeschafft an och mam Proprietär zesummeschafft, wann do illegal Saache passéieren, déi haut och net méi dierfe virkommen.

D'Detailer fannt Der an der Konventioun, déi zimmlech vast ass. Ech hoffen, dass eis Gemeng wéi d'Suessemer Gemeng deem Garde-chasse hir voll Ënnerstëtzung an där Saach do gëtt. Ech soen Iech Merci.

*Christiane Saeul espère que la collaboration avec le garde-chasse, monsieur Rayeck se passera bien. Le DP approuvera la convention.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *confirme ce qui vient d'être dit en tant que président de la commission de l'environnement. Monsieur Rayeck est expérimenté et connait bien les autres partenaires de chasse.*

*Pour Frenz Schwachtgen, nommer un garde-chasse est une bonne solution. Celui-ci fera le nécessaire pour éviter une prolifération de sangliers et tiendra compte des inconvénients du terrain.*

*Frenz Schwachtgen rappelle que jadis, le terrain était occupé par la forêt du Woiwer, qui s'étendait de Zolwerknapp au Haneboesch. Petit à petit, la forêt s'est réduite à cause de Hadir, l'Arbed, ArcelorMittal... Ensuite, la première décharge de scories a vu le jour. Au fil du temps, elle s'est étendue jusqu'à la Kalekerbaach. Tout le terrain était recouvert de scories. Le site a fini par devenir une zone de stockage pour tout ce dont notre société n'a plus besoin. Frenz Schwachtgen mentionne la décharge Lamesch du Ronnebierg, qui continue à créer bien des problèmes à la commune.*

*La machine de Primorec était censée recycler tous les déchets sidérurgiques. Le projet a échoué, mais la boite bleue est restée sur place.*

*Les étangs de décontamination sont particulièrement dangereux, car on y pompait les boues d'huile provenant du laminoir. Un assainissement est nécessaire. La commission de l'environnement, le service écologique, l'État et les communes essaient de trouver une solution pour les générations futures.*

*Par une sorte de miracle, la nature a réussi à subsister dans quelques coins. Et finalement, une véritable végétation s'est développée sur les anciennes décharges, les étangs... C'est pourquoi, dans le PAG, ces terrains sont classés zone verte.*

*Il n'est pas question de laisser le site à l'abandon. C'est pourquoi il fallait trouver un garde-chasse connaissant le terrain et collaborant avec les communes et le propriétaire.*

*Les détails figurent dans la convention. Frenz Schwachtgen espère que la commune de Sanem et la Ville de Differdange soutiendront le garde-chasse.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un terrain mis à disposition de la Ville de Differdange par une société au 19, rue du Chemin-de-Fer.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que les gérants du supermarché Delhaize ont contacté le collège échevinal à cause de problèmes liés aux livraisons. Comme les places destinées aux livraisons sont constamment occupées, le camion bloquait la route et engendrait des embouteillages. Le collège échevinal a proposé au supermarché de céder le terrain à la commune pour que celle-ci puisse le règlementer.*
*En revanche, ce sera au supermarché de s'occuper de l'entretien. La commune ne fera que signaliser le site.*
*La mise à disposition porte sur un an et peut être reconduite. Le conseil communal a déjà approuvé un règlement temporaire jusqu'à la fin de l'année.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *salue cette convention. Comme il s'agissait d'un terrain privé, la police et les agents municipaux ne pouvaient pas intervenir.*
*Les voitures mal garées ne permettaient pas au camion d'effectuer les livraisons. Guy Altmeisch se souvient que quelqu'un avait même laissé sa voiture sur cette place pendant trois mois.*
*Il salue le fait que la commune s'en occupe désormais. Cela représente une plus-value pour les habitants et pour les clients du magasin.*
*(Vote)*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Et gëtt keng Wuertmeldung méi dozou, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention portant sur la cession de la partie ouest du lot de chasse n° 566.*

Villmools merci. Ech schloe vir, dass mer deen nächste Punkt nach erduerchhuelen an duerno eng kleng Paus maachen, sou géint véierel op néng, well mer jo éischter ugefaangen hunn, an da weiderfueren.

Am Punkt 8c geet et ëm eng Mise à disposition vun engem Terrain, deen eng Societéit der Gemeng Déifferdeng zur Verfügung stellt. Et geet ganz genau ëm d'Parkplaze virum Delhaize 19, Rue du chemin de fer. A fir eis d'Erklärungen ze ginn, géif ech d'Wuert un den Här De Sousa weiderginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir hutt elo scho ganz vill gesot. Et gëtt net vill méi ze soen. Ech wëll awer e bëssen erklären, wéi mer dozou komm sinn.

D'Gerante vum Supermarché Delhaize sinn Enn Mee un eis erugetruede wéinst der Problematik mat där Liwwerplaz. Et stoungen ëmmer Autoen op der Liwwerplaz, de Chauffer vum Liwwerwon muss awer ausliwweren, dat huet e Réckstau verursaacht, datt et net méi vijenzeg an net méi hannerzeg gaangen ass.

Do hu mer hinne proposéiert: Cedéiert eis deen Terrain, da kënne mir e reglementéieren, dann hu mer op d'mannst eng Handhab. Doduerch ass elo déi Mise à disposition haut am Gemengerot.

D'Konditiounen: All Amenagement, Ënnerhalungsaarbechten um Site, sief dat Trottoir botzen, Schnéi schëppen, dat alles fält op si. Mir musse just d'Markéierung maachen an d'Schëlter opstellen.

Déi Mise à disposition leeft op ee Joer a kann ëmmer verlängert ginn. Mir si frou, datt mer dat gereegelt kritt hunn. Iwwert d'Reglement hate mer schonn hei am Gemengerot ofgestëmmt gehat, als Règlement temporaire bis Enn dëses Joers, dat kënnt dann an eist Verkéiersreglement. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir als LSAP Déifferdeng begréissen déi Konventioun. Dat ass e Projet, dee schonn iwwer Jore geet. Ech ka mech erënneren, do aten mer dee selwechte Problem: Vu dass et Privatterrain war, war et net méiglech fir d'Police an och net fir d'Agente vun der Gemeng, fir do ze intervenéieren, fir ofzeschleefe respektiv dergéint virzegoen, dass d'Leit sech anstänneg parken.

De Problem war ëmmer dee selwechten. Wann Autoe queesch stoungen, wann de Supermarché beliwwert ginn ass, da war eng Liwwerung net méiglech an en Opraume vun deene falsch stationéierten Autoe war och net méiglech. Et war souguer sou wäit gaangen, kann ech mech erënneren zu menger Zäit, dass ee säin Auto dräi Méint do stoe gelooss hat. Déi Parkplaz war dunn dräi Méint besat an esou virun. Dat war net de Sënn an Zweck vun deem Ganzen.

Mir begréissen dat a stëmmen deem zou. Zemools, wou mer elo d'Garantie hunn, dass dat vun der Gemeng propper gehale gëtt, gezeechent gëtt a sécher och fir d'Awunner an d'Cliente vum Geschäft eng Plus-value ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Altmeisch. Et gëtt keng Wuertmeldung méi, da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention conclue avec la société Sapore del Sole SA portant sur la mise à disposition d'un terrain situé devant l'immeuble sis à Differdange, 19, rue du Chemin-de-Fer.*

Wann Der averstane sidd, huele mer nach dëse Punkt. Ech hat net geduecht, dass dat elo esou séier géif goen. Dat hei ass eng Konventioun mat ClimateView am Kader vun NetZeroCities, de Smart Cities 2030. Wann Der dermat averstane sidd, dass mer deen nach séier evakuéieren, an duerno d'Paus maachen.

Här De Sousa, Dir hutt d'Wuert.

### SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Bei ClimateView handelt et sech ëm een Tool, fir eis CO2-Bilanz richteg ze berechnen. Et ass eigentlech deen éischte Schratt, dee mer virhuelen, fir d'Visioun vun der klimaneutraler Stad Déifferdeng 2030 ëmzesetzen.

Mat dësem Geschier kréie mer eng komplett Vue a kënnen anengems Mesurë fir d'Zukunft berechnen. Sou kënne mir zum Beispill berechnen, wat fir een Effekt eng Reduktiounsmoossnam, déi mir elo decidéieren, an zéng Joer wäert hunn.

Eis Servicer, déi um Projet NetZeroCities 2030 schaffen, si sech alleguerten eens, dass et sech heibäi ëm eng wichteg Basis handelt, déi et an esou enger Form hei am Land nach net gëtt an déi onvergläichbar ass mat zum Beispill dem EnerCoach vum SIGI. Heimat si mer anere lëtzebuergesche Gemenge an der Klimabilanz Jore viraus.

Et ass keen onbekannten Tool. Wann een op d'Säit kucke geet, da gesäit een, et ass de Moment d'Basis vun der Klimabilanz vum schwedesche Staat, an och vill Stied an Däitschland, déi och als NetZeroCity bei deenen 100 Stied gewielt sinn, schaffe schonn eng länger Zäit mat dësem Tool.

Dës Konventioun leeft ee Joer an ass wéi üblech ëmmer ëm zwielef Méint erneierbar, wa keng Awänn sinn. Et kascht 18.000 Euro. Mir si ganz kloer der Meenung, datt dës Suen immens gutt investéiert sinn a bieden Iech, dës Konventioun matzestëmmen. Ech soen Iech Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Madamm Pregno, wannechgelift.

### SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci. E schéine gudde Moien och vu menger Säit. Dat hei ass en immens wichtegen Tool an der Klimatransitioun. Mir wëssen, dass en europäesche Green Deal ofgeschloss gouf, dee bis 2050 eng Klimaneutralitéit soll garantéieren. Wa mer alleguerten d'Neiegkeete kucken a gesinn, wat dobausse leeft, dann denken ech, dass et immens urgent ass ze agéieren.

Déifferdeng ass eng vun 100 Stied. 377 Stied hate sech gemellt fir matzemaachen. Ech denken, dass et schonn eng Éier ass, dass Déifferdeng als lëtzebuergesch Stad zréckbehale ginn ass. An dass dat wierklech en immens progressive Schrëtt ass. D'Stied maachen um europäeschen Niveau zwar just 4 % vum Territoire aus, mee regruppéiere 75 % vun der Bevëlkerung. Wa mer mat esou Tools schaffen, hu mer en immens groussen Impakt.

Wëssend och, dass an de Stied quasi 65 % vun der Energie verbraucht gëtt. Dat heescht, dat ass schonn e wichtegt Zännriedchen, wat net ze negligéieren ass.

Bei esou Tools respektiv esou Programmer gëtt et en immens flott Zesummespill vu lokalen Autoritéiten, Bierger, déi involvéiert sinn, Industrien, Commerçanten an Investoren.

D'Administratioun vun der Stad fungéiert als innovativen Hub, si ass kreativ an innovativ gefuerdert. Ech denken, dass mer hei wierklech musse matmaachen. An ech sinn immens frou, dass och eis Departementer am Beräich Ekologie an Energie sech do mata-

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à une convention avec ClimateView concernant Net0Cities.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que ClimateView est un outil permettant de calculer précisément le bilan $CO_2$. Il s'agit d'un premier pas pour faire de Differdange une ville climatiquement neutre en 2030. Il devient possible de calculer les effets d'une mesure de réduction dans dix ans.*
*Les services s'occupant du projet sont d'avis que l'application n'est pas comparable à ce qui existe actuellement dans le pays. Differdange aura des années d'avance sur les autres communes. En Suède ou en Allemagne, en revanche, on travaille déjà avec cet outil.*
*La convention porte sur un an et est reconductible. Les couts se montent à 18 000 €. Paulo De Sousa demande au conseil communal de l'approuver.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *souligne l'importance de cet outil pour la transition écologique. D'après le* Green Deal *européen, la neutralité climatique doit être atteinte en 2050. Mais les actualités démontrent qu'il faut agir vite.*
*Differdange fait partie des cent villes choisies. Trois-cent-soixante-dix-sept villes ont participé. Pour Laura Pregno, il s'agit d'un honneur. Ces villes ne représentent que 4 % du territoire, mais comptent 75 % de la population. L'impact de cet outil sera donc considérable, car 65 % de l'énergie est consommée en ville.*
*Ce type d'application constitue une chouette interaction entre les autorités locales, les citoyens, les industries, les commerces et les investisseurs. Les villes deviennent un hub innovant et créatif. Laura Pregno se dit contente que la Ville de Differdange participe à ce projet.*

*Les écologistes approuveront la convention.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *trouve aussi que ce projet est innovant et excitant. De toute façon, à terme, il faut devenir climatiquement neutre, c'est-à-dire arriver à un point où le monde n'émettra plus de $CO_2$.*
*Parallèlement, Eric Weirich est sceptique, car les réductions de $CO_2$ prennent trop de temps. Differdange devra être neutre en 2023 et le Luxembourg en 2050. Cela signifie que le pays devra émettre aussi peu de $CO_2$ que pendant le confinement. Eric Weirich n'y croit pas trop.*
*Toutefois, ce projet va dans la bonne direction et il l'approuvera. Il espère pouvoir aider la commune, car il travaille dans ce domaine.*
*Net0Cities est un projet européen. Madame Pregno a mentionné le* European Green Deal. *Mais la commune devra payer 18 000 € par an pour un outil obligatoire. Ce n'est pas une critique envers le collège échevinal, mais Eric Weirich ne comprend pas le fonctionnement de l'Union européenne. La commune doit payer pour la mise à disposition d'un outil d'une société privée.*

**ERNY MULLER (CSV)** *soutient lui aussi cette initiative. Mais comme monsieur Weirich, il pensait que le projet serait financé à travers des subsides européens.*
*Est-ce que ce n'est vraiment pas possible ? Les frais d'infrastructures sont censés être financés par les partenaires, mais dans ce cas-ci, il s'agit d'une application qui existe déjà et qui a fait ses preuves. Il faudrait savoir clairement ce qui est financé par la commune et ce qui est financé par l'UE. La commune doit savoir à quels subsides s'attendre.*
*Erny Muller ajoute qu'il s'agit d'un projet pilote dont vont profiter toutes les communes du pays.*
*(Vote et Pause)*

bruecht hunn, fir bei dësem Programm matzemaachen.

Als Gréng ënnerstëtze mir dëse Projet zu 100 %. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech gi menge Virriedner*inne Recht, et ass en absolutt spannenden an innovative Projet fir eis als Stad Déifferdeng. Et féiert kee Wee dolaanscht, fir à terme op net zero emissions ze kommen. Dat heescht op e Punkt ze kommen, wou mer als Stad oder allgemeng als Land, oder Planéit, wéi och ëmmer, guer keen $CO_2$ méi ausstoussen.

Gläichzäiteg sinn ech awer och e bësse skeptesch. Et geet ze lues viru mat der $CO_2$-Reduktioun. Ech mengen, wa mer déi wierklech bis 2030 oder 2050 erreeche wëllen, wou mer eis Stad Déifferdeng oder d'Land als Zil geholl hunn – ech mengen als Land solle mer 2050 klimaneutral sinn, also guer keng $CO_2$-Emissioune méi ausstoussen –, misste mer am Prinzip sou wéineg $CO_2$ ausstousse wéi um Héichpunkt vum Lockdown 2020, wärend der Pandemie. Do sinn ech, bei aller Motivatioun, awer e bësse skeptesch.

Mee dëse Projet geet an d'Richtung, wou op d'mannst versicht gëtt, no un déi net zero emissions ze kommen. An deem Sënn droen ech dat heiten natierlech och gär mat. An ech hëllefen natierlech och gär mat, well dat och e Beräich ass, an deem ech vill professionell schaffen.

Ech si just e bëssen iwwerrascht, mir schwätzen hei vun engem EU-Projet, wou sécherlech och iergendwou e Finanzement mat drun hänkt. D'Madamm Pregno huet elo den European Green Deal ernimmt. An da musse mer awer 18.000 Euro d'Joer bezuele fir en Tool, deen eis iergendwou imposéiert gëtt, wat obligatoresch ass, well mer zréckbehale goufen um Niveau vun der EU, fir also Lëtzebuerg do ze vertrieden.

Dat fannen ech e bësse komesch. Dat ass elo net Är Schold, ech verstinn d'Virgoensweis vun der EU net, dass mer direkt scho fir een Outil musse bezuelen, dee vun enger Privatfirma zur Verfügung gestallt gëtt. Dat ass e Commentaire, deen Iech elo net direkt betrëfft.

Dat gesot, stëmmen ech dat heiten awer mat. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dann hat den Här Muller d'Wuert gefrot.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Selbstverständlech ënnerstëtze mir als LSAP och déi doten Initiativ. Ech hat am Fong déi selwecht Fro wéi den Här Weirich. Ech war der Meenung, dass mer dat dote kéinten ofwéckelen iwwer e Subsid, dee mer jo kréien op europäeschem Plang. Ech weess net, vläicht ass dat nach méiglech.

Et steet zwar do, dass Infrastrukturkäschten oder änlech Käschten, déi elo net direkt eppes mat der Etüd ze dinn hunn, dass déi vum Partner géife gedroe ginn. Dat hei ass jo awer eng Software-Saach, si ass zwar scho fäerdeg, mir huelen am Fong een Tool, dee schonn existéiert, deen, wann ech dat richteg verstinn, also seng Preuve gemaach huet, wou ee jo och eppes Flottes fënnt um Marché.

Trotzdeem wär et gutt, wa mer mol géife kloerstellen, wéi eng Part d'EU dréit. Wat ass de Projet EU a wat ass d'Part déi dann herno d'Gemeng kritt? Well ech mengen, mer musse jo awer kënne verschidde Saachen ofwéckelen iwwert déi Subsiden, déi mer effektiv kréien.

Fir de Rescht ass dat hei e Pilotprojet, wou all d'Gemengen am Lëtzebuerger Land, also d'ganzt Land dervu profitéiert. Mir maachen do am Fong eng Aufgab, déi mer herno kënne weiderreechen, wou och aner Stied sech kënnen uschléissen. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Gëtt et nach eng Fro? Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention signée avec la société Climate View visant à accélérer la transition climatique dans le cadre de la mission européenne 100climate-neutral and smart cities by 2023.*

Da géife mer elo eng Véierelstonn Paus maachen.

(Paus)

Eng Konventioun MobiDiff. Doriwwer wäert den Här Paulo De Sousa eis e puer Explikatioune ginn.

**SCHÄFFEN PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci. D'Konventioun MobiDiff. De Pilotprojet mam Numm MobiDiff huet als Zweck, d'Mobilité douce ze fërderen, ugefaange bei de Leit, déi fir d'Gemeng schaffen, op hirem Wee op d'Aarbecht. Dëst via d'Applikatioun Survcoin, eng Wärung, déi der Dekarbonisatioun gewidmet ass, déi d'Leit mat diversen Ureizer belount.

MobiDiff ass Deel vu Beméiungen, déi scho gemaach goufe vun der Gemeng Déifferdeng a punkto Klimaaktiounen, a kéint, wann et erfollegräich ass, ënner engem aneren Numm och op aner Secteuren ausgebaut ginn.

D'Applikatioun erkennt d'Beweegungen, déi d'Leit maachen, sief dat ze Fouss, mam Vëlo, mam Bus, mam Zuch oder Covoiturage. Si kréie Punkten an no enger gewëssener Unzuel gi si derfir belount. D'Belounung soll net den Haaptureiz sinn, d'Leit solle sensibiliséiert ginn, fir ze gesinn, wat fir ee Bäitrag si leeschten, wa se hir Habitude e bëssen änneren.

An enger éischter Phas sinn nëmmen d'Leit, déi op der Gemeng schaffen, viséiert. Mee mir hu wëlles, dat zu engem weideren Zäitpunkt op d'ganz Bevëlkerung ze erweideren. Fir datt se eeben hir Gewunnechten änneren, mat klenge Belounungen. Also d'Incitatioun ass d'Haaptiddi bei dësem Projet.

Ronn 25 Gemengebeamten hu sech gemellt, fir do matzeschaffen, fir kleng Feeler och auszemäerzen. An enger zweeter Phas d'ganzt Personal an, wéi ech scho virdru gesot hunn, d'Haaptiddi ass, herno d'ganz Bevëlkerung matanzebezéien.

D'Diffbusser ginn elo mat Beacons ekipéiert. Dat ass e System, wann een erakënnt, den Handy erkennt dat. Duerno, wann een op der Aarbecht ukënnt, da klickt een, da kritt ee Punkten.

Eis Beamten hu scho Gespréicher mam T.I.C.E. gefouert. Si waren direkt bereet materanzeklammen. Si fannen dat eng gutt Iddi fir de Süden, awer och fir et herno landeswäit weiderzeféieren.

140 T.I.C.E.-Busser plus 30 RGTR-Busser, déi reegelméisseg op Déifferdeng kommen, wäerte mat deem Beacon ekipéiert ginn.

Wann alles gutt klappt, rechne mer, datt am Januar 2023 déi éischt Phas startbereet ass.

Eng Fro, déi oft gestallt gëtt: Do gi jo Donnéeë gesammelt, dat ass ëmmer ganz heikel. Awer hei gi keng Donnéeë gesammelt. Bei der MobiDiff-App gëtt guer näischt getrackt. Et gëtt just eng Kontrollconnexioun gemaach. Et muss ee just, wa een zum Beispill ze Fouss geet, bestätegen, datt een ze Fouss geet. Awer wann een an de Bus klëmmt, de Beacon erkennt dat an dann huet een dat op senger App.

Fir sech op där App unzemellen, muss een eng Kéier seng Handysnummer uginn. Et kéint een och seng E-Mail-Adress uginn. Mee do gi guer keng Donnéeë gespäichert.

An der Konventioun steet kee Präis, dat ass Frais sur facture. Fir ze starten, hu mir awer mam Här Lasar vu Survcoin ausgemaach, datt de Startpunkt mol 16.000 Euro kascht. Merci.

**TOM ULVELING (CSV)** *passe à la convention MobiDiff. Il plaisante sur le fait qu'il ne faut pas la confondre avec* Moby-Dick.

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *répond que ce n'est pas la première fois qu'on l'a lui fait.*

*Le projet pilote MobiDiff a pour objectif de promouvoir la mobilité douce. Le projet va de pair avec l'application Survcoin, qui est aussi une monnaie dédiée à la décarbonisation.*

*Si MobiDiff se révèle un succès, le projet pourrait être élargi à d'autres secteurs sous un autre nom.*

*L'application attribue des points aux utilisateurs en fonction de leurs déplacements à pied, à vélo, en bus, en train ou en covoiturage. La récompense ne doit cependant pas être la source de motivation principale. Il s'agit de sensibiliser les gens et de changer leurs habitudes.*

*Dans un premier temps, l'application est destinée aux gens travaillant à la commune. Ensuite, l'utilisation sera élargie à toute la population.*

*Vingt-cinq employés se sont inscrits pour la première phase. La deuxième phase sera ouverte à tous les employés. Ensuite, ce sera au tour de la population.*

*Les Diffbus seront équipés d'un système reconnu par les téléphones portables. Quand on arrive au travail, il suffit de cliquer sur un bouton pour obtenir ses points.*

*Le TICE est aussi intéressé par ce système et voudrait le lancer dans le sud, puis dans le reste du pays. Cela signifie que 140 bus du TICE et 30 RGTR circulant à Differdange en seront équipés. Si tout se passe comme prévu, la première phase commencera en janvier 2023.*

*L'application ne récolte pas de données personnelles. Elle ne fait que se connecter pour effectuer un contrôle. Elle reconnait ainsi qu'on entre dans un bus. En revanche, quand on se déplace à pied, il faut l'indiquer. Pour s'inscrire dans l'application, il faut donner son numéro de téléphone ou son adresse e-mail, mais les données ne sont pas stockées.*

*La convention ne fixe pas de prix, car le financement se fait sur fac-*

*ture. Pour le lancement, 16 000 € ont été prévus.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *trouve étonnant que le conseil communal doive approuver une convention sans qu'un prix y soit indiqué. En plus, monsieur De Sousa vient de parler de 16 000 €.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *confirme les propos de monsieur Altmeisch.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que l'on connait donc le prix de départ, mais pas le prix d'arrivée. Si les 4 ou 5 premiers mois coutent 16 000 €, la commune arrivera à près de 40 000 € par an. Guy Altmeisch espère que ce ne sera pas le cas.*
*Il regrette que l'on discute d'une convention sans connaitre le prix. D'autres communes utilisent-elles déjà cette application ?*
*En outre, pour profiter de l'application, il faut un téléphone mobile pour s'y connecter et rassembler des points. La société reçoit donc de l'argent de la part de la commune pour obtenir des résultats après plusieurs mois.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch estime que l'idée est bonne pour peu qu'elle se solde par un succès. Mais la question du prix l'inquiète.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *constate que le nom du projet, MobiDiff, la fait sourire. Un nom chouette contribue à la réussite d'un projet. Il s'agit de créer des alternatives à la voiture.*
*Laura Pregno trouve intéressant d'étendre le projet petit à petit. Les récompenses représentent une incitation pour les gens à utiliser plus souvent les transports en commun. La conseillère communale imagine une entrée à Aquasud comme petit cadeau.*
*La voiture est extrêmement confortable et pratique, mais elle émet du* $CO_2$ *et engendre des problèmes comme celui du stationnement. Des projets comme celui-ci peuvent contribuer à résoudre les problèmes tout en ayant des effets bénéfiques sur la santé ou la cohésion d'une équipe.*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Gëtt et Wuertmeldungen? Den Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ech hu mer dee Projet do ugekuckt, gelies an och verstanen. Ech fannen et komesch, dass an enger Konventioun, déi mer ënnerschreiwen an déi mer votéieren, kee Präis steet. An da schwätze mer vun engem Depart vu 16.000 Euro, hat ech richteg verstanen?

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Depart ass 16.000 Euro, d'Arrivée wësse mer net. Dat ass awer eng grouss Inconnue. A fir Januar definitiv ulafen ze loossen, dat heescht mir hu véier, fënnef Méint, wou mer lo vun der App kënne profitéieren fir 16.000 Euro. Wa mer dat dann héich rechnen, bezuele mer fir ee Joer bal 40.000 Euro. Hoffen, dass dat jo net esou ass.

Ech fannen et och net glécklech, dass wa mer eng Konventioun stëmmen oder driwwer diskutéieren, mer de Präis no uewen net wëssen. Den Depart wësse mer, an d'Arrivée wësse mer net.

Eng aner Fro ass: Gëtt et Gemengen, déi déi App scho probéiert hunn?

An et ass jo och esou, wann ech vun där App do wëll profitéieren, da muss ech en Handy hunn, fir déi App ze aktivéieren. An och fir mech am Alldag an- an auszeloggen, fir Punkten ze sammelen. Dat ass jo esou. An de Präis, dee mer bezuelen dat ass, fir dass mer vun der Firma e Resultat après coup oder no enger gewëssener Zäit vu Méint als Gemeng kréien, fir ze wëssen, wéi wäit vu verschidde Saache profitéiert gëtt.

An d'Dauer vun der Konventioun, wéi laang déi geet – wann dat e Succès ass, ass dat jo eng gutt Saach. Mee wat mech e bësse stutzeg mécht, dat ass déi Saach mam Präis. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling, fir d'Wuert. Mir als déi Gréng sinn immens begeeschtert vun deem Projet, deen dee léiwen Numm MobiDiff dréit, dee mech dann awer schmunzele léisst. Ech denken, dass esou flott Nimm dozou bäidroen, dass sech Projete gutt implementéieren.

Et geet drëm, alternativ Transportméiglechkeeten zum privaten Eenzel-Autotransport ze kreéieren. Ech fannen et wierklech eng immens flott Initiativ, dass ee fir d'éischt mat engem Grupp ufänkt an et herno lues a lues ausweit an d'Deplacementer ze Fouss, mam Vëlo, Bus, Zuch wéi awer och Covoiturage fuerdert a fërdert.

Duerch esou kleng Belounungen – wat ech mer kéint virstellen, en Ticket fir an den Aquasud oder e lokale Commerce oder oder, dat ass awer elo eng vu mengen Iddien, ech weess net, wat do elo genau virgesinn ass – denken ech, dass dat d'Bonne note ass, déi d'Leit vläicht encourageéiert déi eng oder déi aner Kéier an herno och méi oft op aner Transportméiglechkeeten ëmzeklammen.

Et geet wierklech drëm, lues a lues d'Gewunnechten ze änneren. Mir wëssen, dass den Autotransport immens komfortabel a kamoud ass, mir wëssen awer och, dass en CO2-méisseg immens pejorativ ass. An och aner Problemer wéi virun allem d'Parkingsproblematik kreéiert a mer och do ganz vill Konflikter hunn. An ech denken, dass esou Projeten Usätz sinn, fir déi Problematiken e bëssen hëllefen ze léisen. An niewebäi huet een aner Bienfaiten, wéi zum Beispill eng sozial Kohärenz an enger Ekipp, och Bienfaite fir d'Gesondheet, déi dann u sech Effet-secondairë si vu sou flotte Projeten.

Mir als déi Gréng ënnerstëtzen dëse Projet zu 100 %. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Pregno. Da géif ech dem Här Weirich d'Wuert ginn.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Ulveling. Merci och fir d'Erklärunge vum Här De Sousa. Normalerweis wär dat hei e Projet, deen ech mat där selwechter Begeeschterung deele géif wéi d'Madamm Pregno grad. Ech fannen de Projet per se och net schlecht, mee iergendwéi schwéngt e bëssen d'Gefill mat, dass et den x-te Projet ass, dee mer heibanne stëmmen, wou een op d'Fräiwëllegkeet vun de Leit setzt, mat Belounungen an hei an do, fir esou der Klimakris entgéintzewierken.

An ech mengen, am aktuelle Kontext, oder sou lues géif et awer Zäit, fir emol e Gang eropzeschalten, fir där Klimakris – oder et gëtt jo mëttlerweil bal gesot Klimakatastroph – méi ferm entgéintzewierken.

Dat hei ass e Projet esou la carotte et le bâton. Ech fannen, et si vill Carottes an ech gesinn awer kee Bâton an där Geschicht. Am Sënn vun, mir hoffen drop, dass d'Leit de Vëlo huelen oder de Bus huelen, fir op d'Aarbecht ze kommen. Mee ech mengen, dat geet awer net duer, respektiv ass vläicht just een Deel vun engem Mobilitéitskonzept, wat klappe kéint.

Ech mengen, da brauch et och méi Bâtons. Et brauch och méi Restriktiounen am Sënn vu vläicht Parkplazen am Zentrum reduzéieren, vläicht och den Autosverkéier an engem Stadzentrum reduzéieren oder méi schwéier gestalten. Well soss kann een sou vill Beloununge virgesinn, wéi ee wëll, wann een nach ëmmer mam Auto mat, ech soen elo, mat der Schnëss vir bäi fuere ka bis an de Buttek eran, dann ass et schwéier, fir wierklech en Impakt ze hunn op d'Verhalen, op d'Deplacementsverhale vun de Leit.

Wat mer och e bësse feelt ass, dat hate mer och scho méi oft hei beschwat, ass e globale Mobilitéitsplang. Deen ass an der Maach, dat weess ech. Mee wann ech gesinn, wéi lues mer an eiser Vëlosinfrastruktur zum Beispill weiderkommen, dat hate mer och scho méi oft hei beschwat, da gesinn ech, et feelt einfach een Deel eeben, deen Deel vun Infrastruktur, wat an dësem Projet ze kuerz kënnt.

Oder wann ech en anert Beispill huelen. Et gëtt jo alljoers den „Alles op de Vëlo", wou mer als Stad Déifferdeng zimmlech inexistent sinn, wat de Ranking ugeet. Do maache vläicht e puer Leit mat, mee et ass elo net de Risenhit.

Mir hu virun engem décke Joer, annerhallwem Joer Verbesserungsvirschléi kritt a Form vun enger Kaart vum Mouvement écologique, fir eis Vëlosinfrastrukturen ze verbesseren. Do ass och net vill bis näischt domadder geschitt. Ech weess, Vëlospisten ass eng national Kompetenz an dat ass komplizéiert mat Servituden, mat Terrainen an esou weider an esou fort. Mee et feelt mer e Gesamtkonzept, fir dass dat hei och ka wierklech e Succès ginn an een Impakt hunn op d'Fuerverhale vun de Leit.

Dat gesot, droen ech dee Projet natierlech awer och mat. Merci fir d'Nolauschteren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Weirich. Dann den Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. D'Iddi vum Pilotprojet ass ganz flott. D'Gemengepersonal, duerno ausgeweit op d'ganz Populatioun, soll incitéiert ginn, sech per Mobilité douce an ëffentlechen Transport op d'Aarbecht respektiv heem ze deplacéieren.

Alles an allem eng gutt Saach punkto Gesondheet, Ëmwelt a fir d'Stad, wa manner Verkéiersopkommen ass.

Natierlech soll ee sech bewosst sinn, datt d'Situatioun fir jiddwer Employé anescht ass, fir deen ee méi einfach ëmsetzbar, fir anerer méi schwéier. D'Stéchwuert Infrastruktur ass gefall, dat muss natierlech dann och parallel weider ausgebaut ginn.

Dofir gutt, datt virgesinn ass, dëst op benevoller Basis positiv ze verstäerken, also datt keen en Nodeel huet.

*Les écologistes supportent ce projet à 100 %.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *constate qu'en temps normal, il verrait ce projet avec le même enthousiasme que madame Pregno. Mais il s'agit d'un énième projet pour inciter les gens à lutter contre la crise climatique à travers des récompenses. Il serait temps de changer de vitesse pour éviter une catastrophe.*
*Le collège échevinal mise sur les carottes, mais il manque le bâton. La commune espère que les gens prendront le bus ou le vélo. Mais cela ne suffit pas et ne peut être qu'une partie du concept de mobilité.*
*Pour Eric Weirich, il faut aussi des bâtons, c'est-à-dire des restrictions. Par exemple, réduire le nombre de places de stationnement ou le trafic dans le centre. Car si les gens ont le droit de stationner juste devant chez eux, les récompenses n'auront aucun effet.*
*Par ailleurs, il manque aussi un concept de mobilité global. Eric Weirich sait qu'il est en cours de réalisation. Mais il est inquiet quand il voit le temps qu'il faut pour développer les infrastructures pour le vélo.*
*Differdange est pratiquement inexistante dans des actions nationales comme* Alles op de Vëlo. *Il y a quelques années, le Mouvement écologique a proposé des améliorations des infrastructures pour le vélo, mais rien n'a été fait. Certes, les pistes cyclables sont de la compétence du gouvernement. Il se pose aussi les questions de propriété des terrains et des servitudes. Mais il manque un concept global. Malgré tout, Eric Weirich soutiendra ce projet.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *trouve l'idée chouette. Il s'agit d'inciter le personnel communal et ensuite la population à recourir à la mobilité douce. C'est bien pour la santé, l'environnement et la ville.*
*Après, il est clair que la situation personnelle des employés varie. Pour certains, se passer de la voiture est plus facile que pour d'autres. Parallèlement, les infrastructures doivent être développées. C'est pourquoi ces projets doivent*

*être réalisés sur la base du volontariat pour le moment.*
*En ce qui concerne les récompenses, Jerry Hartung propose des récompenses de groupe pour augmenter la motivation.*
*Le CSV regrette qu'il n'y ait pas de prix fixe. Mais le plafond se situe à 16 000 €, ce que les chrétiens sociaux peuvent accepter. Il faudrait l'inscrire dans la convention. D'un autre côté, il faut aussi se demander ce que la création de places de stationnement couterait à la commune.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ne pense pas que ce projet apportera quelque chose. On a dit que le TICE est enthousiaste. Pourquoi ne lance-t-il pas ce projet, alors ? Car il est le transporteur principal de la région et il ne dessert pas que Differdange. Même si le projet est un succès, il ne concerne que Differdange. Or les usagers du TICE se rendent aussi à Pétange, etc. Pour Fred Bertinelli, ce projet devrait être réalisé par un grand transporteur. Cela permettrait aussi de savoir où les gens se déplacent.*
*Fred Bertinelli ne reconnait pas de plus-value à ce projet. Il faudrait aller plus loin. Il faudrait que les représentants de Differdange au sein du TICE essaient d'intégrer les autres communes. Autrement, cela n'a aucun sens. Pour Fred Bertinelli, il y a des problèmes bien plus grands à résoudre dans le contexte du concept de mobilité. C'est pourquoi il préfèrerait miser sur le TICE.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *s'associe à la critique de monsieur Bertinelli. Il est d'avis que pour convaincre les gens à ne pas utiliser la voiture, il faut proposer des transports en commun efficaces avec de bonnes connexions entre le train et le bus. Or il reste du pain sur la planche. Quand un train est annulé à Differdange, il est censé être remplacé par un bus. Mais ce n'est pas toujours le cas. Aucun de ces bus ne dessert Oberkorn. C'est ce type de choses qu'il faut changer.*
*Le projet dont il est question aujourd'hui ne changera rien au problème. C'est directement sur le* Zur Belounung, do bidde sech, nieft méi individuelle klenge Plussen, zum Beispill och Gruppebelounungen un, fir de ganze Service, dat bréngt oft och Motivatioun fir de Leschten, deen e bësse méi resistent ass fir Changementer.

Zum Präis. Effektiv hat eis och gestéiert, datt kee fixe Präis drastoung. Dat hate mer an de leschten Deeg nogefrot a kruten déi Erklärungen, déi mer och haut kruten, datt et op 16.000 Euro gedeckelt ass, wat fir ons esou dann och an der Rei ass. Eventuell kéint een dat och an der Konventioun nach bäisetzen.

Et muss ee sech op där anerer Säit d'Fro stellen, wat et d'Gemeng kaschte géif méi Parkraum ze schafen, wat mat dësem Projet en contrepartie manner néideg si wäert. D'CSV stëmmt dës Konventioun mat. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dann hat den Här Bertinelli nach ausgestreckt.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll heizou soen, datt ech d'Iddi u sech guer net schlecht fannen, mee ech fannen, datt dat doten eis net vill bréngt. Dir hutt selwer gesot virdrun, datt den T.I.C.E. begeeschtert wier. Firwat mécht den T.I.C.E. et dann net? Wou sinn eis Leit, déi am T.I.C.E. sëtzen? Dat wär jo ideal, wann den T.I.C.E. esou eppes wéi dat dote géif maachen, well et den Transporteur hei am Süden ass, deen net nëmmen eng Gemeng géif bedéngen, mee alleguerten d'Gemengen aus dem Süden.

Well och wa mer dat à la limite no zwee Joer erausfonnt hunn, dann huet just Déifferdeng et, dann hu mer nach ëmmer näischt geschafft domadder. Well den T.I.C.E. fiert jo och duerch eis Gemeng mat Leit dran, déi op Péiteng oder méi wäit fueren. Also fir effektiv erauszekréien, wou ee wierklech fundamental weess, wou déi Leit sech beweegen, misst een et iwwer esou e groussen Transporteur maachen, wou een dann och herno eraus géif fannen, wat d'Beweegungen do sinn.

Esou gesinn ech de Wäert net fir dat doten. Ausser datt d'Leit sech aschreiwen an een an eenzel Quartiere vläicht an eiser Gemeng dat eent oder dat anert gesäit. Mee ech fannen dat doten net ausgeduecht genuch. Mir hu jo Leit am Büro vum T.I.C.E. sëtzen an och Memberen. Ech géif et gutt fannen, wann iwwert de Wee vum T.I.C.E. d'Gemengen alleguerten dee Programm do maachen, dann hätt dat och iergendwéi e Sënn.

Well hei gesinn ech de Sënn net dran. Et ass esou wéi e Fléckenteppech. Ech mengen, mir hu genuch gréisser Problemer an eisem Mobilitéitskonzept hei an der Gemeng wéi dat doten. Esoudatt ech éischter op de Wee géif goen, datt eis Memberen, déi am Büro vum T.I.C.E. sëtzen, dat do mat op de Wee huelen a probéieren, dat do ëmgesat ze kréien. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Ruckert nach.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech wéilt mech där Kritik vum Här Bertinelli uschléissen. Ech war bis elo ëmmer der Meenung, et géif een d'Leit vum Privatauto ewechkréien, wann een e gudden ëffentlechen Transport géif ubidden, wann ee gutt Verbindunge géif ubidden, wann ee géif derzou kommen, dass Bus an Zuch openeen ofgestëmmt wären. An där Meenung bleiwen ech och elo nach.

An do gëtt et ganz vill Nohuelbedarf. Well all Kéier, zum Beispill, wa keen Zuch an eiser Gemeng fiert, an dat war jo relativ dacks an der Vergaangenheet de Fall, da gëtt erkläert, et géifen Ersatzbussen agesat ginn. Mee dat ass awer net wierklech de Fall. Well bis elo ass nach ni an de leschte Joren en Ersatzbus bis op déi Uewerkuerer Gare gefuer. Dat heescht, d'Leit mussen e ganz, ganz wäite Wee goen, fir iwwerhaapt op esou een Ersatzbus ze kommen. Et sinn déi Saachen, déi ee muss änneren. Ech mengen net, dass esou Projete wéi deen do dozou wäerte bäidroen. Et muss ee konkreet um Terrain handelen, dann huet een och e Resultat. An aus deene Grënn enthalen ech mech bei där doter Konventioun.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nach eng Wuertmeldung? Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Vun der Iddi hier ass dat relativ positiv ze gesinn. Ech war awer och erféiert, wat de Präis ugeet, 16.000 Euro d'Joer. Wann een dat dann a Relatioun setzt mat enger eventueller Plus-value, da si mer awer relativ skeptesch. Dofir géife mir eis och enthalen, fir de Moment.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här De Sousa nach, jo.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Déi 16.000 Euro, déi ech virdrun ernimmt hunn, dat ass an der éischter Phas, fir et zum Rullen ze bréngen. Et ass net all Joer 16.000 Euro. Et ass elo fir déi éischt Phas, do gëtt eng App entwéckelt, do kommen och Feeler. Herno leeft dat vum selwen, da gëtt einfach en Update gemaach. Et ass elo net, datt dat all Joer 16.000 Euro kascht, oder wéi Dir virdru gesot hat, 40.000 Euro d'Joer, wann een dann elo seet, fir véier Méint 16.000. Nee, et ass fir déi éischt Phas. An ech hat gesot, an dräi Méint si mer startbereet, well mir hunn déi Beacons bestallt. A wéi bei allem, dauert dat am Moment laang, bis déi ukommen.

Den Här Aguiar hëlt dat sécher mat an den T.I.C.E.. Mir starten heimat, well awer vun anerer Säit näischt kënnt. A mir wëllen awer de Problem ugoen. Dowéinst hu mir gesot, mir maachen dat mol fir d'éischt fir eis Leit an duerno wëlle mer et erweideren. An da spréngt warscheinlech och ee Ministère drop. Et soll net nëmme fir Déifferdeng sinn. Awer mir starten dat. Dat ass eis immens wichteg.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll mech deem uschléissen. Ech fanne schonn, dass een net ëmmer kucke soll, wat een am Grousse maache kann, mee et muss ee bei klenge Saachen ufänken. Et gëtt vill Projeten, déi mer hei zu Déifferdeng ugefaangen hunn an déi aner Gemengen iwwerholl hunn. Zum Beispill den Diffbus, obwuel mer am T.I.C.E. sinn, hu mer awer fonnt, dass mer hei e City-Bus bräichten. A Gott sei Dank hu mer dat gemaach. Haut wëll kee méi déi ewechdenken.

Mir hunn de Vël'OK-System zesumme mat Esch gemaach, do hat nach keng aner Gemeng doru geduecht. Haut ass et e risege Reseau. An déi Iddi huet sech am ganze Süden, bal am ganze Süden duerchgesat, soudass ee mam Vël'OK iwwerall hikënnt.

Natierlech gëtt et Saachen, ech géif elo net soe Fléckenteppech, mee Saachen, déi nach musse verbessert ginn, déi net klappen. Do muss een och mat Nodrock nohaken. Ech sinn do ganz beim Här Ruckert. Bei der CFL gëtt et sécher nach eng Partie Chantieren an Diskussiounsbedarf.

Op där anerer Säit, wann natierlech op Strecke geschafft gëtt, ass et kloer, dass da mussen Ersatzbusser fueren. Mee dann ass et och wéi Dir sot, da mussen déi och fueren. Mee dat sinn awer dann erëm Saachen, wou mir als Gemeng, mengen ech, musse mat Nodrock kucken, dat geléist ze kréien. Dat soll awer dann net verhënneren, aner gutt Iddien ëmzesetzen an ze probéieren.

Ech fannen, hei hu mer elo eng Méiglechkeet, iwwer eng App eppes Neies ze probéieren. Mir ginn Ureizer, fir eppes ze maachen. Dat kascht eis elo 16.000 Euro, mir kréien herno awer eng flott Analys iwwert dat, wat geet a wat net geet. Wourobber mer kënnen opbauen. An da kënne mer dee Projet natierlech och am Pro-Sud zum Beispill virstellen, wou mer jo och Member sinn. Wou mer kënne soen: Wär dat do net eppes fir d'ganz Südgemengen? Da weide mer dat natierlech aus. Mee et muss emol eng Kéier een ufänken domadder.

Déifferdeng ass bekannt, fir innovativ Weeër ze goen, da kommt, mir maa-

*terrain qu'il faut agir. Ali Ruckert s'abstiendra.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *trouve l'idée positive. Mais le prix de 16 000 € par an lui a fait peur. Cette somme doit être mise en relation avec la plus-value. Les démocrates s'abstiendront.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que les 16 000 € ne concernent que la phase de lancement. Une application est en train d'être créée. Ensuite, elle fonctionnera toute seule. Il n'est donc pas question de payer 40 000 € par an. La commune se prête à lancer le projet dans trois mois.*
*Monsieur Aguiar en parlera au TICE. Mais la Ville de Differdange ne veut pas attendre. C'est pourquoi elle va commencer par ses employés avant d'étendre le projet. Il est probable qu'ensuite, un ministère reprendra l'idée.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *est d'avis qu'il faut penser en grand, mais commencer petit. De nombreux projets lancés à Differdange ont été repris ailleurs. Georges Liesch mentionne le Diffbus, que la Ville a lancé même si elle faisait partie du TICE. Vël'OK a été créé avec Esch. Au départ, aucune autre commune n'était intéressée. Aujourd'hui, le réseau est énorme et couvre pratiquement tout le sud.*
*Bien sûr, il y a aussi des choses qu'il faut améliorer ou qui ne fonctionnent pas. Comme l'a dit monsieur Ruckert, des discussions avec les CFL sont nécessaires. Lorsqu'il y a des chantiers sur la voie ferrée, il faut que les bus de remplacement circulent. La commune doit intervenir et mettre la pression pour que la situation change. Mais cela ne doit pas empêcher le collège échevinal de réaliser d'autres projets.*
*L'application permet à la commune d'essayer quelque chose de différent. Le projet coute 16 000 €, mais Differdange pourra présenter son analyse au Pro-Sud. Il faut bien commercer quelque part.*
*Differdange est connue pour ses innovations. Si l'application fonctionne, d'autres communes en profiteront.*
*(Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe à une convention pour la Cellule nationale d'information pour la politique urbaine entre Luxembourg, Esch, Differdange, Dudelange, le ministère de l'Aménagement du Territoire, le ministère de l'Intérieur et le ministère du Logement.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que Differdange a décidé de prendre part à cette convention.*
*Cipu est une interface permettant de collaborer à plusieurs niveaux.*
*La Cellule comprend un comité de concertation politique avec les représentants des différents partis. Pour les communes, il peut s'agir du bourgmestre ou d'un échevin. Le ministre de l'Aménagement du Territoire préside les réunions. Le comité doit réaliser le programme de travail annuel et le rapport annuel.*
*Le comité de gérance technique se compose de deux employés de chaque partie. Il analyse les projets du programme de travail annuel.*
*La gestion quotidienne de la Cipu est assurée par un bureau. Ce prestataire de services externe présente le programme annuel reposant sur les priorités politiques identifiées. Actuellement, il s'agit des bureaux Zeyen+Baumann et Spatial Foresight.*
*La gestion quotidienne tourne autour de deux axes : le dialogue entre les acteurs européens et les acteurs nationaux, et la communication. Il existe un blogue reprenant de nombreux articles — notamment concernant l'organisation d'évènements ou de colloques.*

chen dat hei zesummen. An dann, wann et gutt funktionéiert, kënne mer et jo an déi aner Gemengen eriwwerginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Liesch. Da géife mer elo iwwert déi Konventioun MobiDiff ofstëmmen.

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui et 7 abstentions d'approuver la convention conclue avec la société Survcoin SA-SIS portant sur les modalités de collaboration en vue de la réalisation du projet pilote MobiDiff.*

Merci. Da géife mer zum nächste Punkt kommen, dat ass eng Konventioun vun der Cellule nationale d'information pour la politique urbaine. Déi soll tëschent der Ville de Luxembourg, Esch, Diddeleng, Déifferdeng an dem Staat, an zwar dem Ministère vum Aménagement du territoire, dem Ministère de l'Intérieur an dem Ministère du Logement ofgeschloss ginn. D'Wuert geet erëm eng Kéier un den Här Paulo De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Wéi den Här Ulveling gesot huet, ass et eng Konventioun tëschent verschiddene Ministèren an de Gemengen Diddeleng, Stad an Esch, wou mir och elo bäitrieden.

Wat ass d'CIPU? Ma d'CIPU stellt eng Plattform op villen Niveauen aus. D'Zil ass, d'Zesummenaarbecht an den Erfarungsaustausch ze férderen an ze erliichteren, Transfert vun Knowhow, Informatiounen, Sensibiliséierung a Kommunikatioun am Beräich vun der Stadpolitik zu Lëtzebuerg.

D'Missioune vum CIPU si ganz kloer definéiert. Déi hutt Der do stoen. Ganz graff soen ech, et ass den Informatiounsfloss ze garantéieren tëschent de verschiddene Stied, tëschent de Ministèren, awer och op europäeschem Niveau, eng Zort Interface, fir eng enk Zesummenaarbecht op deene verschiddenen Niveauen ze etabléieren.

An der Cellule gëtt et dräi Haaptstrukturen fir d'Fonctionnement vum CIPU. Als éischt de Comité de concertation politique. Dee besteet aus de politesche Vertrieder vun de Parteien. Op Gemengenniveau kann dat de Buergermeeschter sinn oder de stellvertriedene Schäffe vun deem Ressort. A vum Ministère ass et de Minister vum Aménagement du Territoire, deen déi Versammlungen dann och presidéiert.

Dëse Kommitee ass verantwortlech fir den Entworf vum Programme de travail annuel a vum Joresbericht, fir deen unzehuelen, dee se da vun de Büroe proposéiert kréien.

Fir d'Gemengebeamten, dat ass déi zweet Struktur, hu mer de Comité de gérance technique. Dëse besteet normalerweis aus zwee Beamten aus alle Parteien. Deen analyséiert an diskutéiert all Projet, deen am Programme de travail annuel virläit.

Déi deeglech Gestioun vum CIPU gëtt vum Büro duerchgefouert, en externen Déngschtleeschter stellt ee klengen Entworf, de Joresaarbechtsprogramm vir, baséiert op de politesche Prioritéiten, déi wärend dem ganze Joer opkommen an identifizéiert ginn.

Momentan sinn dat d'Büroen Zeyen+-Baumann a Spatial Foresight, déi d'Kompetenzen op lokalen an europäeschen Niveauen zesummebréngen.

No de Spezifikatiounen dréit déi alldeeglech Gestioun ëm zwou grouss Missiounen: engersäits intermediaire Gespréichspartner, Dialog an d'Consultatioun tëschent den Acteuren op europäeschem Niveau an op nationalem Niveau, anerersäits Kommunikatiounsoperatiounen, d'Verbreedung vun Informatiounen.

Déi verschidde Kommunikatiounsmëttelen erliichteren den Ënnerhalt vun hirer Internetsäit, wou se och e Blog hunn, wou se ganz vill Artikele posten. An och d'Organisatioun – an dat ass fir eis Beamten immens wichteg – vun Eventer, Colloquen, Konferenzen, wou se da ganz vill Interaktioune mat anere Partner hunn.

Mir sinn elo déi véiert Gemeng, déi do erakomm ass. Dat war op Ufro vum Ministère. Eis Beamte ware schonn op

ville Konferenzen, Colloquen invitéiert ginn. Si hunn déi Versammlungen immens interessant fonnt. Do ass eng Interaktioun op Expertenniveau. Do schwätze si mat Leit, déi dee selwechten Niveau hunn. Si kënne sech immens vill austauschen.

Wann Der op de Blog gitt, gesitt Der, si ware schonn des Ëfteren hei zu Déifferdeng, wou de Plateau de Funiculaire eng Kéier visitéiert ginn ass, wat do gemaach gouf fir d'Stadentwécklung.

Dës Konventioun leeft iwwer fënnef Joer. Dat hei ass elo déi drëtt Konventioun, déi drëtt, well mir elo bäikommen. De Käschtepunkt ass insgesamt 131.000 Euro. De Ministère iwwerhëlt dee gréissten Deel, mir leeën 13.000 Euro bäi. Dat gëtt pro rata op d'Awunnerzuel gerechent.

Ech wier frou, wann Dir dës Konventioun matdroe géift. Et ass sécherlech eng Plus-value fir eis Gemeng an och fir d'Aarbecht vun eise Beamten, déi sech ëm d'Stadentwécklung këmmeren. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här De Sousa. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Wat ass virgesinn, mat deene Suen ze maachen? Ginn Etüden domat gemaach? Oder déi Leit, déi an deene Groupes de travail sinn, déi kréie jo eng Pai, déi gi jo delegéiert vun de Gemengen oder vun de Ministèren, ass do eppes erauszefannen? Hutt Der do Detailer?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Här De Sousa wëllt Dir direkt äntweren oder wëllt Der Iech gesammelt äntweren?

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Gesammelt

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här Bertinelli nach, deen d'Wuert gefrot huet.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hunn eng Fro dozou. Et gëtt jo de Pro-Sud an et gëtt jo de Syvicol. Meng Fro: Ass dat heiten elo eppes Spezielles? Ass dat heite gegrënnt ginn, well sech do nëmmen déi grouss Gemengen zesummendinn?

Alles, wat Der elo gesot hutt, ass richteg a gutt. Mee wat ass am wäitste Sënn den Ënnerscheed tëschent dem Syvicol, dem Pro-Sud an deem heiten?

Eent liicht mer an, well do d'Gemeng Lëtzebuerg mat dran ass, déi ass net am Pro-Sud. Oder ass een dovunner ausgaangen, déi grouss Gemenge sech méi ënner sech ze gesi fir Projeten, déi da vläicht méi no beienee sinn? Soss verstinn ech et net. Well dat hu mer jo schonn zweemol. Mir hunn de Syvicol a mir hunn de Pro-Sud, déi praktesch dat selwecht maachen.

Ausser et ass fir Projeten, déi just fir gréisser Gemenge sinn, ab enger gewëssen Awunnerzuel, wat vläicht mat klenge Gemengen net esou gutt ze verhandelen ass. Da verstinn ech et. Mee soss hu mer dat dote jo schonn zweemol. Mir hunn de Syvicol a mir hunn de Pro-Sud, wat jo och Syndikater sinn, wou mer dra sinn. An dat heiten ass elo nach eng Kéier esou eppes. Dir kënnt mer vläicht soen, wat do de Sënn ass, firwat mer et op deem dote Wee solle maachen. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Weider Wuertmeldungen? Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Ulveling. Den Här Bertinelli huet deelweis Recht. An der vireger Legislaturperiod war ech scho véier Joer am Pro-Sud, do hunn ech och u gréissere Konferenzen deelgeholl, Echangen, wou och oft Architekten oder aner Fonctionnairen, sief dat

*C'est le ministère qui a demandé à Differdange de faire partie de la Cellule. Pour le moment, les employés ayant participé aux conférences les ont trouvées intéressantes. Sur le blogue, on trouve notamment un article sur le plateau du Funiculaire.*
*La convention porte sur cinq ans. Les frais se montent à 131 000 €, dont 13 000 € à charge de la Ville de Differdange.*
*Paulo De Sousa demande au conseil communal d'approuver la convention, qui représente une plus-value pour la commune.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande à quoi servira l'argent. Pour des études ? Pour la rémunération des membres des groupes de travail ? Monsieur De Sousa a-t-il des détails ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *demande à monsieur De Sousa s'il souhaite répondre tout de suite.*
*(Discussions)*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande quelle est la différence entre cette Cellule, le Pro-Sud et le Syvicol. S'agit-il d'un groupement des grandes communes ?*
*Il est clair que Luxembourg-ville ne fait pas partie du Pro-Sud. Les grandes communes comptent-elles réaliser des projets ensemble ? Autrement, Fred Bertinelli ne comprend pas l'objectif de ce projet.*
*Les membres sont-ils choisis sur la base du nombre d'habitants ?*
*Fred Bertinelli répète qu'il existe déjà le Syvicol et le Pro-Sud. À quoi cette Cellule sert-elle ?*

**ERNY MULLER (LSAP)** *donne raison en partie à monsieur Bertinelli. Pendant quatre ans, il a fait partie du Pro-Sud et il a participé à des conférences avec des architectes et des fonctionnaires. Les communes y présentaient par exemple des projets pilotes. Les échanges étaient intéressants.*

*Erny Muller suppose que la Cellule fonctionne de manière plus ciblée. Au sein du Pro-Sud, ce type d'échanges avaient lieu une fois par an. Pour ce qui est de la Cellule, il est normal que Differdange en fasse partie en tant que grande commune. La Ville de Differdange réalise de beaux projets qu'elle peut présenter aux autres communes pour qu'elles s'en inspirent.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *s'associe à ce que vient de dire monsieur Muller. Des collaborateurs de Differdange participaient déjà aux réunions. Il s'agit d'institutionnaliser cette pratique. Pour Differdange, il est important de faire partie de cette Cellule parce qu'Esch ou Dudelange ont des problèmes similaires en matière d'urbanisme. Des rencontres ont déjà eu lieu sur le terrain. Pour ceux que cela intéresse, il y a un article concernant le plateau du Funiculaire sur cipu.lu. Les écologistes approuveront la convention.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *pensait que le Syvicol était la plateforme de coopération entre les communes et que l'objectif était de développer ses activités. Cela devrait donc concerner aussi les grandes communes. Où est l'intérêt de créer un nouveau club ?*
*Ali Ruckert préfèrerait que l'on élargisse les compétences du Syvicol avec des activités destinées aux grandes communes. C'est pourquoi il s'abstiendra.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *revient sur les propos de monsieur Bertinelli. Luxembourg-ville ne fait pas partie du Pro-Sud. La cellule réunit des villes de grande taille avec des problèmes similaires.*
*Paulo De Sousa rappelle que le Syvicol compte 102 communes. Il est donc difficile de trouver un consensus.*

aus dem Bauten- oder Ëmweltservice mat derbäiwaren.

Do sinn och mol esou Projete virgestallt gi vun där enger oder anerer Gemeng, wou als Projet pilote déi aner Gemengen informéiert gi sinn, firwat dat entstanen ass, wéi dat gemaach ginn ass. Ech mengen, dat war schonn en Echange, en Knowhow, wann ee wëllt esou soen. An ech hunn dat och immens gutt fonnt.

Dat hei ass vläicht méi geziilt, dat heescht, dat gëtt elo eng richteg Institutioun. Am Pro-Sud war dat méi phaseweis, wou dat da gemaach ginn ass, eemol d'Joer oder esou. Op alle Fall war et net esou reglementéiert, wéi dat elo hei ass.

Wann esou eppes besteet, fannen ech, dass mir als drëttgréisst Gemeng sollen do derbäi sinn an och eisen Input kënne ginn. Och an eiser Gemeng entsti ganz flott Projeten, wou mer deenen anere roueg kënnen Erklärunge ginn a se vläicht mat op dee selwechte Wee huelen. An ëmgekéiert kënne mir jo och vun hinne léieren, soudass dat do kann nëmme bénéfique sinn, och fir eis Stad. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Muller. Nach d'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech géif mech de Wierder vum Här Muller uschléissen. Ech fannen et eng ganz flott Konventioun. Ech weess, dass mer hei eppes institutionaliséieren, wat déi lescht Jore scho praktizéiert ginn ass. Mataarbechter vun eis hu schonn deels do matinteragéiert, oft awer just am Hannerfeld an net offiziell. Ech denken, dass et fir Déifferdeng immens flott ass, awer do wierklech och u vorderster Front matzeschaffen, wëssentlech jo, dass Esch an Diddeleng änlech Thematiken hunn an änlech Problemer an alles, wat Urbanismus a Stadentwécklung ugeet.

Mir kënnen nëmmen dovunner profitéieren. Ech weess aus sécherer Quell, dass scho Begéinungen um Terrain waren. Fir déi, déi dat vläicht interesséiert, kënnen eng Kéier op cipu.lu kucken, do gëtt et e ganz flotten Artikel iwwert de Plateau du Funiculaire hei zu Déifferdeng. Dee weist och immens flott, a wéi eng Richtung déi Aarbecht an den Austausch wierklech ginn. Mir ënnerstëtzen déi Konventioun. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Pregno. Dann den Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech stelle mer am Zesummenhang mat där Konventioun do Froen. Ech war bis elo ëmmer dervun ausgaangen, et wär eng Plattform vun Zesummenaarbecht vun de Gemengen, wat de Syvicol ass, an et sollt een d'Aktivitéite grad an déi Richtung méi breet fächeren, och fir déi grouss Gemengen. Ech gesinn net an, firwat dann elo erëm en neie Clibbche muss gegrënnt ginn.

Also ech géif et léiwer gesinn, wann een am Kader vun dem Syvicol déi Aktivitéite géif erweideren, eventuell och Aktivitéite just fir grouss Gemengen, an deem Sënn, wéi dat elo beschriwwe ginn ass.

Ech wäert mech och aus deem Grond bei der Ofstëmmung enthalen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Den Här De Sousa gëtt nach e puer Äntwerten.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Den Här Bertinelli hat eng Fro gestallt, den Här Muller hat deels drop geäntwert. Et sinn déi véier gréisst Gemengen: Esch, Diddeleng, Déifferdeng hei am Süden. D'Stad ass net am Pro-Sud. Ech mengen, et ass e bëssen d'Gréisst an déi selwecht Thematiken.

Den Här Ruckert huet gesot, mir hunn de Syvicol, mer hunn 102 Gemengen, do ass jo d'Stad mat dran.dDo ass et sécher ganz schwéier, e Konsens ze fannen an engem Aarbechtsgrupp. Da gëtt gesot: „Firwat musse mir da bezuelen, datt déi grouss Gemengen da Projete

kënne maachen.“ Dat gesi mer an engem anere Syndikat, dee bekannt ass, datt do déi grouss Gemengen aner Saache wëlle wéi déi kleng Gemengen. An datt dat oft problematesch ass.

Zu der Fro vum Här Meisch, dat sinn haaptsächlech Käschten, déi opkommen, éischtens fir d’Büroen ze bezuelen an och déi Konferenzen ze organiséieren. Dofir sinn déi 131.000 Euro virgesinn, wou mir mat 13.000 Euro dru bedeelegt sinn. Wou dee gréissten Deel – an do gesäit een, dass et e Wëllen ass vun der Regierung „ 68.000 Euro, iwwer 50 % d’Regierung iwwer hir dräi Ministèren iwwerhëlt. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Da kéinte mer driwwer ofstëmmen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech hänke just ee Saz drun, well ech um Belval och eng Kéier an enger Reunioun dobäi war. Wou eis zwee Architekten an ech mengen de Frenz Schwachtgen och als Pro-Sud do gewiescht waren.dDat hei ass awer elo op d’Région sud deklinéiert, dass een dat net falsch versteet.

Déi Konventioun hei betrëfft d’Région sud an ass vum Pro-Sud chapotéiert. Et ass elo net, dass mer een neie Clibbche grënnen. Dat géif ech elo vläicht net grad esou an d’Relatioun setzen. Well eigentlech de Pro-Sud, ganz am Ufank, wéi mer dee Syndikat geschaaft hunn, eigentlech mat deem Inhalt wollte fëllen, dass gemengegrenziwwerschreidend sollt am Süde synergeetesch matenee geschafft ginn. Well mer am Süden eng Spezifizitéit hunn, déi anescht ass wéi vläicht am Norden oder soss am Land, ass jo de Pro-Sud do.

An dat hei ass ee Kärstéck, wat immens wichteg ass fir déi ganz urban multipel Entwécklung am Süden. Dofir mengen ech och net, dass de Syvicol den ideale Partner wär. Well de Syvicol ass jo elo schonn immens belaascht.hHutt Der vläicht matkritt, da si mer am nämmlechte Kontext: Aménagement du territoire, e Projet, deen elo an der Maach ass. Deen deposéiert ginn ass op alle Gemengen, wou da bis Enn des Joers een Avis commun Syvicol soll zustane komme fir déi ganz Landesplanung. Do si mer dann och am Syvicol.

Ech verstinn, dass et schwéier ass, déi verschidden Nuancen do erauszesichen. Et ass fir d’Insider souguer heiansdo schwéier, muss ech éierlech soen.

Ech ginn och dovun aus, dass am Kontext vun deem, wat elo schonn ermëttelt ginn ass fir de Süden, deen och am Projet Landesplanung muss dra sinn, well soss versteet een iergendwann guer näischt méi dovunner. Mee ech mengen, déi Declinaisoun, ob Pro-Sud/ Süde vun där heite Konventioun ass awer plausibel, well et ëm d’Région sud geet.

Dat wollt ech just dobäi soen, well ech och eng Kéier an esou enger Reunioun dobäi war.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Krecké. Mir géifen ofstëmmen.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 abstention d’approuver la troisième convention relative à la Cellule nationale d’information pour la politique urbaine.*

Merci, Här Krecké. Mir géifen dann zum Punkt 8h kommen, Contrat de bail fir Artistenatelieren zu Lasauvage. D’Madamm Nathalie Flenghi wiesselt a méi e klengen Atelier a bezilt elo 200 Euro de Mount.

Den Atelier, an deem d’Madamm Flenghi war, gëtt un d’Madamm Joanna Hudyka verlount fir 600 Euro de Mount. Dat sinn zwou Fotografinnen. Dir wësst, dass Locatiounen natierlech u Konditioune gebonne sinn, déi fir jiddwereen d’selwecht sinn.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dir hutt e Punkt iwwersprongen, Här Ulveling.

*Les petites communes ne veulent pas débourser de l’argent pour que les grandes communes réalisent des projets. Un autre syndicat l’a amplement démontré.*
*Les 131 000 € servent à payer les bureaux et à organiser des conférences. Le gouvernement prend plus de la moitié des frais à sa charge. Differdange participe à hauteur de 13 000 €.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *tient à ajouter qu’il ne s’agit pas de créer un nouveau club. Il a participé à une réunion du Pro-Sud et c’est le syndicat lui-même qui chapeaute le projet. Il rappelle qu’à l’origine le Pro-Sud a été créé pour améliorer la collaboration entre les communes du sud du pays et trouver des synergies. Car le sud a des spécificités que l’on ne retrouve pas forcément dans le nord.*
*La Cellule est importante pour le développement urbain du sud. C’est pourquoi le Syvicol n’est pas le bon partenaire aux yeux de Henri Krecké. Le Syvicol est déjà surchargé avec des projets d’aménagement du territoire et doit remettre un avis avant la fin de l’année.*
*Pour quelqu’un qui n’est pas investi dans le projet, les nuances peuvent être difficiles à saisir. Mais il est important de tenir compte des spécificités du sud dans le cadre de la planification du territoire.*
*(Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe à un contrat de bail pour les ateliers d’artistes. Madame Nathalie Flenghi va louer un atelier plus petit à Lasauvage pour un montant de 200 € par mois.*
*L’ancien atelier de madame Flenghi est repris par madame Joanna Hudyka au prix de 600 € par mois.*
*Il s’agit de deux photographes. Tom Ulveling rappelle que la location de ces ateliers s’accompagne de quelques conditions.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *signale à monsieur Ulveling qu’il a oublié un point.*

**TOM ULVELING (CSV)** *propose de revenir sur le point oublié tout à l'heure.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *est du même avis.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que les artistes doivent organiser une journée portes ouvertes par an et participer à une exposition organisée par la commune. Le bénéfice des ventes revient aux artistes, qui doivent être présents régulièrement dans les ateliers.*
*Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver les deux contrats.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'excuse. C'est elle qui avait mal classé les documents.*
*Elle passe à des espaces du 1535°. Le premier contrat concerne monsieur Godinho, qui fabrique des guitares.*
*Le deuxième contrat est conclu avec monsieur Rex Kalehoff, un sculpteur sur bois de New York fabriquant des meubles. Son studio s'appelle Rexinlux Wood Studios. Le collège échevinal lui souhaite beaucoup de succès.*
*Madame Sandra Biewers remplace son atelier de 43 m² dans le bâtiment A par un atelier de 29 m² dans le bâtiment C.*
*Monsieur Daniel Fragoso loue également un atelier. Il est photographe et se spécialise dans les photographies artistiques. Son pseudonyme est Black Magic Tea.*
*Monsieur Nuno Lorena, l'entreprise Tio et madame Carole Wilmet quittent le 1535°.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à un contrat de bail avec un particulier concernant l'exploitation d'un jardin. Il s'agit d'un terrain de 85 m² dans la rue Pierre-Gansen.*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dann huele mer deen hei vir, wann Der näischt dogéint hutt. An dann huele mer deen aneren no.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Kommt mir maachen en elo, wann Der averstane sidd.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dann huele mer deen aneren no. Déi Artistinne musse sech engagéieren, eemol am Joer eng Porte ouverte ze maachen. Si mussen un enger Expo, déi d' Gemeng Déifferdeng organiséiert, deelhuelen. Si kënnen och selwer Expositiounen an hire Lokaler maachen. De Benefice vun hire Vente vun den Oeuvren, déi se kreéieren, kënne si halen. Den Artist muss reegelméisseg am Lokal uwiesend sinn. Et geet net drëms, e Lokal ze hunn, wou ee just den Depot mécht. Et muss och eng Aktivitéit stattfannen.

Ech géif Iech bieden, déi zwee Artisteateliers-Kontrakter guttzeheeschen. An da géife mer op deen anere Punkt zréckgoen.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Nee. Da kënne mer direkt driwwer ofstëmmen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail et les avenants pour des ateliers d'artistes à Lasauvage.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ech muss den Här Ulveling entschëllegen, et war mäi Classeur, ech hat dat falsch klasséiert. Entschëllegt.

Da komme mer elo zum Punkt 8g. Do geet et ëm d'Espacen am 1535°. Gëschter ass e Kontrakt nokomm vum Här Godinho, dee Gittare baut. Mir hunn deen d'urgence nach matgeholl, well e schonn e Kontrakt ënnerschriwwen huet, deen den 1. Oktober uleeft.

Déi aner Kontrakter sinn ab 1.9., do hätte mer den Här Rex Kalehoff, dat ass e Sculpteur vun New York, dee sech op d'Schafe vun Designermiwwelen op Commande wéi awer och op hëlze Skulpture spezialiséiert huet. Den Numm vu sengem Studio am Gebai A ass de Rexinlux Wood Studios. Ganz spannend, eng extra Geschicht. Den Här ass begeeschtert vum 1535°. Mir wënschen him vun hei aus vill Chance mat senge Skulpturen a senge sur commande fabrizéierten Holzmiwwelen.

Dann hu mer en Avenant fir d'Madamm Sandra Biewers ab den 1.9. D' Madamm Sandra Biewers huet de groussen Atelier vun 43 m2 am Bâtiment A duerch ee méi klenge vun 29 m2 am Bâtiment C getosch.

Ab den 1.10. huet den Daniel Fragoso en Atelier. Hien ass Fotograf vun Déifferdeng a Member vun der Fédération des photographes professionnels du Luxembourg, vun der FPP. Säi Spezialgebitt ass déi artistesch Fotografie, déi ënner dem Pseudonym Black Magic Tea ausgefouert gëtt.

Verschidde Locatairë verloossen de 1535° ab den 1. Oktober. Dës sinn: den Här Nuno Lorena, deen a Portugal plënnert, d'Entreprise Tiio aus dem Bâtiment C an d'Madamm Carole Wilmet aus dem Bâtiment A.

Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail et avenants pour des espaces de création au 1535° Creative Hub.*

Villmools merci. Den nächste Punkt ass e Contrat de bail mat engem Particulier iwwer Exploitatioun vun engem Gaart. Mir haten déi scho méi dacks hei. Et sinn ëmmer déi nämmlecht Reegelen. Et handelt sech ëm en Terrain vu 85 m2 an der Rue Pierre Gansen. D'Haus ass verkaf ginn. A well d'Haus verkaf ginn ass, muss en neie Contrat de bail gemaach ginn.

Dir hutt de Plang dobäi, et ass relativ grouss, et ass e groussen Eck. Ech bieden Iech, dee matzestëmmen.

Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec un particulier portant sur l'exploitation d'un jardin.*

Villmools merci. De Punkt 9 ass e bëssen méi en delikate Punkt. Ech probéieren och wierklech keen Ausrutscher ze hu mat den Nimm. Et geet drëm, dass de Gemengerot eng Autorisation d'ester en justice gëtt un de Schäfferot, fir eng Prozedur, am Fong fir en Zwangsverloossen. Et ass en Här, deen net méi ënner d'Konditioune fält. Et geet ëm d'Jugendwunnen Arboria, an e wëll net erausgoen. A fir dat kënnen ze maachen, brauche mer Ären Accord.

Mir haten dat schonn eng Kéier probéiert, an eng Séance non-publique ze huelen, do si mer vum Inneministère zréckgepaff ginn, mir missten et an d'Séance publique huelen. An ech bieden ëm Är Zoustëmmung fir dës Autorisatioun. Merci.

Dir hutt den Dossier bäileien. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass nach méi schockant, dass mer dat hei mussen ëffentlech beschwätzen. Dir sidd sécher menger Meenung, dass mer dat hei mussen ëffentlech beschwätzen, en Deguerpissement vun engem Jonken, deen net méi an der Alterskategorie ass an dofir muss dann aus der Wunneng gehäit ginn. Dass mir dat hei mussen decidéieren, dat kann net sinn.

A wann een och deen Deguerpissement liest, fannen ech et och relativ brutal, dass Indemnités d'occupation musse bezuelt ginn, 100 Euro den Dag, wann déi Persoun ze spéit erausplënnert an esou weider an esou fort. Ech fannen dat Virgoen hei relativ brutal, dat ëffentlech mussen ze beschwätzen. An ech froe mech och: Hu mer deem Jonke vläicht och eng Alternativ ugebueden als Stad Déifferdeng? Logement d'urgence? Iergendeng aner Wunnméiglechkeet? Wat ass de Grond, firwat dee Jonken erausgehäit gëtt? Wa mer schonn ëffentlech driwwer schwätzen, kann een och e Schratt weidergoen.

An deem Avis, dee preparéiert gouf, gëtt vu Logement d'urgence geschwat, mir hunn der relativ wéineg bis keng. Iergendwou feelt mer do e Stéck vun Informatioun. Dowéinst wäert ech dat och net matdroen, well ech dat komesch fannen, dat hei ze beschwätzen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Ruckert wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, ech froe mech, dass et esou wäit komm ass, do schéngt jo dann d'Altersfro entscheedend ze sinn, dass deen elo net méi ënner déi Kategorie vu Jugendleche fält. Ass deem Mann eng Alternativ ugebuede ginn? Huet en eng aner Wunneng fonnt? Huet en eng gesicht? Huet e keng gesicht? Wéi verhält sech dat?

Mer wësse jo, dass mer e risege Mangel u bezuelbare Wunnengen hunn. Dat hei schéngt mer eng Folleg dovun. Ob et human ass, een einfach esou erauszesetzen, dat froen ech mech, besonnesch och elo, wou de Wanter ufänkt. Ech wéilt awer, dass Der eis dozou nach eng Erklärung gitt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech probéieren, Iech herno esou gutt wéi méiglech ze äntweren, wat ech weess. Wann net, da kritt Der se no. Den Här Bertinelli freet d'Wuert nach.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, als Gemeng probéiere mer jo ëmmer – an dat ass net nëmmen deen heite Schäfferot,

*La maison a été vendue et un nouveau contrat est donc nécessaire.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch signale que le point suivant est délicat. Le collège échevinal demande l'autorisation d'ester en justice dans le cadre d'une procédure d'expulsion. Il s'agit d'une personne ne remplissant plus les conditions pour occuper un logement, mais qui refuse de partir.*
*Le collège échevinal a essayé de discuter de ce point dans une séance non publique, mais le ministère de l'Intérieur est intervenu.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *trouve choquant qu'il faille débattre d'un déguerpissement dans une séance publique. En plus, il est question d'un jeune, qui doit s'en aller parce qu'il ne remplit plus les conditions liées à l'âge.*
*Eric Weirich juge brutal de le forcer à payer des indemnités d'occupation à hauteur de cent euros par jour s'il ne déménage pas.*
*La Ville de Differdange peut-elle proposer un logement à ce jeune ? Pourquoi est-il expulsé ? De toute façon, ce point doit être débattu en public.*
*La commune ne dispose pratiquement pas de logements d'urgence. La situation n'est pas transparente. C'est pourquoi Eric Weirich n'approuvera pas ce point.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *a cru comprendre que la personne en question ne rentrait plus dans la bonne catégorie d'âge. Lui a-t-on proposé une solution ? A-t-il trouvé un logement ? En cherche-t-il un ?*
*Le Luxembourg manque de logements abordables. Est-il humain d'expulser cet homme au début de l'hiver ? Ali Ruckert voudrait des explications.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *essaiera de répondre à ces questions tout à l'heure.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que la Ville de Differdange tente toujours d'aider les gens.*

*Mais trop, c'est trop. Parfois, on ne peut plus rien faire. Quand quelqu'un vous menace et vous agresse, il faut se rendre à l'évidence. Les méthodes positives ne fonctionnent pas. On récolte ce que l'on sème. Fred Bertinelli sait comment les fonctionnaires de l'office social ont été traités. Le moment est venu de prendre une décision.*
*La commune doit protéger ses employés, qui font de leur mieux.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *ne trouve pas non plus qu'il faille débattre de ces questions sur la place publique. La prochaine fois, le collège échevinal pourrait peut-être préparer un dossier, dont les conseillers communaux prendraient connaissance avant la séance pour savoir de quoi il s'agit.*
*(Interruption de Mme Brassel-Rausch)*
*Frenz Schwachtgen parle du futur.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répète que le collège échevinal a essayé, mais que le ministère a protesté. La bourgmestre n'y peut rien. Le conseil communal doit autoriser le collège échevinal à ester en justice.*
*Monsieur Bertinelli a raison. La personne en question sait depuis longtemps qu'elle doit partir. Il y a des règles. À 27 ans, il doit assumer ses responsabilités. Pour plus d'informations, les conseillers communaux peuvent s'adresser aux services concernés.*
*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe au droit de préemption concernant une parcelle de 15,38 a à Belair.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique qu'ArcelorMittal est en train de vendre plusieurs terrains, dont la parcelle dont vient de parler la bourgmestre.*

dat waren déi virdrun och –, de Leit ze hëllefen an entgéintzekommen. Mee op eemol geet et och duer. An da kann een och näischt méi maachen. Ech mengen, wann ee menacéiert gëtt a Saachen an de Kapp gehäit kritt a sech esou behëlt, wéi dee sech behëlt, kann ee leider Gottes näischt maachen, wéi op deen dote Wee ze goen. Well all déi aner Saachen, déi positiv probéiert gi sinn, net méi gaange sinn.

Duerfir muss een hei och soen: Et sicht ee sech dat ëmmer selwer, wat ee kritt. Ech weess och vu Beamten aus dem Office social, wéi déi behandelt gi si vun deem Här a wat deen hinnen – also et geet bis op e Punkt an duerno muss een awer eng Kéier eng Decisioun huelen.

Ech mengen, dat hei ass esou e Punkt, wou een och net méi kann nokucken an da muss een och seng Beamten an déi Leit schützen, déi probéieren, hiert Bescht ze maachen, fir déi Leit ënner Daach ze kréien. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech ginn dem Här Weirich Recht, wa mer dat hei op der Place publique mussen ofhandelen, ass net de Genre, wéi ee virgeet. Vläicht kann een an Zukunft en Dossier maachen, wou dem Conseiller erkläert gëtt, ënner strikter Geheimhaltung, virun der Sitzung, dass e weess, wat ofgestëmmt gëtt. Da weess en och Bescheed, dann huet en e Rapport vum Office social oder vu kompetente Beamten, mat der Ënnerschréft vum Schäfferot, dass dat esou scho gelaf ass am Virfeld. Awer a Geheimhaltung an da wësse mer och, iwwer wat mer ofstëmmen.

Vläicht fir d'Prozedur ze verbesseren an Zukunft.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir hate jo probéiert, se ze änneren. Do si mer jo zréckgepaff ginn.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Jo, d'accord.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat läit leider net a menger Kompetenz. Dat do ass elo d'Virgab vum Ministère. Mir kënnen eis jo an der Netëffentlecher nach vläicht austauschen, mee d'Formalitéit ass elo, dass de Schäfferot vum Gemengerot d'Autorisatioun kritt, fir den Ester en justice auszeféieren.

Ech ginn dem Här Bertinelli Recht. Vu Gemengesäit hier, den Här weess laang, laang, laang schonn, dass e muss erausgoen. Et gëtt Reegelen. Mir probéieren, eis u Reegelen ze halen. Et ass op jiddwer Fall dat, wat mir op der Gemeng als Responsabel probéieren. Wa Reegele sinn, hält ee sech drun. Deen Här hei huet sech offensiichtlech net dru gehalen. A wann ee 27 Joer huet, jo, da muss een eebe seng Akten assuméieren. Ech kann do elo net méi dozou soen. A wann Der nach weider Detailer braucht, wennt Iech un déi Leit, Dir kritt se gären.

Et geet elo einfach ëm d'Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui, 1 voix non et 1 abstention d'autoriser le collège échevinal à ester en justice pour entamer une procédure en matière d'occupation sans droit ni titre.*

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 10, eng Preemptioun vun enger Parzell vu 15,38 Ar um Belair. Ech géif den Här De Sousa bieden, eis d'Erklärungen ze ginn. Merci.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. ArcelorMittal verkeeft iwwert de Süde verschidden Terrainen, dorënner ass och déi Parzell, déi d'Madamm Buergermeeschtesch elo hei ernimmt huet.

Et handelt sech ëm en Terrain um Enn vun der Belairstrooss, wou de Schäfferot de Gemengerot freet ‚d'Virkafsrecht spillen ze loossen. Den Terrain initial war ëm déi 32 Ar. Am Abrëll ass dee morceléiert ginn an an eng Gréngfläch an eng Hab-1 agedeelt ginn. Do schwätze mer elo vun engem Terrain vu ronn 15 Ar, deen an der Hab-1 ass.

Wann een e Virkafsrecht spille loosse wëll, da muss een eng Begrënnung ginn. Dozou huet eise Service du développement urbain een Avis ofginn, deen och am Dossier virläit. Vu datt et e gewëssene Parkmangel am Quartier gëtt, och d'Amenagement vun der Strooss an de wuessende Mangel u Parkplazen, wëlle mer deem e bëssen entgéintwierken, andeems mer den Terrain kafen, fir do entweeder en ekologesche Parking ze bauen oder en iwwerdeckte Parking, reste à voir.

Momentan sinn do, Dir gesitt jo um Plang, néng Garagen an der éischter Rei. D'Iddi ass, ronderëm e bëssen ze amenagéieren, datt d'Leit eng Méiglechkeet kréie fir ze parken.

De Präis vun der Acquisitioun wier 300.000 Euro.

Ech wier frou, wann de Gemengerot den Accord géif ginn, fir d'Virkafsrecht spillen ze loossen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dat ass net ganz kohärent par rapport zum MobiDiff, wat mer virdru jo esou gelueft hunn, fir elo d'Virkafsrecht spillen ze loosse fir Parkplazen. Och wann et en ekologesche Parking gëtt. Ech wollt dat just soen an dowéinst wäert ech mech enthalen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, dass ech ganz frou sinn, datt mer ee Parking dohinner bauen, wéi op anere Plazen an eiser Gemeng, wou mer nach Besoin hunn, wat Parking ugeet. Mee ech fannen dat Ëmdenken am Schäfferot mol gutt, datt mer agesinn, datt mer au fur et à mesure, vu datt mer méi grouss ginn, awer och nach Parkplaze brauchen.

Dat do ass e Quartier, deen e bëssen ausser der Stad läit. Mir hunn e grousse Besoin an dee kéint eventuell och Notzen droe fir eis Leit, déi op der Gemeng schaffen, well sou wäit ass dat och net. A fir aner Quartieren. Ech wëll do nämmen de Kierfecht uschwätzen an aner Saachen, also sou onnëtz ass en och net. Mee wéi gesot, op aner Plazen, wann ech de Bock huelen oder de Quartier Wangert, wou et vill méi brennt, wou dat och néideg wier, géif ech soen, fanne mer dat gutt, datt de Schäfferot op deen heite Wee geet. Mir ënnerstëtzen dat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir fannen dat doten och eng gutt Saach, awer aus anere Motivatiounsgrënn. Ech ka vläicht erklären, firwat e MobiDiff-Konzept trotzdeem passt. Den initiale Projet vum Quartier Belair, wéi en nei gemaach ginn ass, war jo genau déi doten Diskussioun, fir de Parkraum ze regruppéieren. Dat heescht d'Iddi war eigentlech, fir an de Stroosse Parkraum ewechzehuelen, fir en hannendrun ze regruppéieren. Fir am Quartier eng flott Spillstrooss ze maachen. Dat war awer deemools net méiglech, well all déi Garagen eenzel Proprietäre waren a wou verschidde Proprietären net matgemaach hunn, soudass dat dunn net machbar war.

Elo kréie mer d'Méiglechkeet, dësen Terrain mol ze hunn. Dat geet nach net duer, fir e Parking écologique ze maachen, mee et ass en éischte Schrëtt. Ech denken d'Intentioun vun eis wär, erëm

*Il s'agit d'un terrain dans la rue de Belair et la commune souhaite profiter de son droit de préemption.*
*Le terrain initial faisait 32 a. Mais il a été morcelé et 15 a se trouvent désormais dans une zone Hab1.*
*Le service du développement urbain a remis un avis justifiant le recours au droit de préemption. Le quartier manque de places de stationnement et la commune souhaite utiliser ce terrain pour y aménager un parking écologique ou un parking couvert.*
*Actuellement, il y a neuf garages. Le collège échevinal souhaite aménager les alentours pour que les riverains puissent y garer leurs voitures.*
*Le prix s'élève à 300 000 €. Paulo De Sousa demande au conseil communal d'approuver l'acte.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *ne trouve pas ce projet cohérent avec MobiDiff. Le collège échevinal veut aménager un parking.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *se dit content que le collège échevinal aménage un parking pour répondre aux besoins des habitants. Il apprécie le fait que le collège échevinal ait changé de position. La commune croît et il faut donc plus de places de stationnement.*
*Fred Bertinelli pense que ce parking pourra aussi servir aux gens qui viennent travailler à Differdange.*
*Le conseiller communal mentionne d'autres quartiers comme le Bock ou le Wangert et se réjouit du fait que le collège échevinal ait revu sa position.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite expliquer pourquoi ce projet est cohérent avec MobiDiff. Au départ, à Belair, il était prévu de supprimer des places de stationnement dans la rue et de les regrouper derrière. Cela aurait permis aux enfants de jouer dans la rue. Malheureusement, tous les propriétaires n'étaient pas d'accord.*
*Le terrain dont il est question aujourd'hui ne suffit pas à aménager un parking écologique, mais c'est un premier pas dans cette direction. Le parking écologique permettrait de réduire le nombre de places de*

*stationnement dans la rue, ce qui avantagerait les enfants et les cyclistes.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à la médecine scolaire, dont les tarifs évoluent. Il est question à la fois du médecin et du dentiste.*
*Le ministère de la Santé demande à la commune d'adopter les tarifs tels que proposés. D'autres propositions ont été refusées. Les nouveaux tarifs se montent à 240 € pour le médecin et à 9,22 indice 100 par enfant pour le dentiste. Cela ne changera pas grand-chose dans le budget.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute qu'en optant pour un taux horaire, le docteur aurait plus de temps pour s'occuper des enfants. C'est en tout cas l'avis du ministère.*
*Pour le collège échevinal, le montant ne devrait pas changer de beaucoup.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *voudrait connaitre les propositions du collège échevinal, qui ont été refusées.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *aurait souhaité que les dentistes soient rémunérés comme les médecins. Des négociations sont d'ailleurs en cours. Il faudrait que toutes les communes se mettent d'accord.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux règlements temporaires de circulation.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *constate au nombre de règlements que les congés collectifs sont finis.*

op dee Projet zréckzekommen, dass wa mer do e Parking écologique eng Kéier kënne bauen, natierlech och de Parkraum an de Stroosse reduzéieren, fir de Kanner an och de Vëlosfuerer erëm méi Raum an der Strooss ze ginn, wéi nëmmen déi vill Autoen.

Mir sinn och fir deen dote Projet. Mir hunn awer en anere Bléckwénkel a Motivatioun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'exercer le droit de préemption portant sur une partie de parcelle d'une contenance de 15,38 a située au lieudit rue Belair à Oberkorn.*

Villmools merci. De Punkt 11a dréit ëm d'Schoulmedezin. De Ministère huet eis nei Tariffer uginn, wat d'Schoulmedezin ubelaangt. Dat ass engersäits den Dokter an op där anerer Säit den Zänndokter. D'Santé ass anscheinend amgaangen drun ze schaffen, mir si ganz héiflech gebiede ginn, d'Tariffer tel quel esou unzepassen, wéi si se virschloen.

Mir haten aner Proposen, déi sinn awer – naja, mir sollen awer sou maachen, wéi si dat da virschloen. Da géif ech virschloen, mir ginn da mat op de Wee vum Ministère, dat heescht 240 Euro fir den Dokter an 9,22 Indice 100 pro Kand fir den Zänndokter. Dat wäert u sech direkt kee groussen Impakt budgétaire hunn. An et sollen nach Saachen nokomme vun der Santé.

Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Just fir ze komplettéieren: Et ass gemengt ginn, wann een en Taux horaire bezilt, dann hätt den Dokter méi Zäit, fir sech ëm d'Kand ze këmmeren. An et ass net esou, dass wann ee pro Kand eppes kritt, da geet dat zack, zack, zack. Mee si mengen, doduerch dass se den Taux horaire géifen aféieren, dass dann den Dokter méi Zäit hätt.

Mir hunn dat ausgerechent. Mir hu fonnt, wann een eng räsonabel Zuel u Kanner pro Stonn gesäit, da kënnt et plus ou moins op dat selwecht eraus. Soudass et net vill ännert elo um Montant, dee mir musse bezuelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir hutt gesot, Dir hätt aner Propositiounen. Kënnt Der eis soen, wat déi waren?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir wollte proposéieren, dass d'Zänndoktere genau dat nämmlecht kréiche wéi d'Dokteren. Do si se awer nach an Negociatiounen. An ob mer kéinten den Tarif applizéiere vun 9,22, wéi si en do uginn, Indice 100. Si wieren amgaangen, drun ze schaffen. An et géif hinnen entgéintkommen, wat ech jo och verstinn, dass net eng Gemeng à part leeft vun all deenen anere Gemengen. Mir sinn du mat op dee Wee gaangen.

Komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'adapter les tarifs de médecine scolaire.*

Merci. De Punkt 11b, Règlements temporaires de circulation. Ech géif dem Här De Sousa d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Wann ee sech d'Unzuel ukuckt, mierkt een, datt de Congé collectif eriwwer ass. Well déi meescht

Reglementer sinn eng Prolongatioun vun deem, wat virdru war, wat duerch de Congé collectif gestoppt ginn ass.

Ech ginn op verschiddener an. Parc des Sports war eng Ausnamesituatioun, 45 Meter laang Träger hu mussen erofgeholl ginn. An dat kann een eeben net maachen, wann Autoe laanschtfueren. Do hätt eng Gefor bestanen. Do hate mer eeben déi Situatioun proposéiert, déi mer elo hei hunn. Ech fannen, dat huet gutt geklappt. Wann d'Leit sech net u Reegelen halen – et ka sinn, datt een Der entgéintkënnt, deen do näischt verluer huet. Ech mengen, do kënne mir reglementéieren, wéi mer wëllen, wa se sech net drun halen, dann ass dat eeben esou.

Mee an der Parc des Sports, virun der Sportshal, do ass elo awer nach vill lass. Déi Aarbechten, déi elo ab muer erëm normal weiderginn, déi hunn en Afloss op d'Strooss. Dat heescht, den Trottoir ass besat, mat hirer Ofspärung si se licht op der Strooss, well et net anescht ers geet. De Busarrêt gëtt deplacéiert virun d'Entrée vun der oppener Schwämm. Déi Parkplaze vis-à-vis vun der Sportshal, déi falen daagsiwwer ewech. Ech mengen, owes gëtt toleréiert, sech do ze parken. Do hënnere se eigentlech keen.

Bockschoul, do ass d'Reglement erëm wéi virun der grousser Vakanz. Ech hat do mol d'Iddi gehat, eppes ze änneren, mee mat Versécherung, Assurance-technesch ass et schwéier. Mir kucken awer nach weider drun ze schaffen.

An der Bielesser Strooss ass et och eng Verlängerung vum Reglement, wat mer virdrun haten, haaptsächlech d'Deplacement vum Busarrêt. Dat ass, wat déi meescht Leit betrëfft. Dee gëtt 100 Meter Richtung Bieles deplacéiert.

Woiwer: Vu datt mer mam Parking écologique do ufänken, ass dee Foussgängerwee vun der Rue Michel Rasquin a Richtung Woiwer Schoul zou, well se ufänke mat schaffen. Mee wa Servior opgeet, huet een awer d'Méiglechkeet, laanscht Servior Richtung Woiwer Schoul ze goen. Also dat ass elo näischt Dramatesches.

An der Rue des Écoles zu Nidderkuer, bei der Rue St. Pierre, do war jo d'Strooss zou, well do gläichzäiteg zwee Chantiere waren.

An elo war d'Demande nach eng Kéier erakomm, well do eng Grue mobile kënnt, fir erëm zouzemaachen. Do hu mir gesot: Nee, dat maache mer elo net nach eng Kéier, si sollen dat mat Vigië reegelen.wWell et ass ëmmer just kuerzzäiteg, wou déi Grue ass. Et ass eng Grue mobile, an dann ass d'Strooss awer dee ganzen Dag zou – dat bréngt et och net. Do hu mer ganz kloer gesot, si missten dat mat Vigien organiséieren, datt awer de Verkéier normal fléisse kéint.

D'Creos huet och ee grousse Chantier, wann een d'Lonkescher Strooss eropfiert vum Kannerbongert bis bei d' Fransousekräiz, bis hanne weider bei d' Kräizung, wou et vun Déifferdeng op den Roudenhaff geet. Do ass elo vum Kannerbongert bis bei déi Kräizung sens unique. Déi leschte Kéier, wou ech se gefuer sinn, ass mer een entgéintkomm. Wéi gesot, et gëtt ëmmer Leit, déi sech net un d'Reegelen halen.

Et kënnt ee ganz normal bei de Kannerbongert, vun Nidderkuer erop bis Fond-de-Gras. Just wann een da vu Lasauvage kënnt oder vu Rodange, an et wëll een op Nidderkuer fueren, muss een duerch d'Héisenger Strooss an dann d'Rue Emile Mark fueren.

De Belair/ Metzkimmert ass erëm wéi virum Congé collectif reglementéiert.

An dann hu mer nach zwou Reglementatiounen, wat eis Manifestatiounen ugeet. D'Place Jéhan Steichen ass wéinst der Kiermes ufanks Oktober net disponibel. A fir „Lommelshaff, Terre ferme“ ass vun der Kräizung ënnen, Avenue Charlotte / Boulevard Emil Krieps bis bei de Passage à niveau owes gespaart.

Mir ware sur place, mir hu geduecht, wa mer elo hei andauernd Verkéier lafe loossen, déi Leit, déi banne sëtzen, déi héieren näischt. Do hu mer gesot, fir déi zwou Stonne maache mer einfach zou. An d'Leit fueren da wärend deenen zwou Stonnen e bësse ronderëm. Owes ass net esou vill Verkéier, et sinn net esou vill Busser, déi fueren. Do hu mer decidéiert, wärend deenen zwou Stonnen, wou déi Produktioune sinn – et ass

*Au Parc-des-Sports, il a fallu transporter des poutrelles de 45 m. Les voitures ne pouvaient donc pas circuler. Dans l'ensemble, les travaux se sont bien passés. Mais si certaines personnes refusent de se tenir aux règles, les règlementations de la commune ne servent à rien. Les travaux vont reprendre normalement demain. Le trottoir sera occupé. L'arrêt de bus devra être déplacé. Il sera interdit de stationner devant la salle de sport en journée.*
*Au Bock, le règlement d'avant les vacances rentre en vigueur. Paulo De Sousa voulait y apporter quelques modifications, mais c'est impossible pour des questions d'assurance.*
*Dans la route de Belvaux, le règlement est prolongé. L'arrêt de bus est déplacé de cent mètres en direction de Belvaux.*
*Au Woiwer, le chemin piétonnier entre la rue Michel-Rasquin et l'école du Woiwer est fermé à cause du chantier du parking écologique.*
*À Niederkorn, la rue des Écoles était bouclée à cause de deux chantiers. Une nouvelle fermeture a été demandée en raison de la présence d'une grue mobile, mais la commune a refusé.*
*La route de Longwy est à sens unique entre le Kannerbongert et le carrefour derrière le Fransousekräiz. La dernière fois qu'il y est passé, Paulo De Sousa a constaté que tout le monde ne se tenait pas aux règles. Le Kannerbongert reste accessible depuis Niederkorn. Mais les automobilistes en provenance de Lasauvage devront passer par la rue de Hussigny et la rue Émile-Mark.*
*Le Metzkimmert est règlementé comme avant les congés.*
*La place Jéhan-Steichen ne sera pas disponible début octobre à cause de la kermesse.*

*L'avenue Charlotte entre le boulevard Émile-Krieps et le passage à niveau est fermée le soir pendant deux heures quand le Lommelshaff accueille le spectacle* Terre ferme.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que cinquante règlements temporaires, c'est beaucoup. On voit bien que les congés collectifs sont finis.*
*Guy Altmeisch a cependant quelques remarques à faire. Il se réjouit de la fin du chantier du Parc-des-Sports, car la situation est dangereuse. Le règlement ne tient malheureusement pas compte des piétons dans le premier tiers du chantier. Ce matin, il a constaté que sur trois mètres, les piétons ne sont sécurisés que par un ruban de signalisation. Or lundi et mardi, les enfants s'entrainent au Parc-des-Sports. Trois-cents ou quatre-cents enfants se rendent à la piscine. Ils risquent de jouer avec le ruban. C'est dangereux. Installer une barrière aurait été beaucoup plus sûr.*
*Guy Altmeisch passe au contrôle des chantiers de longue durée. Quand il y a un orage, les panneaux de signalisation finissent souvent dans les fosses et ne remplissent plus leurs fonctions. Guy Altmeisch propose d'afficher le numéro de téléphone du responsable de chantier sur un panneau. De cette façon, les gens pourraient l'alerter d'un problème survenant le weekend, par exemple. Il peut s'agir aussi bien de quelqu'un des services de régie que d'un responsable de l'entrepreneur. Les détails devraient figurer dans le cahier des charges.*
*Guy Altmeisch n'est pas satisfait non plus de la coordination des chantiers. Il était content de voir que deux ouvriers de la commune avaient réalisé le marquage de la rue Xavier-Brasseur et des rues autour. Comme il faisait sec, ils y ont passé trois jours. La semaine suivante, une entreprise a réalisé des travaux sur le site. Le marquage a donc été fait pour rien. C'est à en pleurer. La commune a investi une semaine, 200 l de peinture et de nombreuses heures et devra recommencer de zéro. Cela coute de l'argent. Il faut donc coordonner les chantiers de manière plus efficace.*

elo nach sechsmol –, d'Strooss och dann zouzemaachen, dësen Deel.

Dat waren d'Haaptpunkte vun de Reglementer. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

### GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, 50 Drénglechkeetsreglementer, dat ass e gudde Pak. Wéi de Kolleeg sot, et gesäit een, dass de Congé collectif eriwwer ass, well et iwwerall ugeet mat Schaffen. Wat jo och eiser Wirtschaft guttdeet.

Leider muss ech awer verschidde Saache bemängelen, déi ech elo festgestallt hunn. Ech fänken hei vir u mat deem Chantier. Ech si frou, wann de Chantier an der Rue Parc des Sports fäerdeg ass, deelweis ass dat eng ganz geféierlech Situatioun. Leider hu mer bei der Reglementatioun am änneschten Drëttel eis Foussgänger vergiess. Et ass nämlech guer keng Banderole do, wou d'Leit sech sécher kënne fillen.

Och fir erop, hunn ech gemierkt, wéi ech de Moien erofkomm sinn, ass dann eng Barriär, da sinn erëm dräi Meter fräi, wou mat Flatterbännercher zougemaach ass. Wa mer wëssen, dass do méindes, dënschdes Kanner op den Training ginn, respektiv wa se an d'Schwämm ginn, eng 300-400 Kanner eropginn, ass e Flatterbändchen fir Kanner, déi an Dräier- a Véierergruppen dorobber ginn, net onbedéngt en Zeeche vu Sécherheet.

Do mécht ee sech dann e Pleséier draus, fir deen anere mol an e Flatterbändchen ze stoussen, wärend en Auto awer relativ nobäi eropfiert. Do hätt ech proposéiert, dass mer direkt mat Barriäre vun ënne bis erop gefuer wären, dat wär vill méi sécher gewiescht fir d'Kanner, déi entweeder vun der Sportshal profitéieren, vun der Schwämm oder hei vum Fussballterrain. Well dat sinn der awer vill, déi do erofginn.

Déi aner Saach, déi ech schonn des Ëftere bemängelt hunn, déi awer elo an der Lescht erëm e puermol u mech erugedroe ginn ass, dat ass eis Kontroll vun de Laangzäitchantieren. Wann d'Wieder wiesselt, et gëtt Reen, et gëtt e bësse Stuerm an esou virun, da fënnt een des Ëfteren déi Schëlter, déi awer ganz wichteg sinn, an de Grief zréck, an do ass Waasser, Iwwerschwemmung dran. Dann erfëllen déi hiren Zweck net ëmmer.

Mir missten onbedéngt als Gemeng drop oppassen, dass wann esou Laangzäitchantiere sinn, dass de Responsabele vum Entrepreneur oder vun der Entreprise mat enger Telefonsnummer géif um Panno stoen, dee géif iwwert de Chantier informéiert ginn.dDass d'Leit, déi eppes feststellen, engem Responsabele kéinten uruffen – och weekends, well och Weekender geschéien Accidenter. Wat dann net méi ofgesécher ass bis méindes.

Sief vun de Leit vun eisem Service régie oder vun dem Entrepreneur senger Säit, do misst e bësse besser drop opgepasst ginn, wann déi Chantiere vergi ginn. Dat misst och an de Cahier de charges stoe kommen, fir dass sech dorunner géif gehale ginn.

E weidere Malaise, leider, muss ech och erëm feststellen. Dat ass d'Koordinatioun vun de Chantieren. Ech war richteg frou, wéi zwee Leit vum Marquage vun der Gemeng d'Xavier-Brasseur-Strooss an déi Stroosse ronderëm mat frëschem Marquage versinn hunn, nei ugestrach. Et war eng dréchen Zäit, si waren dräi Deeg amgaangen zu zwee Mann, mat dem Material a mat der Faarf vun der Gemeng.

Oh Schreck, oh Wunder, déi Woch drop koum eng Entreprise an huet d'ganz Strooss opgefrääst – an d'Aarbecht war fir näischt. Dat deet een natierlech kräischen, wann een dat gesäit, dass mer eng Woch investéieren, dräi Leit mat, ech weess net, 200 Liter Faarf an d' Stonnen an esou virun. Da gëtt d'Strooss nei opgefrääst, an da fänke mer erëm bei null un.

Et misst besser opgepasst ginn. Dat kascht jo awer alles Geld. Mir si jo frou fir ze spueren, da misste mer do awer och méi un d'Spueren denken an déi Koordinatioun besser maachen tē-

schent den Entreprisen, oder wa mer Saache verginn, an eise Leit vun der Gemeng.

Eng aner Saach, déi mer vun den Elteren erugedroe ginn ass, déi ech selwer awer nach net kontrolléiere konnt, vu dass ech d'Zäit nach net hat, et ass zimmlech rezent gewiescht: Nidderkuer, Rue des Écoles gi moies d'Foussgängerluuchten ausgeschalt. Et si Leit vun de Servicer vun der Gemeng, déi dat da kontrolléieren an de Kanner iwwert d'Strooss hëllefen. Wat eng ganz gutt Saach ass.

Mir mussen eis awer bewosst sinn, dass wann déi Luuchten ausgeschalt ginn, dass den Automobilist net ëmmer onbedéngt op déi Situatioun virbereet ass. Dee waart do op rout Luuchten, dee gesäit keng rout Luuchten an da weess deen net, wéi sech behuelen. Des Weidere ginn dann d'Luuchten erëm ugeschalt, an d'Leit vun eis ginn hirer Wee. Oder si bleiwen nach eng Zäit aus, wou keng Leit méi vun eis do sinn. Mir mussen dat besser gereegelt kréien, fir esou mann wéi méiglech Geforesituatiounen opkommen ze loossen.

Wéi gesot, ech hunn dat net selwer kontrolléiert, mee et wär derwäert, fir dat awer eng Kéier kucken ze goen. Net dass mer do eng Situatioun schafen, déi e bësse geféierlech ass fir d'Elteren an d'Kanner. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Mir huelen Är Recommandatioune mat a kucken, wéi mer eis do besser opstelle kënnen. Merci fir Äert Engagement.

Ech ginn d'Wuert un den Här De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Zu Nidderkuer bei der Rue des Écoles, dee Problem hate mer schonn d'lescht Joer, datt do eng Platinn futti gaangen ass a mir kréie keng erbäi. D'Luuchte si konstant aus. Déi gi guer net ugemaach, déi fonctionéiere guer net an der Rue des Écoles. Ech soen Iech dat just.

Wann een et elo richteg maache wéilt, misst een d'Luuchte souguer ganz zoudecken. Ech huelen dat mat. Laut Code de la route, wann do Luuchte sinn, déi net blénken, de Foussgänger huet d'selwecht Virfaart wéi den Automobilist. Kucken dann do eng Léisung ze fannen. D'Platinn ass bestallt, de Problem hate mer d'lescht Joer schonn oder virun zwee Joer, wou déi Platinn futti gaangen ass. A wéi bei allem, d'Material kënnt net no. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hätt eng Suggestioun. Et kann een et net esou loossen, well ech gesi jo all zweeten Auto fiert do driwwer. D'Leit wëssen net, déi si gewinnt, entweeder ass d'rout Luucht un an ech verstinn och, dass laut Code de la route ëmmer erëm de Foussgängersträife Virrecht huet, dofir mengen ech, sollt een e Schëld dohistellen, dass d'Luuchten hors service sinn a vläicht eng Blénkluucht oder wat weess ech, iergendeng Alternativ, fir d'Leit an d'Automobilisten op eng Geforesituatioun hinzeweisen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Villmools merci. Da komme mer elo zum leschte Punkt virun de Froe vum Ordre du jour. Dir gesitt d'Demissioun vum Här Dan Bauler an Ärem Dossier. Deen dann net méi President vum Comité vun der École fondamentale vun Uewerkuer si wäert. Opgrond vum Här Dan Bauler senger Demissioun war e Vott, an do ass d'Madamm Marilena

*Par ailleurs, des parents ont rapporté à Guy Altmeisch que dans la rue des Écoles à Niederkorn, les feux tricolores sont éteints le matin. Lui-même n'a pas encore eu le temps de vérifier. Apparemment, des employés communaux aident les enfants à traverser la rue. À priori, c'est une bonne chose. Mais il ne faut pas oublier que les automobilistes ne s'attendent pas nécessairement à ce type de situations. Il s'attendent à voir des feux, qui ne fonctionnent pas. Ensuite, les employés communaux s'en vont et les feux tricolores sont remis en marche. Cela devrait être régulé de manière plus efficace.*
*Guy Altmeisch ne s'est pas rendu sur place, mais il faut à tout prix éviter une situation dangereuse pour les enfants et leurs parents.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *tiendra compte des recommandations de monsieur Altmeisch.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que dans la rue des Écoles, les feux tricolores sont en panne depuis l'année dernière. La pièce nécessaire à la réparation n'arrive pas. Ces feux ne fonctionnent donc jamais. Toutefois, on pourrait couvrir les feux. Il faudra trouver une solution. Le matériel prend du temps à être livré.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime qu'il faut intervenir. D'après le Code de la route, les piétons ont la priorité sur les passages pour piétons. C'est pourquoi il faudrait poser un panneau signalisant que les feux tricolores sont en panne pour attirer l'attention des automobilistes sur les éventuels dangers.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à la démission de monsieur Dan Bauler de son poste de président du comité de l'école fondamentale. Madame Marilena Falbo le remplace au sein de la commission scolaire.*

*Pour le DP, madame Tamara Frank est remplacée par madame Vanessa Hansen au sein de la commission des enfants.*
*Pour les écologistes, monsieur Nico Scherschel est remplacé par madame Carine Nardecchia au sein de la commission des sports.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch précise que madame Carine Nardecchia devient présidente de ladite commission.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux questions.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a vu une pancarte à l'arrêt de bus du cimetière de Differdange indiquant que l'arrêt de bus ne serait pas desservi entre le 12 janvier 2022 et le 28 février 2022. L'arrêt serait transféré dans l'avenue Charlotte.*
*Aujourd'hui, le 28 septembre 2022, 7 mois après l'annonce, le bus ne dessert toujours pas cet arrêt.*
*Erny Muller voudrait savoir combien de temps le collège échevinal compte demander aux personnes âgées qui se rendent au cimetière de marcher depuis l'avenue Charlotte.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *croit connaitre la réponse, mais elle n'en est pas sure. C'est pourquoi elle préfère se renseigner.*
*(Interruption de M. Muller)*
*Christiane Brassel-Rausch demande à monsieur De Sousa de vérifier auprès de ses services.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime que même s'il y a une explication, il aurait fallu modifier la pancarte. Mais il suppose que la commune reçoit beaucoup de réclamations.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que le collège échevinal fera le nécessaire.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *a une question concernant le chemin d'accès au Kannerbongert. Monsieur De Sousa a partiellement répondu tout à l'heure.*

Falbo gewielt ginn, déi dann elo Uewerkuer an der Schoulkommissioun vertrëtt. Dat ass deen éischte Wiessel an de Kommissiounen.

Dann hu mer vun der Demokratescher Partei e Wiessel matgedeelt kritt an der Kannerkommissioun. D'Madamm Tamara Franck gëtt ersat duerch d'Madamm Vanessa Hansen vun Nidderkuer.

An déi Gréng hunn eis matgedeelt, dass den Här Nico Scherschel duerch d'Madamm Carine Nardecchia an der Sportskommissioun ersat gëtt a Presidentin ass.

Iwwert d'Presidente maache mer eng Ofstëmmung. Déi aner huele mer zur Kenntnis, d'Schoulkommissioun plus d'Kannerkommissioun. Maache mer dat à main levée fir d'Presidenten? Okay à main levée. Wien ass derfir, dass d'Madamm Nardecchia den Här Scherschel ersetzt als Presidentin vun der Sportskommissioun? Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Merci.

*Le conseil communal approuve à l'unanimité les changements au sein des commissions consultatives.*

Un d'Froen. Do hate sech gemellt: den Här Muller, den Här Hobscheit, den Här Meisch an den Här Bertinelli.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Meng Fro un de Schäfferot ass follgend: Um Busarrêt vum Déifferdenger Kierfecht, zimmlech um Enn vun der Rue Pasteur, ass säit dem 12. Januar 2022 eng provisoresch Pancarte ubruecht mat follgendem Text, ech liese vir: „Attention, l'arrêt de bus ne sera pas désservi du 12.1.2022 au 28.2.2022, l'arrêt sera transféré vers l'avenue Charlotte."

Haut si mir den 28. September 2022, genee siwe Méint no deem annoncéierten Datum, an de Bus fiert ëmmer nach net op de Kierfecht. Dat heescht, et fiert kee Bus op de Kierfecht an dee Mount ass scho laang eriwwer, wou annoncéiert ass, e géif erëm dohifueren.

Dofir meng Fro: Wéi laang gedenkt de Schäfferot de concernéierte Leit, meeschtens eeler Persounen, déi ëfters op de Kierfecht ginn, et nach zouzemudden déi laang Distanz vun der Avenue Charlotte op de Kierfecht an erëm zréck ze Fouss zréckzeleeën? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir huelen dat mat, Här Muller, an da kritt Der eng Äntwert. Ech hunn eng Äntwert, mee ech weess net, ob se sécher ass. Dofir soen ech se léiwer net. Dat hunn ech geléiert an dräi Joer. Et seet ee besser just déi Saachen, déi ee weess! Ech mengen, ech hunn eng Erklärung, awer den Här De Sousa hëlt et mat. An Dir kritt esou séier wéi méiglech eng Äntwert vun eise Servicer.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Entschëllegt, ech wéilt just eppes soen. Wann et eng Erklärung gëtt oder wat weess ech, dann hätt op jidde Fall déi Informatioun misste geännert ginn op deem Busarrêt, well do steet déi nach ëmmer mat engem Mount. Et komme vill Reklamatiounen eran, warscheinlech sinn der och schonn op der Gemeng ukomm. Ech hoffen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech Merci. Jo, dat soll net sinn. Mir kucken dat no.

Den Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, den Här De Sousa hat virdru schonn deelweis meng Fro beäntwert. Et geet ëm de Campus Kannerbongert, ëm den Zoufaartswee, wou am Moment Aarbechte sinn. Déi Aarbechten hu gefillt ugefaange pénktlech fir d'Rentrée, wat net ganz glécklech ass. Et war laang Vakanz. Fir esou

Aarbechten hätt ee warscheinlech d' Derogatioun kritt, fir am Congé collectif ze schaffen. Wann een eng Derogatioun gefrot hätt, hätt een déi warscheinlech kritt.

Ech froe mech: Wéi laang daueren déi Aarbechten do elo? Firwat goufen déi net zu enger Zäit realiséiert, wou manner um Campus lass war? Gëtt et duerfir e prezise Grond? Dee gëtt et jo vläicht, ech weess et net. Mee op alle Fall fannen ech deen Timing, fir et emol ganz diplomatesch auszedrécken, net ganz glécklech. Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här De Sousa, wannechgelift.

#### PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Déi Aarbechte si vu Creos ugefrot ginn. Wann ech mech net ieren, de genauen Datum kënne mer nokucken, sinn et zwee Méint, wou déi Aarbechte vu Creos eeben do sinn. Mir hunn do guer keen Afloss drop. Si ginn eis déi eran. Sécher wär villes méi angeneem, wann et an d'Schoulvakanz géif falen, wéi och dës Aarbechten. Mee heiansdo ass de Planning eeben esou wéi en ass. Do kënne mer leider näischt maachen.

#### PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech maachen Iech net onbedéngt e Virworf, mee et ass nun emol deen eenzegen Zoufaartswee fir op de Schoulcampus. An am Summer geschitt näischt, also souwäit ech matkritt hunn, geschitt am Summer net vill, An dann elo pénktlech fir d'Rentrée fänken déi Aarbechten dann un. Wéi gesot, ech verstinn d'Erklärunge vum Här De Sousa, ech huelen déi zur Kenntnis, mee et ass awer wierklech keng glécklech Situatioun.

#### PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Ech mengen, jidderee wëll, datt déi meeschten Aarbechten an d'Vakanze falen. Mee dat geet eeben net.

#### PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Do sinn ech zwar elo net mat Iech averstanen. Well hei schwätze mer wierklech vum Zoufaartswee bei e Schoulcampus. Dat sinn awer Aarbechten, fannen ech, déi ee vläicht hätt kënne kucken – ech verstinn, dass d'Gemeng do e begrenzten Afloss drop huet, huelen ech zur Kenntnis, mee wann et deen eenzegen Zoufaartswee bei e Schoulcampus ass, mengen ech, wär d'Schoulvakanz awer schonn déi Zäit, wou een dat vläicht sollt kucken ze maachen. Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Da wier et um Här Meisch, wannechgelift.

#### FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci fir d'Wuert. Et ass éischter eng Informatioun wéi eng Fro. Verschidden Elteren hunn eis rapportéiert, dass Kanner am Precocen-Alter, déi am Déifferdenger Zentrum an d'Maison relais ginn, missten nom Iessen hire Kapp op den Dësch leeën, fir ze raschten.

Wann deem wierklech esou ass, da fannen ech dat veraalte Methoden. Da misst een do awer intervenéieren an aner Moyenen zur Verfügung stellen. Do gëtt et jo awer flott Saache mëttlerweil, wou d'Kanner kënne berouegt ginn an eventuell raschten.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech ka just staunen, Här Meisch.

#### FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech ginn de Message just weider.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech wäert dat nofroen. Villmools merci. Virun allem, well eis Sitte sech jo awer fir de Welt-Atelier ausgeschwat hunn, ganz offensichtlech. Dir wësst,

*Les travaux ont commencé à temps pour la rentrée, ce qui est tout sauf heureux. La commune aurait sans doute pu obtenir une dérogation pour réaliser ces travaux pendant les congés collectifs. Combien de temps le chantier va-t-il encore durer ? Pourquoi n'a-t-il pas commencé à un autre moment ? Le calendrier n'est vraiment pas bon.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que ces travaux sont réalisés par Creos et devraient durer deux mois. La commune ne peut rien faire. Bien entendu, il aurait mieux valu réaliser les travaux pendant les grandes vacances. Mais le calendrier est ce qu'il est.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *ajoute que le Kannerbongert ne dispose que d'un accès. Pendant l'été, tout y est calme. Pourquoi attendre la rentrée ? Pierre Hobscheit comprend les explications de monsieur De Sousa, mais il n'en est pas heureux.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'idéalement, tous les travaux devraient avoir lieu pendant les vacances. Mais ce n'est pas possible.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *n'est pas d'accord, car il est question de l'accès à un campus scolaire. Il comprend que la marge de manœuvre de la commune est restreinte, mais il aurait été évident d'opter pour les grandes vacances.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *a entendu dire que les enfants du précoce à Differdange-centre doivent se reposer la tête sur la table après le déjeuner. Si tel est vraiment le cas, il s'agit de méthodes dépassées. La commune devrait intervenir, car il existe des méthodes plus chouettes pour calmer les enfants.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se dit interloquée.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *n'est que le messager.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se renseignera.*

*Les sites de Differdange appliquent le* Weltatelier. *Tous les éducateurs en sont satisfaits. C'est pourquoi l'information de monsieur Meisch l'étonne.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a une question pour monsieur Aguiar. On lui a rapporté que le climat au sein du service des sports serait mauvais. Apparemment, certains employés auraient même consulté un avocat et auraient l'intention de dénoncer la commune. Le syndicat a d'ailleurs confirmé ces affirmations. Monsieur Aguiar est-il au courant ? A-t-il entrepris quelque chose ? Fred Bertinelli en a entendu parler et voulait poser la question directement à l'échevin.*
*La deuxième question concerne les mesures d'économie d'énergie. Le soir, quand il passe devant le parking à côté, l'éclairage est tellement fort qu'on le voit depuis la rue des Mines. Ne pourrait-on pas éteindre ces lumières ? Les gens s'attendent à ce que la commune donne le bon exemple et supposent que le parking est géré par la commune. Les lumières s'allument de 17 h à 7 h. Il y a moyen de faire des économies.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *a posé la même question et on lui a dit que les lumières devaient rester allumées.*
*Differdange a été une des premières communes à adopter des mesures d'économie d'énergie. Mais Christiane Brassel-Rausch n'est pas du genre à courir auprès des journalistes pour faire des annonces. Mais la commune fait du bon travail et a un plan, qui est bien réfléchi.*

**PAULO AGUIAR (DP)** *n'était pas au courant du mauvais climat au service des sports. Ce n'est pas le constat qu'il fait. Certes, le service est en train d'être restructuré, mais il ne voit pas de quoi monsieur Bertinelli parle.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *clôture la séance publique*

dass ech hinnen nom Covid Méiglechkeete ginn hat, si sollte kucken, wat de Covid mat hinne gemaach huet a wéi d'Sitte funktionéieren. A si hu sech unanime fir de Welt-Atelier ausgeschwat, deen awer deelweis adaptéiert gëtt op de Sitten no Besoin. Mee dat do erstaunt mech an ech kann Iech verspriechen, ech huelen dat do mat.

Dir musst mer vläicht herno en Dag soen oder esou, mir kucken dat herno. Merci.

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech hätt zwou Froen. Déi éischt un den Här Aguiar. Dat wier eng Richtegstellung. Well eis zougedroe ginn ass, datt d'Klima an eisem Service des sports esou schlecht wier, datt verschidden Aarbechter souguer geriichtlech oder iwwer Affekot géint eis virgaange wieren. An datt och ganz vill Aarbechter aus dem Service wéilte fortgoen, well d'Klima do net méi erdrobar wier. Hu mer och confirméiert kritt vun eise Leit aus der Gemeng, déi fir d'Gewerkschaften zoustänneg sinn.

Ech wollt Iech froen, ob den Här Aguiar doriwwer Bescheed weess, ob en eppes ënnerholl huet oder wéi en dat gesäit. Well mer vu baussen esou Informatioune kréien, déi mer op der Strooss esou gesot kréien, hunn ech gesot, ech géif Iech froen, Här Aguiar. Well déi Situatioun do net ganz gesond wier. Dat ass meng éischt Fro.

Déi zweet Fro, am Ufank vun der Sitzung ass gesot ginn, wat mer alles géife spueren. Eng Woch fueren ech elo scho laanscht dee Parking hei, wou d'Luuchten nuets esou hell sinn, dass de bis d'Rue des Mines näischt gesäis. An dat si vill Luuchten. Do wollt ech froen, ob et net méiglech wier, datt een déi nuets kéint ausmaachen oder vläicht nëmmen eng uloossen. Als Gemeng gi mir do kee gutt Bild of. Well d'Leit soe sech, et ass der Gemeng hiert Parkhaus, an da soll een och mam gudde Beispill virgoen an déi Luuchten nuets dann ausmaachen oder och net dee ganzen Dag brenne loossen. Ab 17 Auer sinn déi un, dann ass et nach hell, da sinn déi u bis moies Auer. Also do kéint een och vläicht, wann ee spuere wëll, e bësselche spueren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, mir huelen dat mat.

Mat de Luuchten, ech hunn déi Fro do scho virun dräi Joer gestallt, an do hu se mer gesot: Dir musst se uloossen. Ma dann huele mer dat mat. Ech mengen, mir sinn e gutt Beispill, wat d'Spuermoossnamen ugeet. Mir ware mat déi Éischt, déi Spuermoossnamen un d' Press erausginn hunn. Et ass leider elo net a mengem Charakter, fir mech dann op all éischt Foto a virun all éischt Kamera ze stellen, fir dat matzedeelen wéi dat aner Gemengemamme gemaach hunn. Mir si gutt opgestallt. Et deet mer och net leed, mee mir si gutt opgestallt. Mir hunn en duerchduechte Plang. Ech huelen dat do gär mat. Den Här De Sousa kann et mathuelen. Et ass, fir en Zeechen ze ginn.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gär geschitt. Den Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Monsieur Bertinelli. À ce stade, j'apprends qu'il y a un très mauvais climat. Ce n'est pas le constat que je fais actuellement. Bien évidemment, je le prends avec. Dans notre service, comme dans tous les services, il y a quelques petites restructurations qui sont en train d'être faites, mais avocat et tout ça, je ne sais pas de quoi vous parlez. C'est ce que j'ai à répondre. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Domat ass d'ëffentlech Sitzung fäerdeg. Ech soen Iech Merci an da gi mer an déi netëffentlech.

# WORKING TOGETHER

## THIS IS HOW WE CAN SAVE WATER



### VISIT PUBLIC POOLS

AVOID FILLING AND REFILLING PRIVATE POOLS.



### WASH YOUR CAR IN A CAR WASH

CLOSED SYSTEMS REUSE WATER MORE THAN ONCE.



### OPTIMIZE THE USE OF YOUR WASHING MACHINE

RUN IT ONLY FULLY LOADED.

### WATER AS LITTLE AS POSSIBLE WITH DRINKING WATER

THE LAWN DOES NOT NEED TO BE WATERED BECAUSE IT RECOVERS QUICKLY. WATER YOUR BEDS AND PLANTS AFTER SUNSET.





### AVOID CLEANING YOUR OUTDOOR SURFACES WITH DRINKING WATER

USE DRINKING WATER SPARINGLY.

### DO NOT SHOWER FOR TOO LONG

A SHORT SHOWER IS ENOUGH TO FRESHEN UP.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration de la gestion de l'eau

ALUSEAU
association luxembourgeoise des services d'eau

Zesumme fir eist
WAASSER


QUAND
FAUT
PAS
Y ALLER,
FAUT
Y ALLER.
Merci aux habitants et à la commune de
Differdange
qui nous permettent de soigner les personnes
les plus vulnérables à travers le monde.
MEDECINS SANS FRONTIERES
LÀ OÙ ÇA FAIT MAL.
Faites un don sur msf.lu
©MSF/KARAM ALMASRI